

# INFO BLAT

°04 20

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 1. JULI 2020


Coronavirus Actualités Contactez-nous DIFFMAG Emploi Events Photos Revue de presse Urbanisme Vidéos FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 22 juillet 2020

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 22 JUILLET 2020

Téléchargez l'ordre du jour

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Gary Diderich (déi Lénk) | Ali Ruckert (KPL) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Jerry Hartung (CSV) | Christiane Saeul (DP) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Georges Liesch (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Fränz Meisch (DP) | Guy Tempels (CSV) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Erny Muller (LSAP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.


INFO BLAT .04 20

COMPTE-RENDU DU 1ER JUILLET 2020

4-65

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Nathalie Flenghi

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 04/2020,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 1ER JUILLET 2020

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Serge Goffinet (LSAP), Nicole Wohl (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.**
2. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Projets communaux :**
   a. Plan vert — réalisations : réalisation d'un bac à arbres et d'un système d'arrosage sur le parking situé à l'intersection de la rue des Écoles et de la rue Pierre-Gansen à Niederkorn — plan et devis, article budgétaire 4/542/221100/99001 ;
   b. Construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire à Niederkorn — devis supplémentaires, article budgétaire 4/822/221311/15021 ;
   c. Travaux préliminaires en relation avec la rénovation et la modernisation, phase II, du centre sportif à Oberkorn — devis, article budgétaire 4/822/221311/18020 ;
   d. Décompte de travaux du bâtiment C sur le site du 1535° Creative Hub, articles budgétaires 4/493/221311/14016, 4/493/221311/15023 et 4/493//221311/16009.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :**
   a. Projet d'aménagement particulier au lieudit « An der Neuwiss/Woiwerwisen » à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la Ville de Differdange ;
   b. Projet d'aménagement particulier au lieudit « A Lauterbann » à Niederkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la Ville de Differdange.
5. **Enseignement fondamental :**
   a. Changements dans l'affectation des postes au cours de l'année scolaire 2019-2020 ;
   b. Organisation pour l'année scolaire 2020-2021.
6. **Structures d'accueil : règlements d'ordre interne des sites.**
7. **École de musique : organisation provisoire pour l'année scolaire 2020-2021.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Premier avenant à la convention du réseau de chauffage urbain « Woiwerwisen » à Oberkorn avec la SA Luxenergie ;
   b. Contrat de bail pour un local commercial situé dans la zone piétonne à Differdange ;
   c. Troisième avenant au contrat de bail de la brasserie-restaurant située à l'Aalt Stadhaus à Differdange ;
   d. Conventions liées au réaménagement de la rue Belair à Differdange ;
   e. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.
9. **Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**
10. **Changements au sein des commissions consultatives.**
11. **Point supplémentaire : statuts de Minett Park Fond-de-Gras ASBL.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance. Elle propose de désigner un nouveau local pour les séances du conseil communal en raison de la COVID-19 comme le permet la loi du 24 juin 2020. La séance d'aujourd'hui et celle du 22 juillet 2020 auront lieu au Hall O. Cette décision est soumise à l'approbation du ministère de l'Intérieur.*
*(Discussions et vote)*
*Christiane Brassel-Rausch excuse madame Nicole Wohl et monsieur Serge Goffinet. Monsieur Muller participe par vidéoconférence.*
*Monsieur Muller peut prendre part aux votes de la séance publique, mais pas de la séance à huis clos. En cas de problème technique, monsieur Altmeisch votera par procuration.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *acquiesce.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'un point a été ajouté à l'ordre du jour.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que cet ajout doit être soumis au vote.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de traiter le point supplémentaire à la fin de la séance.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souhaite poser une question à la fin de la séance.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a lui aussi une question.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären. Ier mer eise Gemengerot ufänken, huele mer direkt den éischte Punkt, Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal. D'Gemengegesetz gesäit vir, dass ee mat der Approbatioun vum Interieur en anert Lokal fir de Gemengerot kann designéieren. Am Gesetz vum 24.6.20 iwwert d'Aféierung temporaire vun de Mesurë vum Covid – dat gëllt elo ee Mount –, gëtt den Artikel 22 vum Gemengegesetz eng Derogatioun.

Dat heescht, dass d'Designatioun vun engem anere Lieu net der Approbatioun vum Inneministère ënnerläit. Dofir stellen ech elo zum Vott, ob mer de Gemengerot vun haut, dat heescht vum 1. Juli 2020, an en même temps de Gemengerot vum 22. Juli 2020 hei am Hall O dierfen ofhalen.

(Diskussiounen)

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner comme lieu de réunion des séances du conseil communal des 1er et 22 juillet 2020 le hall polyvalent Hall O à Oberkorn.*

Ech soen Iech villmools merci. Domadder ass de Gemengerot dann op. Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir d'Madamm Nicole Wohl ze entschëllegen, déi net kann um Gemengerot deelhuelen. Den Här Serge Goffinet ass och entschëllegt, fir net um Gemengerot deelzehuelen haut. An ech begréissen iwwer Videokonferenz den Här Erny Muller. Bonjour, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Gudde Moien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et spillt déi al Reegel, déi mer schonn haten. Dir dierft um Vott deelhuelen, ausser bei der Seance non-publique. Do dierft Der net deelhuelen. A wann aus technesche Grënn – just aus technesche Grënn –, Dir géift ausfalen um Bildschierm, dann huet den Här Altmeisch Är Procuratioun a ka fir Iech matstëmmen. Ass dat esou an der Rei?

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo. Ech soe merci dofir.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géif ech nach eng Kéier froen: Jiddwereen huet matkritt, dass en zousätzleche Punkt op den Ordre du jour vun haut komm ass. Dat ass ee Punkt aus deem zwee Votte resultéieren. Dofir bieden ech Iech, dass mer déi Ajoute zum Ordre du jour kënne maachen a géif och dofir e Vott froen, dass Der d'accord sidd, dass mer dat drop hunn.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'ajouter un point à l'ordre du jour de la séance publique.*

Da soen ech Iech villmools merci. Ech géif virschloen, deen zousätzleche Punkt ganz zum Schluss vun der Seance publique ze huelen.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech wollt eng Fro umellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, ech och. Ech wéilt och eng Fro umellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Also eng Fro vum Här Meisch an eng vum Här Muller.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

A vum Här Bertinelli.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A vum Här Bertinelli. Déi huele mer da ganz zum Schluss vun der Seance publique.

Da wiere mer beim zweete Punkt vum Ordre du jour, de Kommunikatiounen. Ech wëll Iech e puer Saache matdeelen. Dat Éischt ass: Mir hunn zur Kenntnis geholl, dass mer betraff si vu rezente Violencen an Zerstéierungen, déi an eiser Gemeng stattfannen. Déi lescht war de Kierfecht zu Uewerkuer, wou Griewer beschiedegt gi sinn, wou Blumme verstreet gi sinn. Awer och allgemeng um Territoire vun der Gemeng Déifferdeng.

Ech kann Iech versécheren, dass mer an enker Zesummenaarbecht mat eiser Police, mat eisen Agents municipaux an dem Fierschter a senge Servicer alles drusetzen, fir esou Incidenten ze verhënneren. An ech kann Iech soen, dass eise Projet, fir Kameraen unzebréngen op deene verschiddene Plazen, net geet, soulaang net en neit Gesetz gestëmmt ass. Mee mir sinn drun un de Problemer. A mir maachen, wat mer kënnen.

Als zweet Kommunikatioun wëll ech Iech e puer Aktioune virstellen, wat d'Hëllef fir eis Geschäfter ugeet. Am Moment hu mer dräi Aktiounen, fir eis lokal Geschäfter ze ënnerstëtzen.

Eng éischt ass de Kuerf „Ech kafe lokal". Dat ass e klenge Merci. Dat ass e Projet, dee vun der Gemeng mat der ACOMM zesumme gestart ass. Do kréien d'Leit e Kuerf fir näischt. Déi zweet ass e Cargobike electrique fir verschidden Händler. D'Madamm Saeul kuckt mech – dat ass fir d'Geschäfter, dass déi kënnen hir Liwwerunge mat engem elektresche Cargobike maachen. Dat ass e Pilotprojet, deen elo dräi Wochen, ee Mount dauert. Wou verschidde Geschäfter dee lounen – ech hu se och schonn an Déifferdeng gesinn – a kënne wat och ëmmer de Cliente bréngen. An net mam Auto fueren. Dat ass déi zweet Hëllef.

Eng Drëtt ass an der Maach. Mir haten d'leschte Kéier geschwat vum waarmen Iesse fir d'Schoulkanner, dass dat esou schwiereg ass. Do hu mer elo probéiert, am Sënn vun de Kanner, awer och am Sënn vun eise Geschäfter, dass bis zum Enn vum Schouljoer all Kand e Stéck Pizza kritt.

Dat wär eng riseg Organisatioun fir déi lokal Pizzeriaen, fir esou vill Pizzae gläichzäiteg un déi verschidde Schoulen ze liwweren. Dofir wäerten net alleguerten d'Kanner – dat ass ganz wichteg – deen nämmlechten Dag eng Pizza kréien. Dat heescht, vu dass et der esou vill sinn, gi se opgedeelt. Deen een Dag kritt deen ee Grupp Pizza. An da kritt deen aneren Dag en anere Grupp Pizza. Mee et soll esou sinn, dass zum Schluss vum Joer all Kand e Stéck waarm Pizza hat. Op där anerer Säit ass et eng Ënnerstëtzung fir eis lokal Restauratioun.

Op Virschlag vun der ACOMM ass eng Bongenaktioun gestart ginn. Déi géif dauere vu Juli dëst Joer bis Mäerz d' nächst Joer. Et géifen zéng Gewënner pro Mount ginn, déi da géife 50 Euro kréien. Déi ganz Käschte géife vun der Gemeng gedroe ginn. D'Leit halen hir Rechnungen, vun deem, wat se kaf hunn. Et sinn nëmme Butteker, déi non-food sinn. Keng Epicerien, näischt, wou et z'iesse gëtt. Mee alleguer déi aner Butteker. D'Leit halen hir Rechnungen, déi geheie se an eng Urn, déi zou ass. Eis Servicer hëllefen, déi Urn asammelen an en présence vun engem Member vum Schäfferot a vun der ACOMM gëtt gezunn, wien dee Mount déi 50 Euro kritt.

**ENG STËMM:**

D'Restauranten?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Restaurante missten am Fong dobäi sinn.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *en prend note.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que monsieur Bertinelli a lui aussi une question.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux communications.*
*La première concerne certaines violences et détériorations à travers la commune. Les dernières ont eu lieu dans le cimetière d'Oberkorn, où des tombes et des fleurs ont été abimées.*
*La police et les agents municipaux font leur possible pour mettre un terme à ces incidents. La commune ne peut pas installer de caméras de surveillance tant que la loi ne sera pas modifiée. En attendant, elle fait ce qu'elle peut.*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux actions pour soutenir les commerces. Trois sont en cours.*
*La première concerne le « tote bag » « Ech kafe lokal » en collaboration avec l'ACOMM.*
*La deuxième est un projet pilote consistant à mettre des vélos électriques à disposition des magasins pour qu'ils puissent faire des livraisons. Ce projet durera un mois. Les commerçants n'auront pas besoin de prendre la voiture.*
*Le troisième concerne les repas des enfants dans les maisons relais. Comme il est difficile de leur servir des repas chauds actuellement, des restaurants vont leur livrer des pizzas. L'organisation n'est pas évidente. C'est pourquoi les enfants ne recevront pas tous une pizza la même journée. Mais à la fin de l'année, chaque enfant aura eu son morceau de pizza chaude.*
*L'ACOMM a lancé une action avec des bons jusqu'à mars 2021. Dix gagnants par mois recevront un bon de cinquante euros. Les frais sont à la charge de la commune. Les commerces participants ne peuvent pas vendre d'aliments. Les participants déposent leurs tickets de caisse dans une urne. Les vainqueurs seront désignés par tirage au sort en présence de l'ACOMM et du collège échevinal.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch répond que les restaurants devraient pouvoir participer.*

*Differdange fait partie des communes où des élèves sont touchés par la COVID-19.*
*Une procédure a été mise en place en concertation avec le service scolaire, les maisons relais et la direction des écoles. La direction se charge de la communication. Les parents qui ne sont pas contactés par l'Inspection sanitaire n'ont rien à craindre. L'Inspection se charge du traçage.*
*Plusieurs classes ont été mises en quarantaine. La Ville de Differdange et la direction ont décidé que ces enfants seraient réintégrés en groupes afin de protéger les élèves, les enseignants et les éducateurs.*
*Christiane Brassel-Rausch profite de l'occasion pour rappeler qu'il faut respecter les gestes barrières, car la COVID-19 est toujours là. La bourgmestre demande à tout le monde de se tenir aux règles. Il faut continuer à porter le masque, à se laver les mains, à respecter une distance de deux mètres…*
*Le Premier ministre tiendra une conférence de presse cette après-midi à 15 h. Christiane Brassel-Rausch est curieuse de voir comment le gouvernement réagira à la hausse des chiffres.*
*Christiane Brassel-Rausch annonce avoir démissionné du conseil d'administration et du bureau d'Esch 2022. En tant qu'ancienne artiste, elle ne veut pas être juge et partie. Monsieur Ulveling, l'échevin à la culture, représentera la Ville de Differdange.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a quatre communications à faire.*
*Tout d'abord, il a invité madame Nancy Braun à la prochaine séance du conseil communal pour qu'elle fasse une présentation d'une vingtaine de minutes d'Esch 2022. Elle parlera notamment des projets ayant été retenus. Une trentaine de projets se déroulant à Differdange ont été retenus. Mais les décisions ne sont pas encore définitives.*
*Pour Tom Ulveling, le moment est venu de réfléchir à 2022. Le programme culturel est réalisé un an à l'avance. Il faut prévoir le budget. C'est pourquoi il est important de poser quelques questions à madame Braun. Elle sera là dès 8 h. Il faudra veiller à ce que la présenta-*

D'Famille vun den Händler dierfen net matmaachen. An et ka just een eemol pro Tirage gewannen.

Dat wier elo, wat ech vun de Geschäfter ze soen hätt.

Dann hutt Der matkritt, dass an de Schoulklasse Covid-Fäll sinn hei zu Déifferdeng. Ech wëll awer direkt betounen, mir sinn net déi eenzeg Gemeng, déi dovunner betraff ass. Wann een d'Zuele vu gëschter Owend kuckt, ass et ganz kloer amgaang erëm eropzegoen.

A Kollaboratioun mat der Direktioun, mam Schoulservice a mam Service SEA vun de Maisons relais ass eng kloer Prozedur ausgeschafft ginn. Wann et e Fall gëtt, sief et fir en Enseignant, en Educateur oder e Kand, gëtt direkt d'Inspection sanitaire kontaktéiert. Déi ganz Kommunikatioun leeft iwwert d'Direktioun. Innerhalb vun de Strukturen hu si sech e Kommunikatiounsmodus gi fir ze funktionéieren. Dat heescht, wann d'Eltere vun engem Kand net kontaktéiert gi vun der Inspection sanitaire, dann ass kee Problem. Déi maachen den direkten Tracing. An déi kontaktéieren d'Leit och. Mir dierfen aus Dateschutz näischt maachen.

Et si Klassen zum Deel a Quarantän gesat ginn. D'Gemeng Déifferdeng huet zesumme mat der Direktioun vun der Schoulkommissioun d'Decisioun geholl, dass wann déi Gruppen erëmkommen, se a Gruppe bleiwen an net d'ganz Klass zesummen erëmkënnt. Dat ass nach eng zousätzlech Mesure, souwuel fir d'Schoulpersonal wéi d'Kanner an d'Educateuren ze schützen.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, drun ze erënneren – mir wëssen et alleguer –, un déi berüümte Gestes barrières. Mir hu se am Kapp. An dach, wann ee gesäit, wat dobausse lass ass, egal wou, da muss ee sech selwer heiansdo um Bidon rappen a soen: A jo, et ass nach do, och wa mer et net gesinn.

An ech wëll hei wierklech e waarmen Opruff maachen: Kommt, mir halen eis alleguer drun. A sot et och weider an Ärem noen Entourage. Déi Krankheet, an dee Virus, ass nach net fäerdeg. Mir sinn nach alleguer gehalen, eis un de Port vun de Masken, d'Desinfektioun, d'Wäsche vun den Hänn a virun allem déi annerhallwe Meter bis zwee Meter Ofstand ze halen. Dat ass ganz wichteg. Dann hu mer schonn en Deel gewonnen. Et ass Eegeresponsabilitéit.

De Mëtten ass erëm e Pressebriefing vum Premier mat der Gesondheetsministesch. Kucke mer, wéi se lo op déi Hausse vun den Zuele reagéieren. Ech hu leider keng Auerzäit.

**ENG STËMM:**

15 Auer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Um 15 Auer. Da lauschtere mer de Mëtten, wat lass ass.

Ech wëll Iech nach matdeelen, dass ech als Buergermeeschtesch am Conseil d'administration an am Büro vun Esch 2022 demissionéiert hunn. Deelweis aus private Grënn, awer och aus Zäitgrënn. Well ech als ehemoleg soi-disant Artistin net Juge et partie kann a wëll sinn. Eise Ressortschäffe vun der Kultur, den Här Tom Ulveling, vertrëtt dann d'Gemeng Déifferdeng souwuel am Conseil d'administration wéi am Büro vun Esch 2022.

Domadder géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling. Mir sinn nach ëmmer bei de Kommunikatiounen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hu véier kleng Kommunikatiounen. Ech hu fir deen nächste Conseil, den 22. Juli, d' Madamm Nancy Braun vun 2022 agelueden, fir eis eng kleng Presentatioun ze maachen – eng 20 Minutten –, fir eis e bëssen ze explizéieren, wat elo leeft a wéi et soll lafen.

Si gëtt eis e puer Informatiounen iwwert déi Projeten, déi zréckbehale si ginn actuellement. Ech hat et scho gesot, et sinn der an déi 30 Stéck, déi elo mol zréckbehale si gi vu Leit, déi wëlle Projeten um Territoire vun Déifferdeng maachen. Et ass nach net alles ofgeschloss. An ech muss soen, dass ech mer

esou lues Gedanke maachen. Well mir mussen eis Saison 2022 plangen, wou mer jo ëmmer schonn ee Joer am Viraus, och fir eis selwer, eis Kulturprogrammer opstellen. Mir mussen e Budget opstellen. Mir musse wëssen, wat fir eng Enveloppe mer zur Verfügung stellen. Dofir ass et wichteg, dass mer déi Madamm gesinn. An dass Dir hir déi eng oder déi aner Fro stelle kënnt.

Ech hu gemengt, et wier vläicht besser, mir géife se direkt um 8 Auer huelen. Awer mer musse kucken, dass et net ze laang dauert. Well et wäerten nach aner déck Projete kommen, wéi Bauprojeten. Soudass mer vill ze diskutéiere kréie wäerten.

Eng aner Informatioun: D'Killtierm beim Parking Hauts-Fourneaux ginn haut ugefaangen ofgestraalt ze ginn. Ab nächste Méindeg, Dënschdeg soll den Artist untrieden, fir eis déi ze verschéineren.

De Schäfferot ass mat Servior zesummekomm, fir dat neit Altersheem um Woiwer. Si hunn eis matgedeelt, dass se am Timing sinn. An dass een Ufank 2022 domat rechne kéint, éischt Pensionnairen do anzeliwweren, wann een dat esou nenne kann. 200 Leit wäerte sech do ophale kënnen. Dat gëtt dat zweetgréisst Haus, wat si bedreiwe wäerten. Et kommen all d'Pensionäre vun Déifferdeng dohin. Mee et kommen der och vu Rëmeleng dohin, well se do nei maachen.

An da sinn nach eng 40-50 Plaze fräi, wou Leit sech melle kënnen. An do hu mer gesot, dass et eis wichteg wär, dass déi Déifferdenger Leit, déi elo an aneren Haiser sinn, déi awer gären op Déifferdeng zréckkomme wëllen, dass déi sech melle kënnen, fir erëm zréckzekommen. A si hunn eis gesot, dat wier méiglech.

Mir hunn och mat hinnen ofgemaach, dass mer am September, Oktober wäerten eng Begehung mat Iech a mat den Anrainer maachen, dass mer dat eng Kéier virstellen. Soubal d'Gebai zou ass, dass mer dat maachen.

Dann eppes in eigener Sache. Den 11. Juli hätt normalerweis solle Blues Express sinn. Leider hu mer deen dëst Joer wéinst dem Covid mussen ofsoen. Mer organiséieren awer e Concert mam Remo Cavallini, mam Fred Barreto, mam Corbi, dem Nelly Pereira an anere Museker. Dëse Concert wäert am Stadhaus gespillt ginn. E puer Tickete kann ee kafen, mee net vill. Mir däerfen nëmme 40 Leit eraloossen.

Dee Concert gëtt live um YouTube-Channel vun der Gemeng Déifferdeng iwwerdroen. An och live op der Maartplaz op engem grousse Ecran. An e puer Caféë soten, dass se géife matmaachen an eis dee Concert an hire Caféë weisen. Dat ass eng flott Initiativ, déi de Kulturzenter geholl huet, fir d'Saach erëm ulafen ze loossen. An och, dass mer eise Blues Express net ganz vergiessen. Well mir hoffe jo awer, dass mer d'nächst Joer dat kënnen esou maachen, wéi mer et gewinnt sinn. Dat war dat, wat ech Iech wollt soen. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Fir nach eng Kéier op d'Geschäftshëllef zréckzekommen. Mir si bereet, de Geschäfter ze hëllefen. Mir hunn awer d'Decisioun geholl, dat ganzt Polver net op eng Kéier ze verschéissen. Mir kucke lues a lues. Dir gesitt jo, dass d'Saach nach eng Kéier ännere kann, a wa mer elo alles erausschéisse vu Méiglechkeeten, wat mer hunn, hu mer duerno keng Méiglechkeet méi ze reagéieren. Mir sinn eis dem Problem ganz bewosst. Awer mir wëllen elo net alles matenee maachen. Dofir probéiere mer et a klenge Schrëtt.

Da wollt ech nach soen, et war en aneren Nationalfeierdag wéi soss. Ech weess net, ob Der et gesinn hutt, als Buergermeeschtesch hat ech eng kuerz Usprooch op eisem Site gehalen, wou et mer leed deet, dass et esou ass, wéi et elo ass. An ech wäert och nach am Editorial am nächsten Diffmag ganz kuerz doriwwer schwätzen.

Domadder wieren d'Kommunikatiounen ofgeschloss. Da géife mer zum éischte Punkt kommen. An dofir géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weiderginn.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, et geet hei ëm

*tion ne dure pas trop longtemps, car le programme sera chargé.*
*Tom Ulveling passe aux tours de refroidissement. Un artiste va les embellir à partir de la semaine prochaine.*
*Servior a informé le collège échevinal qu'ils disposent d'un calendrier pour la nouvelle maison de retraite. Les premiers pensionnaires emménageront en 2022. La structure pourra accueillir 200 personnes. Il s'agira de Differdangeois, mais aussi de Rumelangeois, car leur maison de retraite est en train d'être rénovée. Ensuite, il restera une cinquantaine de places. Le collège échevinal organisera une visite des lieux en septembre ou en octobre.*
*Cette année, le Blues Express aurait dû avoir lieu le 11 juillet. Le festival sera annulé à cause de la COVID-19. Cependant, la Ville de Differdange organisera un concert avec Remo Cavallini, Fred Barreto, Corbi, Nathalie Perreira… Seuls quarante spectateurs pourront y assister, mais le concert sera aussi retransmis sur YouTube, sur la place du Marché et dans quelques cafés. Cette initiative permet de ne pas oublier entièrement le Blues Express. Tom Ulveling espère que l'année prochaine, le festival aura lieu comme d'habitude.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur l'aide au commerce. La Ville de Differdange veut le soutenir, mais progressivement. La situation progresse et le collège échevinal veut se laisser une marge de manœuvre. Il préfère agir un pas à la fois.*
*Cette année, la Fête nationale s'est déroulée autrement. Christiane Brassel-Rausch a tenu un petit discours en ligne. Elle reviendra sur la situation dans l'éditorial du magazine.*
*Elle cède la parole à madame Pregno pour le premier point de l'ordre du jour.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit de renaturer le parking de la rue des Écoles au coin de la rue Pierre-Gansen.*

# 3a. Parking rue des Écoles–rue Pierre-Gansen

*Les arbres se portent mal. Ils ont besoin d'eau. La qualité de l'air est mauvaise dans le quartier à cause des voitures. Ces arbres ont donc un rôle important à jouer — d'autant plus qu'il y a une école à côté.*
*Le projet consiste à collecter l'eau souterraine du lavoir grâce à des canaux d'irrigation, à alimenter une cuve et à donner ainsi aux arbres l'eau dont ils ont besoin.*
*Le parking devra être démoli, ce qui aura des conséquences pour le centre de Niederkorn. Les travaux devraient commencer en automne. Le collège échevinal tient à ce projet malgré les difficultés.*
*Actuellement, les usagers du parking ne sont pas très contents à cause du chaos qui y règne. Après les travaux, les places seront clairement marquées. En plus, les gens se plaignent qu'actuellement, les places sont trop petites. Elles seront donc agrandies bien qu'il en restera vingt comme maintenant, dont deux pour véhicules électriques et deux pour les personnes à mobilité réduite. Une station Vël'OK est aussi prévue.*
*Le projet fait partie du plan vert et coutera 68 000 €.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique qu'il s'agit du parking à côté de l'École des garçons à Niederkorn. Il a constaté que dernièrement, une partie des arbres qui font son charme ont été coupés. Il se demandait pourquoi. Le collège échevinal vient de donner une explication.*
*En ce qui concerne le projet, il faut beaucoup de fantaisie pour imaginer les travaux à partir du croquis. On va construire un bac à arbres de 47 m sur 3,5 m. Erny Muller ne connait pas la hauteur des bacs. Les travaux de génie civil couteront 50 043 € et le système d'arrosage automatique 4500 €. Le reste servira à planter les arbres et les haies.*
*Le devis a été établi par l'entreprise Costantini. D'autres entreprises ont-elles été contactées ?*

eng Renaturatioun vum Parking zu Nidderkuer. Dat ass dee klenge Parking an der Rue des Écoles respektiv um Eck vun der Rue Pierre Gansen um Rondpoint bei der Schoul.

Op deem Parking hu mer vill Problemer mat de Beem. Deene geet et schlecht. Et si grouss Beem a si brauchen eng gewësse Portioun Waasser, fir a voller Bléi ze stoen. Déi Beem si ganz wichteg fir de Quartier. Mir befannen eis hei op engem vun de Sitten, deen am meeschte verschmotzt ass punkto Loftqualitéit. Do ass ganz vill Verkéier. Et befanne sech ganz vill Mikropartikelen an der Loft. Soudass d'Beem eng ganz wichteg Roll spillen, fir d'Loftverschmotzung e bëssen ze reduzéieren. D'autant plus, dass mer wëssen, dass eng grouss Schoul sech direkt an der Noperschaft befënnt.

Mir wëllen deene Beem hëllefen, andeems mer d'Waasser, wat vum Wäschbuer ënnerierdesch leeft, ënnerierdesch opfänken, mat Irrigatiounskanäl, eng Cuve alimentéieren an de Beem dat néidegt Waasser zouzeféieren, wat se brauchen, fir souwuel wuerzeltechnesch wéi krounentechnesch propper ze wuessen.

Natierlech muss dee Moment de Parking opgerappt ginn. Dat heescht, dat gëtt e Chantier. Wat fir den Nidderkuerer Zentrum net esou flott ass. Mir sinn eis däers bewosst. Mir wäerte mat Zäiten informéieren, wéini dee Chantier ufänke wäert. Dat wäert éischter Hierscht ginn. Et ass awer immens wichteg. An et läit eis um Häerz, dat ze maachen.

Herno gëtt dee Parking erëm schéi propper zougemaach. Et ass e Parking, wou d'Leit net esou zefridde sinn. Et ass ëmmer e bëssen Duercherneen do, hunn ech d'Impressioun. Soudass mer do och de Moment wäerten ergräifen, fir d'Parkplaze méi propper anzezeechnen. Och e bësse méi grouss. Well entretemps sinn d'Autoen e bësse méi grouss ginn. Verschidde Leit hu sech driwwer beklot, dass et enk wär um Parking. Soudass mer eis d'Méi ginn, déi Parkplazen e bësse méi grouss a méi propper anzezeechnen.

Mir hunn et och hikritt, dass mer keng Parkplaze verléieren. Mir wäerte weiderhin 20 Parkplaze behalen. Zwou Elektroparkplazen an zwou Parkplazen à mobilité réduite. Momentan ass just eng do. An op der Säit wäerten e Vël'OK-System an en normale Vélosstänner installéiert ginn, le moment venu.

Et ass e Projet, deen iwwer eise Plan vert leeft vun engem Montant vu ronn 68.000 Euro. An ech wär ganz frou, wann Der mat op de Wee géift goen, fir dat ze stëmmen. Villmools merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot, léif Kolleegen aus dem Gemengerot a Kolleeginnen, et handelt sech hei bekanntlech ëm dee klenge Parking bei der Bouweschoul zu Nidderkuer. Et muss ee feststellen, dass a leschter Zäit eng Partie Beem, déi de Charme vun dësem Parking ausgemaach hunn, mat hire berüümte Kiischtebléien, radikal ofgeseet goufen. Duerfir hat ech mer opgeschriwwen, ob Der eis dozou kéint eng Erklärung ginn. Dir hat elo schonn Erklärunge ginn. Trotzdeem hu mer eis gefrot, firwat déi Beem esou radikal – säit engem Joer ass et massiv – do ewechgeholl gi sinn.

Wat deen neie Projet, deen eis hei virläit, ubelaangt, esou muss ee vill Fantasie hunn, fir sech dësen unhand vum bäigefüügte Croquis virstellen ze kënnen. Et geet, wéi Der och gesot hutt, ëm de Bau vu Bacs à arbres vun enger Gesamtlängt vu 47 m mol 3,5 m Breet. Wéi héich dës Backe sinn, geet aus de Pläng net ervir. D'Aarbechten, wat de Genie civil ubelaangt a Buedem ubréngen an esou weider, hunn e Käschtepunkt vu 50.043 Euro. A wéi Dir och erklärt hutt, engem automatesche Bewässerungssystem fir 4.500 Euro. An dann nach d'Plantatioun vu Beem a Gestrëpp.

Eis Froen zu dësem Devis. Éischtens: Et läit eng Offer vun der Firma Costantini fir de Genie civil vir. Sinn hei och nach aner Firme gefrot ginn? Zweetens: Firwat ass zu dësem Projet net méi en de-

tailléierte Plang ausgeschafft ginn, fir dass ee ganz genee kéint gesinn, wéi dat ausgesäit an och wat do geplanzt gëtt? Meng drëtt Fro: Wat fir Zorte vu Beem kommen dohin? Wat gëtt weider nach geplanzt vu Gesträpps an esou weider? A wéi ass do d'Unzuel? Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréisse virun allem, dass dee Projet hei gemaach gëtt. An, dass alles gemaach gëtt, fir dass déi Beem op där Plaz kënnen erhale bleiwen. Wéi scho gesot ginn ass, et ass eng zentral Plaz zu Nidderkuer. Déi Beem spillen am Mikroklima zu Nidderkuer eng ganz wichteg Roll.

Mir sinn och ganz frou doriwwer, dass de Schäfferot op de Wee geet vun engem Arrosage automatique, iwwerall do, wou et méiglech ass a wou et och vum Chantier hier ubruecht ass. Dat huet direkt zwee ganz grouss Virdeeler. Duerch den Arrosage automatique gëtt d'Quantitéit u Waasser, déi ee brauch fir d'Beem ze netzen, extreem reduzéiert. Et ass extreem effizient. Vill méi effizient wéi wann eis Gemengenaarbechter mam Tankwon dohinnerfueren an dat netzen. Mir spueren hei wierklech vill Waasser. Och wa mer zu Nidderkuer d'Chance hunn, dass mer kënnen op Quellewaasser zréckgräifen.

Een anere grousse Virdeel ass deen, dass et net zu engem Oubli kënnt an engem ganz waarmen oder dréchene Summer, wéi mer viraussiichtlech dëse Summer jo och wäerten erëm kréien. Wat dozou féiere kéint, dass eis Beem innerorts ofstierwen, well se net genuch Waasser kréien. Duerfir begréisse mer, dass mer konsequent op deen dote Wee ginn, iwwerall an eiser Gemeng dat ze maachen.

En nächste grousse Virdeel vun deem Arrosage automatique sinn d'Ressources humaines. Dat heescht eis Leit, déi net musse mam Tankwon iwwerall duerch d'Gemeng ronderëmfueren a sécher aner Aarbechte maache kënnen, wéi all déi sëllege Beem ze netzen. Dat ass och eng grouss Plus-value vun deem Arrosage automatique.

Ech muss soen, ech deelen net d'Meenung vum Här Muller. Ech hunn da vläicht méi Fantasie. De Plang war fir mech am Fong kloer, wat do gemaach gëtt. D'Erklärungen, déi hei vun der zoustänneger Schäffen, der Madamm Pregno gemaach gi sinn, waren och ganz schlësseg.

Dat heescht, de Parking gëtt opgerappt, fir déi Installatiounen ze maachen an duerno erëm zougemaach. An et kommen erëm Beem dohinner, mat Hecken. Souwisou ass de Choix immens limitéiert, vu dass mer vun der Administration de la nature et des forêts zougeschriwwe kréien, wat fir eng Beem mer sollen huelen. Dat sinn zum Deel eenheemesch Beem, déi do gesat ginn. Ech mengen, et ass schonn eng gutt Saach, dass dee Parking erëm begréngt gëtt, sou wéi e war.

Ech wollt just nach eng Remark mat op de Wee ginn. Et gouf mol e Projet fir déi Quelle beim CHEM. Do ass eng agezeechent Quell am Kadaster, déi relativ vill Waasser bréngt, déi am Moment iergendwou um CHEM-Parking an de Kanal verschwënnt. Et gouf Iwwerleeungen, fir déi eng Kéier, am Kader vun engem spéidere Chantier, unzeschléisse Richtung Chiers. Dat géif jo laanscht dëse Parking féieren.

D'Iwwerleeung ass, ob een, wa mer do schonn en Uschloss maachen, ob een elo schonn eppes vläicht virgesäit. Net dass een herno, wann een dee Chantier mécht, nach eng Kéier misst oprappen, dass een dat vläicht analyséiert. Vläicht mécht et kee Sënn. Mee et kéint een zumindest eng Kéier driwwer nodenken.

Insgesamt, de Präis ass fir eis okay. Et ass net ze deier fir déi heite Saach, fir dee Parking. Begréissenswäert ass, dass mer dee klenge Parking am Zentrum vun Nidderkuer behalen. Fir de Commerce zu Nidderkuer eng wichteg Saach. E Parking, dee soll dréien. Wou ee kuerz Zäit ka parken, fir seng Kommissiounen ze maachen. Duerfir ass dee Parking ganz wichteg. Mir begréissen dee Projet. Mir wäerten deen och stëmmen. Ech soen Iech merci.

*Pourquoi les conseillers communaux ne disposent-ils pas d'un plan plus détaillé pour voir en détail de quoi il s'agit? Quels arbres vont être plantés? Qu'en est-il des haies?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *salue la réalisation de ce projet. Il faut tout faire pour sauver les arbres en question. Il s'agit d'un site en plein centre de Niederkorn. Les arbres jouent un rôle important dans le microclimat de la localité.*

*Les écologistes saluent le fait que le collège échevinal mise sur l'arrosage automatique partout où cela est possible.*

*Cela permet de réduire la quantité d'eau utilisée par rapport à un arrosage du service du jardinage en camion-citerne. Et ce même si Niederkorn dispose d'eau de source.*

*L'arrosage automatique permet d'éviter les oublis pendant les étés particulièrement chauds, qui risquent de tuer de nombreux arbres.*

*En plus, les ouvriers n'auront plus besoin daller arroser les arbres en camion-citerne et pourront s'occuper d'autres tâches.*

*Georges Liesch ne partage pas l'avis de monsieur Muller concernant le croquis, mais il a peut-être plus de fantaisie que lui. Le plan est clair — tout comme les explications de madame Pregno. Le parking sera démoli pour aménager les installations et sera ensuite refermé. Les options sont de toute façon limitées puisque l'Administration de la nature et des forêts décide quels arbres planter. Il s'agira en partie d'arbres autochtones.*

*Georges Liesch signale qu'une source se trouve à proximité du CHEM. Actuellement, son eau disparait dans le canal sous le parking du CHEM. Il faudrait la raccorder en direction de la Chiers. Georges Liesch se demande si l'on ne pourrait pas prévoir les raccordements nécessaires lors du chantier dont il est question aujourd'hui. Le collège échevinal ferait bien d'étudier la question.*

*Pour les écologistes, le prix est correct. Il était important pour le commerce de sauver ce petit parking dans le centre de Niederkorn. Georges Liesch propose un station-*

*nement de courte durée pour faire les courses.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que les derniers étés ont été de plus en plus chauds. Differdange dispose de plus de 4000 arbres que la commune doit maintenir en bonne santé.*
*C'est pourquoi le collège échevinal veut mettre en place un système comprenant une cuve d'eau et un bac pour arroser automatiquement dix nouveaux arbres avec l'eau de source provenant du lavoir dans le centre de Niederkorn. Actuellement, un seul arbre a survécu. Le nombre de places de stationnement ne changera pas. Les places seront un peu plus larges. Les arbres créeront de l'ombre et filtreront la poussière du rondpoint.*
*Christiane Saeul propose de planter un bel arbre au milieu du rondpoint.*
*Le même système a été utilisé pour les arbres le long du parking du contournement avec de bons résultats. L'eau de source provient du bassin de rétention sous le parking.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle qu'il est question d'un système d'arrosage avec une cuve et de la plantation de nouveaux arbres dans le cadre de la rénovation d'un parking à Niederkorn. Les frais se montent à 68 343 €.*
*Le nombre de places de stationnement sera préservé.*
*La première question de Guy Tempels concernait la cuve, mais madame Pregno a expliqué qu'elle servait à collecter l'eau de source. Le conseiller communal ne sait en revanche pas combien d'arbres vont être plantés.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *soutient l'installation de ce système d'arrosage. C'est chouette.*
*Madame Pregno a expliqué que la pollution atmosphérique était particulièrement élevée. Pourquoi ? Et que peut faire la commune pour limiter cette pollution ? Car il n'y a pas que les arbres. Beaucoup de gens vivent dans le quartier. Le collège échevinal en a-t-il discuté ?*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient tout ce qui vient d'être dit concer-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm, Dir Hären. Fir am Plan vert virauszegesinn, well déi lescht Jore sinn eis Summeren ëmmer méi waarm ginn – dat ass jo flott, mee d'Gemeng Déifferdeng huet plus minus 4.000 Beem, déi mer wëllen an engem gudden Zoustand erhalen.

Dofir soll um Parking bei der Nidderkuerer Schoul, bei der Bouweschoul, e System realiséiert gi mat Cuve fir Waasser, Backe mat Buedem fir zéng nei Beem an en automatesche Bewässerungssystem mat Quellewaasser aus dem Wäschbuer am Nidderkuerer Zentrum. Vun deenen ale Beem bleift eis leider just nëmmen nach een, deen net futti ass.

D'Unzuel vun de Parkplaze bleift. Si gi just e wéineg méi breet, vu dass deen neie System dëst erlaabt. E Plus fir dee Parking: Et ass méi Schiet a méi e fiicht Klima duerch d'Beem, déi dann och eng Partie Stëbs vum Rond-point opfänken.

Et kéint ee vläicht dovu profitéieren, e schéine Bam an d'Mëtt vum Rond-point ze setzen. No dësem System si schonns Beem laanscht de Parking vum Contournement geplanzt ginn, mat guddem Resultat. Do gëtt Quellewaasser aus dem Retentiounsbecken ënnert dem Parking geholl an entlaascht wärend der waarmer Zäit d'Équipe du jardinage. Ech soe merci. D'DP stëmmt dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, mir stëmmen hei e Bewässerungssystem mat Cuve an eng nei Bamplantatioun am Kader vun der Erneierung vun dësem dach wichtege Parking zu Nidderkuer. Käschtepunkt 68.343 Euro. Wann ech richteg gesinn, fale keng Parkplazen ewech. Dat ass wichteg.

Zwou Froen hätt ech gehat. Eng huet d'Madamm Pregno scho geléist oder gesot. Dat ass déi Affär, firwat eng Cuve. Well ech héieren hunn, dass do Quellewaasser opgefaange gëtt. Eng Suggestioun hunn ech: Et wär gutt, wann d'Beem agezeechent wären, wéi vill Beem dohinnerkommen. Dat ass net um Plang erauszefannen. Merci. Mir stëmme mat Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech d'accord sinn, dass e Bewässerungssystem fir déi Beem gemaach gëtt. Dat ass eng flott Saach. Ech hu grad héieren, dass d'Madamm Pregno gesot huet, do wär d'Loftbelaaschtung besonnesch héich. Dofir wär et wichteg, dass déi Beem gutt kéinte gedeien. Firwat ass d'Loftbelaaschtung do besonnesch héich? A wat kann zousätzlech gemaach ginn, fir déi Loftbelaaschtung zréckzeféieren? Well do hu mer jo net nëmme Beem. Do wunne jo vill Leit. Ass am Schäfferot schonn iwwert déi Fro diskutéiert ginn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wëll dat ënnerstëtzen, wat gesot ginn ass. Et ass gutt, dass dee Parking nei amenagéiert gëtt. Dass nei Beem dohikommen, déi direkt esou installéiert ginn, dass mer se laang kënne behalen. Dass se nohalteg bewässert ginn, an

dass dofir kee Camion muss duerch d'Gemeng fueren. Ech wollt herno nach opwerfen, bei de Regiebetriber, ob mer allgemeng virgesinn, wann eis Camione fir ze netze ronderëmfueren, dass se gréisstendeels op Reewaasser kënnen zréckgräifen an net dofir mussen Drénkwaasser tanken. Vläicht ass dat schonn de Fall. Wann net, dann ass dat eng Fro, déi ech fir elo oder fir spéider, beim Punkt vun de Regiebetriber, hunn. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Da géif ech der Madamm Pregno an duerno dem Här Ulveling d'Wuert ginn. Dir sidd ugeschwat ginn. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wat d'Bamzorten ugeet, dat sinn eenheemesch Beem. Ech kann Iech elo net genau soen, wéi eng Zorten eise Service Arbre erausgesicht huet. Ech kann dat awer gäre bei hinnen nofroen an da reechen ech dat no.

Et sinn eng zéng Beem an eng 30 Hecken, déi wäerte gesat ginn. Ob elo méi Devisen ugefrot gi sinn, kann ech Iech net soen. Ech froen och dat no. Da géif ech Iech déi noreechen, soubal d'Servicer mer dat beäntwert hunn.

Wat d'Pläng ugeet: Mir hate vläicht scho besser Pläng wéi déi, déi elo am Dossier sinn. Ech mengen, dat läit dorun, dass eise Service Arbre elo net onbedéngt esou groussaarteg dran ass, Pläng ze zeechnen, wëll ech elo emol soen. Dee Plang ass am Service Mobilitéit gemaach ginn, well ech gefrot hat, eis anzezeechnen, wéi de Parkraum herno ausgesäit. Well ech ëmmer weess, dass dat e grousst Diskussiounstheema ass, ob mer Parkplaze verschwanne loossen oder ob mer se bäibehalen. Do huelen ech d'Schold op meng Kap, dass ech esou ee Plang wollt dobäileien hunn.

Firwat do esou vill Loftverschmotzung ass. Mir wëssen dat, mir sinn eis däers bewosst. Mir hunn do Miessstatiounen, virun allem uewen an der Liberté. Duerch de Verkéier ass eng grouss Usammlung vu Loftverschmotzung a virun allem un NOxen. Dat läit dorunner, dass wéineg Loftzirkulatioun uewen ass. An deementspriechend wéineg Austausch vu Loftmassen ass.

Mir sollte Rendez-vous hunn um Ministère, fir zesumme mam Environnement ze kucken, wat mer do kéinte maachen, fir verschidde Pisten anzeschléissen. Dee war awer leider, coronabedéngt, an d'Waasser gefall. Ech hoffen, dass deen am September nogeholl gëtt. A wann Der wëllt, kann ech Iech dann och dee Moment, wann de Rendez-vous war, déi Informatiounen zoukomme loossen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll zwou Froe beäntwerten. D'Madamm Saeul huet gesot, mir sollen e Bam an d'Mëtt vum Rond-point setzen. De Problem ass, do war fréier déi Duschkabinn, an d'Glas war gerass. Dat hu mer ewechgeholl. An elo hu mer eng Cuve do. An an déi Cuve wollte mer Blumme setzen.

Déi aner Iwwerleeung, firwat mer net méi investéieren: De Moment, ass et esou, dass d'Iddi war fir driwwer nozedenken, ob een net besser hätt, do eng Kräizung ze maachen, wéi e Rondpoint. Dofir mengen ech, soll een, à ce stade, do net vill Transformatioune maachen. D'Iddi ass natierlech gutt. Mee ech mengen, à ce stade, sollte mer dat net maachen.

Den Här Diderich huet d'Reewaasser ugeschwat, dat mer sollte benotzen. Do wollt ech Iech informéieren, dass mer en Accord fonnt hu mam Här Didier, deen e grousse Baseng baue wäert ënner seng Container, déi en an nächster Zukunft opriichte wäert fir seng Découverte des métiers. An aus deem Reewasserbassin kënne mir da pompele goen, fir eis Installatiounen ze netzen. Soudass mer ëmmer méi op dee Wee ginn, dass mer d'Reewaasser huelen an net d'Waasser vum Krunn. Soudass mer

*nant les arbres. Il faut pouvoir les arroser efficacement sans traverser la commune en camion-citerne.*
*Gary Diderich se demande si les camions servant à arroser les arbres utilisent de l'eau de pluie ou de l'eau potable. S'ils utilisent de l'eau potable, Gary Diderich reviendra sur ce point tout à l'heure quand il sera question des services de régie.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que les arbres seront autochtones, mais elle ne sait pas quelles essences le service des arbres a choisies. Elle devra le lui demander. En tout, il est question de dix arbres et de trente haies. Laura Pregno ne sait pas si d'autres devis ont été demandés. Elle se renseignera.*
*Elle convient du fait que les plans ne sont peut-être pas les meilleurs jamais réalisés par la Ville de Differdange. Mais ce n'est pas la spécialité du service des arbres. Pour Laura Pregno, il s'agissait de répondre à la question du nombre de places de stationnement disponibles après les travaux. Elle prend la responsabilité de ce plan.*
*Le collège échevinal est conscient de la pollution atmosphérique. La Ville de Differdange dispose de stations de mesure. L'air circule relativement mal sur ce site. Le collège échevinal devait rencontrer le ministère de l'Environnement, mais le rendez-vous est tombé à l'eau à cause de la COVID-19. Laura Pregno reviendra sur ce point en septembre, quand le rendez-vous aura eu lieu.*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur la question de madame Saeul concernant l'arbre au milieu du rond-point. Jadis, il y avait la cabine de douche. Entretemps, il y a une cuve pour les fleurs.*
*Pourquoi le collège échevinal ne veut-il pas investir davantage dans ce chantier ? Il est possible qu'à l'avenir, le rondpoint soit transformé en carrefour. C'est pourquoi il vaut mieux éviter des transformations excessives en ce moment.*
*Monsieur Diderich a suggéré d'utiliser l'eau de pluie pour l'arrosage. Le collège échevinal a trouvé un accord avec monsieur Didier, qui fera construire un grand bassin de rétention. La commune pourra utili-*

*ser cette eau au lieu de l'eau du robinet.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 3b, la construction du centre sportif sur le campus scolaire de Niederkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de traiter les deux devis ensemble, car il s'agit du même projet. Le premier devis se monte à 1 092 000 €, dont la moitié est constituée d'honoraires. Le reste de la somme concerne l'équipement.*
*Le deuxième devis s'élève à 135 000 €, notamment pour des requêtes du service des sports comme des filets pour les ballons, une petite kitchenette dans la buvette, un panneau d'affichage LED…*
*Un registre électronique reprend toutes les pièces, que ce soient les fenêtres, les portes, les robinets, etc. En cas de panne ou de problème, il sera possible de vérifier immédiatement d'où provient la pièce et de quels éléments elle est constituée. Ce registre facilitera donc grandement les travaux d'entretien. Ce type de registres coute un supplément, mais il permet de gérer plus efficacement l'entretien par la suite. Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver les deux devis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise qu'il s'agit de deux devis pour des travaux et de l'équipement supplémentaires, qui n'étaient pas prévus dans la procédure. Monsieur Ulveling a également mentionné les honoraires. Les devis se montent à 1 092 000 € et 135 000 €.*
*Erny Muller a analysé les détails et constaté que les mesures et l'équipement étaient nécessaires pour pouvoir exploiter correctement le centre sportif.*
*En tant qu'ancien échevin aux bâtisses, Erny Muller rappelle que dans son appel d'offres, la Ville de Differdange a recouru pour la première fois à une procédure négociée, ce qui lui a permis d'économiser entre trois-millions et cinq-millions d'euros.*

do dann nach en neie Punkt kréien, wou mer dat kënnen zape goen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plan et devis relatifs à la réalisation d'un bac à arbres et d'un système d'arrosage sur le parking situé à l'intersection de la rue des Écoles et de la rue Pierre-Gansen à Niederkorn.*

Da soen ech villmools merci. Mir kommen zum Punkt 3b, Construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire Nidderkuer. En Devis supplémentaire soll hei gestëmmt ginn. Dofir géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, wann Der erlaabt, géif ech déi zwee Devisen zesummen huelen, well et sech jeeweils ëm déi selwecht Saach handelt, ëm déi nei Sportshal zu Nidderkuer.

Am éischten Devis vun 1.092.000 Euro maachen d'Honorairen d'Hallschecht vum Montant aus, Honorairë fir MC Management an de Kontrollbüro. Doniewent sinn Ekipementer, technescht Material a Sportsmaterial – Technik, wéi zum Beispill méi Reseau, LED-Anzeigen, Brandmeldeanlag, Abrochzentral souwéi technesch Ekipementer a Miwwel virgesinn.

Deen aneren, méi klengen Devis vun 135.000 Euro, do sinn Ufroe vum Sportsservice komm fir Filetë fir Ballonen, eng kleng Kitchenette fir d'Buvette, fir dass een och emol kann eppes Klenges, Waarmes do ubidden, LED-Anzeigetafelen. Mer sinn op de Wee gaangen, déi ganz Pläng am BIM-Modus wëllen ze hunn.

BIM – fir déi, déi dat net wëssen, dat ass en elektronesche Regëster, wou all eenzel Pièce, all eenzel Fënster, all eenzel Dier, all eenzele Krunn, mat senge Referenzen erfaasst ass. Soudass, wann eng Kéier eng Fënster futti ass, da geet een dora kucken, da weess ee genau, wien huet se geliwwert? Wat fir eng Fënster ass et? Wéi grouss ass se? Wat fir ee Glas ass do dran? Do sinn all Informatioune gespäichert. Soudass, wann een duerno eng Kéier Entretiensaarbechte muss maachen, een dat Ganzt vill méi schnell a vill méi geziilt ka maachen an net muss an de Pläng ronderëm siche goen.

Dat kascht e Supplement. Mir sinn elo op de Wee gaangen, fir déi BIM-Modeller sou wäit wéi méiglech iwwerall ze maachen, well mer dann eng besser Gestioun duerno kënne maachen, vun all deem, wat sengerzäit agebaut ginn ass.

Ech wär frou wann, Der mer déi zwee Devisë kéint stëmmen. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Mir soen dem Här Ulveling merci fir seng Ausféierung. Ech wollt nach eng Kéier drop agoen. Et handelt sech ëm zwee Devisë fir Travaux supplémentaires. Dat ass hors marché. Firwat hors marché? Well et net an deem Verfare virgesi war. An och fir Équipements supplémentaires. An och Honorairen, wéi den Här Ulveling sot.

Deen éischten Devis ass 1.092.000 Euro. Deen zweeten Devis 135.000 Euro. Ech hu mer den Detail ugekuckt a fannen, dass all dës Mesuren an Ekipementer néideg sinn, fir dës Hal, déi jo multifunktional ageriicht ass, ze bedreiwen.

Ech wëll soen, als fréiere Bauteschäffen, dee mat der Ausaarbechtung, net nëmme vun de Pläng, mee dem ganzen Ausschreiwungsverfaren – wat d'Gemeng Déifferdeng déi éischte Kéier ënnert der Form vun engem Verhandelsverfare mam Büro MC Management duerchgefouert huet. Wat eis en enorm gudde

Käschtepunkt erméiglecht huet, wann een dat vergläicht mat änleche Projeten an anere Gemengen. Wa meng Informatioune richteg sinn, hu mer do tëschent dräi a fënnef Millioune gespuert par rapport zu änleche Projeten.

Wa mer elo kucken, mir hate 7,5 Milliounen Euro, Här Ulveling, ass dat esou?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Plus elo 1,2 dobäi, dat gëtt 8,7, da leie mer nach ënner néng Milliounen. Wat awer trotzdeem e ganz gudde Präis ass nach ëmmer. Trotz deene Supplementen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An nach e Wuert zu den Honorairen. Do muss ee relativéieren. Wann een dat betruecht, déi 610.000 TTC par rapport zu 8,7 Milliounen TTC, da komme mer op 7,03 % fir all d'Honorairen, plus de Suivi vun der Exekutioun, vum Bautecontrolling. Wat een, mat 7 %, als gudde Facteur ugesi kann.

D'LSAP stëmmt dës Zousazkreditter an hofft, datt d'Veräiner, déi jo deemnächst déi nei Sportshal Nidderkuer wäerten a Funktioun huelen, sech hei wuel fannen. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da komme mer zum Vott fir déi zwee Devisen. Mateneen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Altmeisch wëll nach eppes dozou soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Pardon, ech sinn e bësse spéit un. Ech hat elo den Depart verpasst, wëll Iech awer merci soen, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech nach d'Wuert kann ergräifen.

Déi ganz Installatioun zu Nidderkuer – eng wonnerbar Saach, wonnerbar fir d'Schoulkanner, fir d'Sportsveräiner, wat eng ganz positiv Entwécklung fir dee Quartier ass. Ech wëll awer op eppes opmierksam maachen. Zu där ganzer Realisatioun vun der Sportshal gehéiert jo och den Entourage dozou. Mir däerfen net vergiessen, dass bei der Sortie vun der Sportshal, mer direkt an der Rue St. Pierre sinn. Dass dat e ganz geféierlechen Eck ass fir d'Kanner oder fir déi Erwuessen, déi do Sport maachen. Wa se erausginn, si se direkt op der Strooss.

Déi Strooss, déi leeft parallel mat der Eisebunn, léisst net vill Auswäichméiglechkeete fir Foussgänger, wann iwwerhaapt nach Plaz bleift fir en Trottoire. Des Weideren hu mer de Schoulcampus uewen an der St.-Pierre-Strooss, deen ausgebaut gëtt. Mir kréien herno en Zougang vun där Strooss an de Mathendahl, wou och erëm eng Schoul hikënnt. Déi Kanner wäerte warscheinlech och an déi Sportshal do goen oder do zirkuléieren.

Ech géif et fir flott empfannen, wa mer d'St.-Pierre-Strooss bis op d'Sortie vun der Pierre-Gansen-Strooss als Shared Space géifen ausschëlderen. An e Projet opstellen zugonschte vun der Sécherheet vun de Kanner a vun all deene Leit, déi vun där Hal profitéieren. Well soss bleift et warscheinlech net aus, dass mer do déi eng oder déi aner Iwwerraschung mussen iwwerleeën.

Zemools well mer wëssen, dass mer aus der Pierre-Gansen-Strooss erop vill Verkéier hunn. A wa mer vun der St. Pierre an d'Pierre Gansen ginn, dat ass eng oniwwersiichtlech Plaz, wou mer den Talus hu vun der Bunn, d'Bréck uewendriwwer. Do musse mer wierklech oppassen, dass mer net d'Aktivitéiten

*En tout, les frais se montaient à 7,5 millions d'euros. Avec les devis supplémentaires, cela fait moins de neuf euros.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il s'agit de neuf-millions d'euros.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'excuse.*
*(Rires)*
*Erny Muller précise qu'il s'agit tout de même d'un bon prix malgré les suppléments.*

**TOM ULVELING (CSV)** *acquiesce.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute qu'il faut relativiser les honoraires. Ils représentent 7,03 % de la somme totale et comprennent le suivi du chantier et le contrôle.*
*Les socialistes approuveront ces crédits supplémentaires et espèrent que les clubs se sentiront à l'aise dans le centre sportif de Niederkorn.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de voter les devis en bloc.*
*(Interruption)*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que monsieur Altmeisch veut prendre la parole.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'excuse d'être en retard. Il remercie le collège échevinal de pouvoir prendre la parole.*
*Il trouve le centre sportif formidable pour les élèves et les clubs sportifs.*
*Cependant, il ne faut pas oublier les alentours. La sortie du centre sportif donne sur la rue Saint-Pierre, un endroit dangereux pour les enfants et les sportifs en général. Cette rue longe la voie ferrée et laisse peu de place aux piétons.*
*Par ailleurs, le campus de l'école Saint-Pierre est en train d'être rénové. La rue permettra d'accéder au Mathendahl où se trouvera une autre école, dont les élèves fréquenteront aussi le centre sportif.*
*Guy Altmeisch propose de transformer la rue Saint-Pierre en « shared space » jusqu'à la rue Pierre-Gansen pour améliorer la sécurité des enfants et de tous les usagers du centre sportif. Autrement, la commune ne sera pas à l'abri de mau-*

*vaises surprises. Beaucoup de voitures circulent dans la rue Pierre-Gansen et quand on circule de la rue Saint-Pierre vers la rue Pierre-Gansen, on voit relativement mal à cause du talus et du pont. Il serait dangereux d'augmenter l'activité autour du centre sportif sans penser à la sécurité des usagers.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 3c. Il s'agit des travaux à réaliser en vue de la modernisation du centre sportif d'Oberkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit de travaux préliminaires.*
*Le centre sportif n'est plus dans l'air du temps et doit être rénové. Les conseillers communaux ont reçu des plans, mais mis à part le DP, aucun parti n'a donné de feedback.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling rappelle que le centre sportif a toujours connu des problèmes d'étanchéité. Le devis de 1,2 million d'euros dont il est question aujourd'hui doit servir à régler ce problème.*
*Le sous-sol va être vidé et l'équipement électrique démonté. Le centre ne pourra donc plus être utilisé. C'est pourquoi il était important de disposer d'un centre sportif opérationnel à Niederkorn même si la Ville de Differdange a perdu un peu de temps avec la COVID-19.*
*L'ancien transformateur sera démonté. Des injections seront effectuées dans le mur pour en garantir l'étanchéité. La cheminée externe sera enlevée et la chaufferie sera désamiantée.*
*Comme il s'agit d'une structure ancienne, Tom Ulveling espère ne pas rencontrer de mauvaises surprises et que le devis de 1,2 million d'euros sera suffisant. En tout cas, il est évident que ces travaux préliminaires sont nécessaires. Ensuite, le collège échevinal pourra présenter le reste du projet.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *estime qu'il était temps d'assainir le centre sportif d'Oberkorn, qui a été inaugurée en septembre 1979. La halle respectera les critères de la Fédération européenne de handball. La*

an der Sportshal héichfueren, ouni un d'Sécherheet vun de Benotzer ze denken. Dat géif eis awer um Häerz leien. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer direkt zum Vott vun deenen zwee Devisen, Här Ulveling. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de construire un nouveau hall sportif au campus scolaire à Niederkorn.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3c. Do geet et ëm en Devis, dee soll gestëmmt ginn. Dat ass fir Viraarbechten, déi solle gemaach ginn en vue vun der Renovatioun a vun der Modernisatioun vun der Uewerkuerer Sportshal. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir hutt et gesot. Et sinn Travaux préliminaires. Mir hunn eis entscheet – oder mussen deelweis och d'Sportshal renovéieren, well et net méi zäitgeméiss ass.

Fir dass Der wësst, wat duerno do soll entstoen, hate mer de Parteien déi Pläng zoukomme gelooss. Leider hunn ech kee Feedback kritt, vu kenger Partei, iwwert déi Pläng. Ausser der DP, Pardon, richteg.

Déi Hal hat ëmmer e Problem mat der Etancheitéit. Dass reegelméisseg, wa staark Wiedere waren, en Deel vun der Hal ënner Waasser stoung. Dofir hu mer eis entscheet, de Problem vun der Etancheitéit als Éischt ze léisen. Dofir deen Devis hei vun 1,2 Milliounen Euro.

Wat geschitt? Dee ganze Sous-sol gëtt ausgeraumt, sämtlecht Elektresch gëtt ofmontéiert. Dee ganzen Hall wäert also net méi kënne benotzt ginn. Dofir si mer frou, dass mer zäitgläich, wann déi Aarbechten hei wäerten ufänken, déi Nidderkuerer Hal kënnen a Betrib huelen. Leider, mam Covid, e bësse méi verspéit, wéi mer gemengt haten. Deen alen Traffo gëtt ewechgeholl, d'Biedem ginn erausgerappt, de Sous-sol gëtt mise à nu, wéi hei steet. An d'Mauere ginn Injektioune gemaach, fir d'Etancheitéit ze garantéieren.

Wann déi ganz Hal mise à nu ass, gëtt eng Ofdichtung gemaach an op déi Ofdichtung kënnt dann eng zousätzlech Dall, fir dass et net méi virkënnt. Dass een, wann een duerno eppes befestegt, e Gol oder eppes, dann net an d'Etancheitéit buere geet. Mee da buert een nëmmen an d'Dall, da kann een d'Etancheitéit net abiméieren. An der Hoffnung, dass mer et dann dicht kréien. Déi Schminni, déi baussen ass, gëtt ofgerappt. An et ass en Desamiantage vun der Chaufferie virgesinn.

Vu dass et méi en ale Bau ass, hoffe mer, keng weider Surprisen ze kréien. An hoffen, dass deen Devis vun 1,2 Milliounen Euro wäert duergoen, fir dat ze maachen. Da kënne mer duerno, wann dat gemaach ass – ech mengen, et ass kloer, dass een dat als Éischt muss maachen –, de Rescht vum Projet virstellen. Wou Der a groussen Zich d'Pläng gesinn hutt a wësst, wat mer wëlle maachen. Soudass mer dat an enger zweeter Phas wäerten hei presentéieren an zur Ofstëmmung bréngen. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, et ass definitiv un der Zäit, datt eis Uewerkuerer Sportshal, déi am September 1979 offiziell opgemaach huet, kärsanéiert gëtt. D'Hal soll EHF-konform ginn, also verschidde Krittäre vun der europäescher Handballfederatioun erfëllen. D'Buvette herno am LIHPS-Gebai soll endlech zäitgeméiss ginn, souwéi dee ganze Sanitär. Dat sinn déi wichtegst Punkten, déi eis bei enger Sanéierung um Häerz leien.

Hei dann elo déi éischt Etapp, haaptsächlech betreffend de Problem mat der Etancheitéit, wéi mer héieren hunn, awer och den éischten Etüden an dem Desamiantage.

Et wäert e bëssen en Hin an Hier gi fir eis Veräiner an d'Servicer, déi do betraff sinn. Mir hoffen, dass d'Resultat an hirem Sënn an Interêt wäert sinn. Mir freeën eis drop, wann d'Uewerkuerer Sportshal am neie Glanz wäert erstralen.

Mir stëmmen dësen Devis mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir begréissen et, dass dee Projet konsequent virugedriwwe gëtt. Plang vum Schäfferot war bis elo ëmmer, eng Alternativ ze schafen zum Centre sportif Uewerkuer, fir dann duerno direkt déi Kärsanéierung unzegoen. Dat geschitt elo. Zu Nidderkuer ass alles fäerdeg. Dat kann elo a Betrib geholl ginn. Soudass deem näischt méi am Wee steet, dass zu Uewerkuer endlech kann un deem Gebai geschafft ginn.

Effektiv huet dat Gebai eng Partie Joren um Bockel. Et ass dréngend noutwendeg, dass déi sanéiert gëtt. Och um Niveau Energie, mengen ech, ass et kloer, dass dat Gebai haut absolutt net méi adequat ass. Dofir wäerte mer dësen Devis, elo emol fir déi éischt Aarbechten, déi am Fong d'Basis si fir déi nächst Renovatiounsaarbechten, matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. D'LSAP begréisst, dass et bei der Sportshal Uewerkuer, dem Centre sportif endlech mat der Kärsanéierung lassgeet. Am virege Schäfferot hate mer eis scho mat deem Projet befaasst. Ech war mam ehemolege Sportschäffen, dem Fred Bertinelli, mat um Dossier. Ech wäert mech elo befaasse mat deem Devis, dee virläit, fir dës Aarbechten. Den Här Bertinelli wäert Iech erklären, wéi d'Philosophie an déi zukünfteg Ausriichtung vun dësem Centre sportif deemools geduecht war.

Bei deem neien Devis handelt et sech ëm eng Zomm vun 1.205.000 Euro.

D'Erklärungen huet den Här Ulveling ginn. Et si wichteg Aarbechten dobäi. Eng vun deene wichtegsten, dat ass d'Etancheitéit vun deem ënneschten Deel an enger sougenannter Cuve étanche duerch Injektiounen an Isolatiounen, Ofdichtungsmaterial, wat do ubruecht gëtt. An déi néideg Sanéierungsaarbechte wéi Desamiantage an Elektresch.

Als LSAP stëmme mir selbstverständlech dësen Aarbechten zou. An och dee gesamte Budget fir dës dréngend preliminär Aarbechten, déi musse gemaach ginn.

Mir hunn eis d'Pläng schonn ugekuckt, Här Ulveling, hunn Iech zwar elo nach net eis Positioun matgedeelt. Ech soen Iech déi dann elo. Ech sinn och bereet, Iech nach ze gesinn an Iech ze skizzéieren, wat mer mengen. Dat steet zwar haut net zum Vott, mee ech wëll awer dovu schwätzen, well jo vläicht nach déi eng oder déi aner positiv Modifikatioun mat an de Projet kéint afléissen.

Et handelt sech ëm déi kleng Tribün, déi Gradinen, déi als Géigentribün an de Pläng agezeechent sinn. Déi awer keen Accès hunn. Wou ee muss iwwert d'Spillfläch goen, fir dohinzekommen. Mir haten an eisem Originalprojet eng ganz aner Virstellung vun där Géigentribün. Sou wéi Dir se elo opgezeechent hutt, an enger méi simplistescher Léisung, kënne mer net zefridde sinn.

Duerfir schloe mir vir – an ech mengen, et wär nach Zäit, well d'Pläng kënne jo nach gezeechent ginn an och déi statesch Consideratioune matabezu ginn. Dofir schloe mir Iech vir, d'Pläng esou auszeschaffen an och d'Etüden esou ze plangen, dass een déi Sportshal an deem ënneschte Beräich géif ausbaue Richtung Strooss. An zwar ëm zir-

*buvette, qui se trouvera dans le bâtiment du LIPHS, sera modernisée.*
*La première étape, dont il est question aujourd'hui, concerne le problème d'étanchéité, mais aussi le désamiantage.*
*Il y aura quelques chamboulements pour les clubs et les services concernés. Mais le résultat est dans leur intérêt.*
*Les démocrates approuveront le devis.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *salue ce projet. Le collège échevinal a toujours voulu créer une alternative au centre sportif d'Oberkorn avant de l'assainir. Désormais, le centre sportif de Niederkorn est prêt. On peut donc commencer les travaux à Oberkorn.*
*Le bâtiment est âgé. Il était temps de l'assainir. Du point de vue énergétique, il n'était plus adéquat. C'est pourquoi les écologistes approuveront le devis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se réjouit du début de l'assainissement du centre sportif d'Oberkorn. Il a travaillé sur ce dossier avec l'ancien échevin au sport, monsieur Bertinelli. Il commentera le devis alors que monsieur Bertinelli analysera la philosophie du projet.*
*Le devis se monte à 1 205 000 €. Monsieur Ulveling a fourni les explications. Parmi les travaux préliminaires importants figurent l'étanchéité, le désamiantage et l'électricité.*
*Les socialistes approuveront ces travaux et le devis qui va avec.*
*Ils ont analysé les plans même s'ils n'avaient pas encore communiqué leur position à monsieur Ulveling. Le vote d'aujourd'hui ne porte pas sur ces plans, mais Erny Muller tient à dire ce qu'il en pense. L'une ou l'autre modification pourra peut-être être incluse dans le projet. Les gradins en face de la tribune ne disposent pas d'un accès. Il faudrait donc passer par la surface de jeu. Les socialistes voyaient les choses autrement. Ils ne peuvent pas se satisfaire de la solution simpliste proposée par le collège échevinal.*
*Il est encore temps de modifier les plans. C'est pourquoi ils proposent d'agrandir la partie postérieure du centre sportif en direction de la rue*

*sur 1,5 m ou 2 m. De cette façon, il y aurait de la place derrière les gradins pour aménager un tunnel, là où se trouve le bancomat actuellement.*
*Les spectateurs n'auraient alors pas besoin de traverser le terrain ou marcher derrière les cages de but pour aller aux toilettes. La solution actuelle n'est pas compatible avec le sport de haut niveau. Erny Muller est disposé à en discuter avec monsieur Ulveling.*
*Les socialistes approuveront le devis, mais espèrent que les plans seront modifiés.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue les travaux de rénovation pour que les salles d'entrainement soient étanches. Celles-ci ont dû être refaites plusieurs fois. Au lieu de bricoler, il vaut mieux faire les travaux comme il faut une bonne fois pour toutes.*
*Les travaux prévoient un réaménagement de l'entrée et l'ajout d'une salle d'entrainement à la place de l'accueil. Le prix est raisonnable. Lorsque le centre sportif sera entièrement rénové, les prix vont augmenter. Mais ces travaux sont nécessaires.*
*Gary Diderich voudrait en savoir plus sur le calendrier. En quelles phases la rénovation se fera-t-elle ? Qu'en est-il de la façade ? Car d'un point de vue énergétique, le bâtiment n'est pas un chef d'œuvre même si en son temps, il était unique dans le pays. Il constitue un témoin du brutalisme comme le Centre Noppeney et le Bock. Lorsque la façade sera refaite, il faudrait veiller à ne pas détruire ce passé, mais à le valoriser.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate qu'il est important d'approuver cette partie de la rénovation.*
*En ce qui concerne l'étanchéité, est-ce que le fait que la nouvelle partie du LIHPS soit déjà construite ne va pas créer des problèmes ?*
*Pour le reste, les chrétiens sociaux approuveront le devis.*

ka 1,5 bis zwee Meter. Soudass een hannert dëse Gradinen e Passage no baussen hätt.

Dëse Passage kéint een dann iwwer en Tunnel upassen, iwwert d'Kappwand vun der Sportshal erëm do erafueren, wou elo de Bancomat ass. Deen da selbstverständlech misst deplacéiert ginn. Ech mengen, wann een dat architektonesch géif e bëssen aplangen, dass dat e flott Bild géif ginn.

Domat hätte mer de Problem geléist, dass d'Leit, déi op där Säit op de Gradinen oder Tribüne sëtzen, wa se wärend engem Match missten op d'Toilette goen, net iwwert d'Spillfläch oder hannert de Gol missten zirkuléieren. Wat absolutt net kompatibel ass mat sportleche Kompetitiounen op dësem héijen Niveau. Do wär eng Léisung méiglech. Ech sinn och bereet, mat Iech méi am Detail doriwwer ze schwätzen.

Mir stëmmen deen doten Devis. Wären awer och frou, wa mer kéinten nach an deem anere Pläng eng Ännerung abréngen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, als déi Lénk ënnerstëtze mir déi Renovatiounsaarbechten. Virun allem, dass et dicht ass a keng Fiichtegkeet méi erakënnt, ënnen an d'Trainingsraim. Wou mer schonn e puermol hu mussen Trainingsraim frësch maachen dowéinst. Amplaz ëmmer erëm bastelen ze goen, ass et wichteg, dass dat eng Kéier anstänneg gemaach gëtt.

All déi Aarbechten, déi hei virgesi sinn – wou och e Reamenagement vum Entréesberäich virgesinn ass, a wann ech dat richteg verstinn, souguer deelweis e weideren Trainingsraum, amplaz esou e groussen Accueilsberäich –, fanne mir gutt. A fannen och de Präis fir all déi Aarbechte ganz räsonabel. Ech mengen, dass wa mer déi Sportshal ganz renovéieren, mer leider net an deem dote finanzielle Beräich bleiwen. Mee et ass awer wichteg, dass et gemaach gëtt.

Wat mech géif interesséieren, dat wär nach ze wëssen, wéi de weidere Planning ass. A wéi enge Phasen déi ganz Renovatioun nach geplangt ass. An ob et schonn Iddie gëtt, wéi een d'Fassad ugeet. In der Tat ass dat Gebai energeetesch net onbedéngt e Meeschterwierk vum haitege Standard. Et war deemools, mat zwee anere Gebaier, jo, schonn e Meeschterwierk. Et war schonn eng Sportshal, wéi ee se soss am Land deemools wierklech net kannt huet.

Et ass en Temoin vun enger Architektur Richtung Britannisme oder Architecture brute, wéi mer se beim Centre Noppeney a beim Bock hunn. Do wär et wichteg, och wann dat keen einfacht Unterfangen wär, ze kucken, dass een déi Renovatioun à long terme a vu baussen an och mat der Fassad esou ugeet, dass een dat net ganz zerstéiert. Mee dass een dat valoriséiert.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass wichteg, dass mer dësen Deel vun der Renovatioun vun der Sportshal stëmmen. Hei geet et ëm d'Entkären an d'Ofdichte vun der Hal.

Ech hu just eng Fro, eppes, wat mir opgefall ass a wou ech net richteg weess. Deen neien Deel vum LIHPS, kann dat keng Problemer maache fir d'Ofdichtung? Well dat elo scho gebaut ass. Fir dat dicht ze kréien? Oder ass eppes virgesinn? Net dass mer herno erëm Problemer kréien, déi mer kennen. Ansonste stëmme mer mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Den Här Bertinelli an dann den Här Ruckert.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dëst ass e Projet, mat deem ech mech vill beschäftegt hunn. Ech si frou, datt et elo konkreet gëtt an datt mer zu Nidderkuer déi Sportshal fäerdeg hunn. Soudatt mer kënnen eriwwerplënnere mat de Sportsveräiner an eng Alternativ hunn, fir déi do Sportshal ze renovéieren.

Déi, déi am virege Schäfferot waren, wëssen, datt d'Diskussioun laang gedauert hat, ob mer déi Hal sollte komplett ewechrappen an eng nei dohinnersetzen oder ob mer déi Struktur, wéi se do ass, sollte sanéieren a kucken, fir dat Gebai, wat déizäit déi schéinste Sportshal hei am Land war, sollte behalen. No villen Diskussioune si mer dann zum Schluss komm, déi Sportshal ze sanéieren a stoenzeloossen. Well dat Gebai, wéi den Här Diderich et elo gesot huet, derwäert ass ze erhalen an déi Strukturen ze erneieren. Datt et soll eng modern Sportshal bannena sinn, mat deem schéine Gebai, wéi dat virdru war.

Mir haten am Ufank ganz vill mat de Ministèrë geschafft, ganz vill mam Sportsministère, mat deem mer eng ganz, ganz gutt Relatioun haten. Mer wollten e regionale Projet draus maachen, aus där Sportshal. Wou mer och vill méi Subside kritt hätten, wann et e regionale Projet gi wär.

Et bestoung de Besoin, ausser der Coque eng national Hal am Land ze hunn, wou och international Handball kéint gespillt ginn. Well dat dee Veräin ass, deen am längsten an där Sportshal op deem Niveau hei am Land spillt. Dat huet e groussen Ënnerscheed ausgemaach zu deem normale Projet. Et wäre praktesch 30 % méi gewiescht, déi d'Gemeng Déifferdeng kritt hätt vum Sportsministère, fir déi Hal an deem Kader ze realiséieren.

Meng Fro un den Här Ulveling ass: Ënner wat fir engem Kader leeft et elo? Ass dat nach ëmmer e regionale Projet? Oder ass et zréckgesat ginn? Well effektiv hat et missen eng international Hal sinn, fir international Handballmatcher do ze spillen. Do waren Normen, déi mer um Wee vun der Handballfederatioun kruten, un déi mer eis och gehalen hunn.

Ech hu gesinn, datt déi Bréck, déi ronderëm soll lafen, elo op der Säit vun den Noutdieren net méi de Fall ass. An datt mer elo praktesch déi Bänken, wéi mer se an der Fousbanner Hal hunn, erauszéien, fir do Visiteuren dropzesetzen. Wou mer net esou frou driwwer sinn. Den Här Muller huet et scho gesot. A well een da misst iwwert den Terrain goen, fir op déi Plazen ze kommen, wärend de Matcher. An och wann een zwëschent de Matcher muss eraus, iwwert den Terrain misst goen.

A mir wësse jo alleguerten, eng Sportshal mat hëlzenem Buedem – ech hoffe jo, datt dat erëm en hëlzene Buedem gëtt –, dass ee méiglechst net mat Schong driwwer leeft, d'Visiteuren. Well déi Terrainen dat net enorm gären hunn. Duerfir ajoutéieren ech, wat den Här Muller gesot huet, datt mer nach eng Kéier sollten doriwwer kucken. Dat ass dat eenzegt, woumat mer net esou ganz zefridde sinn, wéi déi Sportshal do gestalt gëtt.

Ech muss soen, datt ech praktesch schonn iwwer 40 Joer an déi Sportshal trainéiere ginn. Säit deem éischten Dag, wou se op war. A ganz, ganz vill Sportler aus där Sportshal erauskomm sinn. An och mat dat Bescht u Sportshal hei am Land war. Ech hoffen, datt mer erëm dohinnerkommen.

Nach eng Kéier meng Fro, och vläicht un de Sportschäffen, wéi wäit mat de Veräiner geschwat ginn ass, wéi grouss de Besoin ass, wéi wäit op déi eenzel Demanden agaange ginn ass, wat d'Veräiner brauchen. Et huet jo kee wäert, datt mer eng Sportshal baue loossen, wa se net ugepasst ass un déi Veräiner, déi se benotzen.

An nach eng Kéier wollt ech den Här Ulveling froen, ob dat elo e regionale Projet ass oder ob et e Projet vun der Gemeng eleng ass. Dat ass e groussen Ënnerscheed vun de Subsiden. Et mécht och e groussen Ënnerscheed aus, wéi vill mer kënnen ausginn, wéi héich am Endeffekt de Budget vun där Hal ass.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *s'est longtemps occupé de ce projet. Il se réjouit du fait qu'il entre dans sa phase de réalisation alors que le centre sportif de Niederkorn est terminé.*
*Le collège échevinal précédent a beaucoup débattu sur la question de savoir s'il fallait démolir le centre sportif et construire un nouveau bâtiment. Finalement, il est arrivé à la conclusion qu'il valait mieux assainir l'ancien bâtiment, car il mérite d'être conservé et modernisé.*
*L'ancien collège échevinal a collaboré étroitement avec le ministère des Sports pour en faire un projet régional. D'importants subsides étaient à la clé. Le pays a besoin d'une structure où tenir des rencontres de handball internationales en plus de la Coque. Le ministère aurait versé un subside de 30 % supérieur à celui actuel.*
*Le projet actuel est-il toujours à caractère régional ? Car la salle doit respecter certains critères pour accueillir des rencontres internationales.*
*Le pont qui devait être aménagé tout autour de la salle ne sera plus construit du côté des sorties de secours. Le collège échevinal compte par ailleurs utiliser des bancs similaires à ceux de la salle du Fousbann. Monsieur Muller a déjà dit que cette solution n'est pas satisfaisante, car pour atteindre ces places, il faudrait traverser le terrain. Si le sol est en bois comme Fred Bertinelli le suppose, on ne peut pas laisser les visiteurs marcher dessus. Le collège échevinal ferait bien de revoir ce point, qui est le seul dont les socialistes ne sont pas satisfaits.*
*Fred Bertinelli s'entraine dans ce centre sportif depuis quarante ans. C'était un des meilleurs centres sportifs du pays — ce qui doit être l'objectif encore aujourd'hui.*
*Le collège échevinal a-t-il discuté avec les clubs sportifs ? Quels sont leurs besoins ? A-t-on tenu compte de leurs demandes spécifiques ? Le nouveau centre devra être adapté aux attentes des clubs.*
*Fred Bertinelli répète qu'un projet régional entrainerait plus de subsides et permettrait à la Ville de Differdange d'investir davantage. L'ancien collège échevinal avait*

*trouvé un accord avec le ministre en deux séances. Il avait aussi rencontré la Fédération de handball. Où en est-on ?*

**ALI RUCKERT (KPL)** *explique que le devis d'aujourd'hui permettra de lancer les travaux préliminaires avant la rénovation du centre sportif. Il s'agit de se débarrasser de problèmes récurrents.*
*Les communistes étaient contraires à la démolition de la salle. Désormais, il est question d'une rénovation. Ali Ruckert saluerait un agrandissement. Mais le conseil communal reviendra sur ce point dans une autre séance.*
*Le conseiller communal espère que les travaux avanceront rapidement et que les clubs pourront profiter bientôt d'une structure en parfait état.*
*Le centre sportif a plus de quarante ans. Ali Ruckert rappelle qu'il a été construit par une coalition de socialistes et de communistes. À l'époque, c'était la salle de sport la plus moderne du pays. Malheureusement, le collège échevinal a cédé à la pression du gouvernement, ce qui explique que la piscine n'a pas les dimensions olympiques.*
*(Interruption)*
*En tout cas, les infrastructures sont utilisées. De grands sportifs s'y sont entrainés et y ont disputé des rencontres. Ali Ruckert espère que cela continuera.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie les conseillers communaux pour cette discussion intéressante.*
*La deuxième tribune constitue une sorte d'alibi. En effet, deux tribunes sont nécessaires pour y tenir des rencontres de handball internationales. Mais la taille de la deuxième tribune n'est pas fixée. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé d'installer des gradins pour mille personnes en face de la grande tribune. L'accès à la petite tribune ne pourra se faire que par les sorties de secours. Les spectateurs ne pourront pas traverser le terrain.*
*De toute façon, la petite tribune sera réservée aux entraineurs et aux associations.*
*Certes, il a été question à un moment de démolir le centre sportif.*

Praktesch an zwou Sitzungen hate mer mam ehemolege Sportminister den Accord, wann et eng regional Hal géif ginn. Mir haten eis och kuerzgeschloss mat der Handballfederatioun. Leider Gottes ass dat net fäerdeg gemaach ginn, mee dat war mol de But. Ech wollt nach eng Kéier froen, wéi wäit mer do sinn. Ob dat géif eng regional ginn oder net. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, déi 1,2 Milliounen, déi mer haut stëmmen, sinn d'Viraussetzung, dass iwwerhaapt déi Sportshal herno seriö ka renovéiert ginn. Et geet drëms, den Ënnergrond ofzedichten, dass déi Problemer, déi an der Vergaangenheet ëmmer erëm do waren, dass mer déi endlech lass ginn. An dass mer d'Renovéierung vun där Sportshal kënnen ugoen.

An der Vergaangenheet sinn Diskussioune gefouert ginn, fir se ganz ofzerappen. Wat aus der Siicht vun der Kommunistescher Partei e Feeler gewiescht wär, wann dat gemaach gi wär. Elo ass decidéiert ginn, op de Wee ze goen, eng wäitgoend Renovatioun ze maachen. En Ausbau vun där Sportshal géife mer begréissen. Mer kréie jo nach d'Geleeënheet an enger nächster Gemengerotssitzung, iwwert dee ganze Projet ze diskutéieren an deen dann och unzehuelen.

Et bleift ze hoffen, dass trotz den Ëmstänn, an deene mer eis haut befannen, dat kann zügeg weidergoen. Dass d'Sportsveräiner aus der Gemeng Déifferdeng déi Anlag erëm tipptopp benotze kënnen.

Et ass gesot ginn, déi ass iwwer 40 Joer al. Jo. Ech wëll drun erënneren, dass dat eng Sportshal ass, déi ënner enger Koalitioun vun der LSAP a vun der KPL gebaut ginn ass. Wat deemools dat Modernst war, wat hei am Land existéiert huet vu Sportshal.

Et muss een awer och soen, wéi déi gebaut ginn ass, dass de Schäfferot sech deemools esou wäit vun der Regierung ënner Drock setze gelooss huet, dass leider déi Schwämm, déi dra gebaut ginn ass, keng olympesch Moosse kritt huet.

**ENG STËMM:**

Jo.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dass also ni konnt richteg Kompetitioun do international geschwomme ginn. Dat war leider esou. Mer wëssen, dass déi Anlagen awer gutt genotzt gi sinn. An ech hoffen, dass wa mer déi renovéieren, wierklech eis Veräiner déi Sportshal erëm voll a Betrib huele kënnen. Do si grouss Sportler erausgaangen, aus där Hal hei vun Déifferdeng. Déi all do trainéiert hunn, déi do Matcher gemaach hunn. A mer hoffen, dass mer an Zukunft erëm kënnen dorun uknäppen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, ginn ech d'Wuert un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, villmools merci fir d'Wuert. Et war eng interessant Diskussioun. Dem Här Muller wëll ech soen: Mir mussen eis eens sinn, dass déi zweet soi-disant Tribün eng Alibi-Tribün ass. Well am internationalen Handball steet, et muss een zwou Tribünen hunn. Et steet awer net do, wéi grouss déi Tribün muss sinn. An, fir dass international ka gespillt ginn, hu mer decidéiert, déi Tribün – dat sinn zwou Reie Sëtzfläch – vis-à-vis vun där grousser Tribün, wou awer bal 1.000 Leit sëtze kënnen, ze installéieren.

Mir sinn eis bewosst, dass den Zougang fir déi kleng Tribün, wéi ech déi elo wëll nennen, nëmme kann iwwert déi Noutausgäng sinn. Dass déi vun hannen erfort kann erschloss ginn. Dat

heescht, d'Leit mussen net iwwert den Terrain lafen.

Dat anert, wat ech wëll soen ass, dass mer natierlech ni wäerte Leit op déi Tribün loossen, ausser vläicht d'Traineren oder d'Leit vum Veräin oder esou. Déi wëssen, wéi ee sech muss behuelen. Et ass am Esprit, wou mer gesot hunn, à un certain moment – den Här Bertinelli huet et gesot: ofrappen oder net ofrappen. Ofrappen, dat brauche mer elo net méi ze diskutéieren. Well mer sinn tëschent dem LIHPS op där enger Säit an op där anerer Säit enger gutt funktionéierender Uni, der LUNEX, praktesch agekesselt. Mir kënnen do elo net alles ofrappen an erëm vu vir ufänken. Dat ergëtt kee Sënn.

Dofir hate mer gesot, mir maachen eng Renovatioun, fir déi ganz Hal erëm technesch op den neiste Stand ze bréngen, ouni awer wëllen ze vill un der Enveloppe ze schaffen. Wa mer dat géife maachen, Här Muller, wat Dir elo sot, da misste mer déi ganz viischt Mauer ewechrappen. Dir hat geschwat vun 1,5 Meter Ausbau. Mir hunn dat gekuckt. Dat gi Méikäschten, déi am Fong a kenger Relatioun stinn, mat deem, wat mer wäerten duerno méi hunn. Wéi gesot, ech mengen net, dass jeemools eng Kéier op där klenger Tribün sech immens vill Leit ophale wäerten.

Zum Här Diderich: Dass d'Energiekonzept vun där Hal muss gekuckt ginn, ass selbstverständlech. Ech kann Iech elo scho soen, dass mer e ganz neien Daach wäerte maachen. Obwuel dee jo eréischt – 2003 oder 2004 muss dat gewiescht sinn, wou mer deen nei gedeckt hunn. Mee mer maachen een neien Daach, fir alles konform ze maachen. An d'Isolatioun vun der Fassad gëtt natierlech och gekuckt.

Den Här Tempels hat gefrot mam Bäibau vum LIHPS. Sinn nach Saachen, déi mussen zousätzlech elo nach gemaach ginn, fir de LIHPS och a Relatioun mat der Etancheitéit? Vu dass mer jo den Accord vum Sportsministère hunn, deen déi Käschten iwwerhëlt. Soudass mer déi net hei an dësem Devis reperkutéieren. Sondern, déi ginn op d' Kap vum Ministère vum Projet LIHPS, dee jo ganz vum Ministère iwwerholl gëtt.

Den Här Bertinelli hat gefrot, ob dat soll e regionale Projet ginn. Du moment, wou mer déi Pläng fäerdeg hunn, mat Ärem Accord, a mer sämtlech Avise vun de Kommissiounen hunn – do gëtt jo och nach driwwer geschwat –, wäerte mer bei de Ministère pilgeren a froen, ob esou eppes méiglech ass. Fir natierlech déi Subsiden, op déi mer jo net einfach esou wëlle verzichten, zousätzlech ze kréien.

Mee, wat ech uganks gesot hunn, déi kleng Tribün hu mer als Tribün gemaach. A mer hunn dat och mam Accord mat de Vertrieder vum Handball esou konzipéiert. Déi eis gesot haten: Dir braucht eng zweet Tribün. Awer wéi grouss se ass a wou se ass, steet néierens. An da maache mer dat esou. Si si mat deem Projet, souwäit ech weess, zefridden. An et geet hinnen duer.

Mir sinn amgaang, déi final Pläng an d'Devisen auszeschaffen, wat et soll kaschten. An da wäerten déi sou schnell wéi méiglech hei virleien, fir dass mer virukommen. Mir sinn e bësse vun der Zäit gedriwwen, well mer kënnen elo keng Aktivitéite méi maachen. Soubal déi Aarbechten uginn, ënnen am Sous-sol, kënne mer keng Aktivitéite méi maachen an där Hal.

Et ass an eisem Interêt, sou schnell wéi méiglech virunzekommen, fir dass déi Hal sou mann wéi méiglech net ka benotzt ginn. Dofir si mer frou, dass mer awer Accorden – och zesumme mam Här Aguiar, dee sech ganz beméit huet, all déi Veräiner ënnerzekréien. Dat ass net esou einfach, fir alles esou ze organiséieren, dass kee Plommen hänke léisst. Dass all d'Aktivitéite vun de Veräiner, zemools elo nom Covid, kënnen erëm lassgoen.

Hien huet e ganze Plang ausgeschafft, wie wat wou kann elo trainéieren, en attendant, dass mer erëm zréck an eis Sportshal kommen. Mir si beméit, esou schnell wéi méiglech virunzekommen, fir dass dat esou mann laang wéi méiglech net ka gebraucht ginn. Ech soen Iech Merci.

*Mais ce n'est plus possible parce que le bâtiment se trouve entre LUNEX et le LIHPS. L'objectif est donc de moderniser la structure sans travailler trop fortement sur l'enveloppe. Agrandir le centre sportif comme le suggère monsieur Muller forcerait le collège échevinal à démolir le mur de devant. Cela entrainerait des frais disproportionnés.*
*Comme l'a dit monsieur Diderich, il faut mettre en place un concept énergétique. Le toit sera entièrement refait de même que l'isolation de la façade.*
*Comme l'a souligné monsieur Tempels, des travaux supplémentaires sont nécessaires pour assurer l'étanchéité du LIHPS. Le ministère des Sports les réalisera. Ils ne figurent donc pas dans le devis.*
*En ce qui concerne le projet régional dont a parlé monsieur Bertinelli, Tom Ulveling propose d'attendre que les plans soient terminés et que les commissions aient remis leurs avis. Ensuite, le collège échevinal discutera avec le ministère.*
*En tout cas, la petite tribune a été conçue en concertation avec la fédération de handball. Une deuxième tribune était nécessaire, mais sa taille et son emplacement n'ont aucune importance.*
*Le collège échevinal présentera les devis et plans définitifs aussi vite que possible. Le temps presse, car quand les travaux commenceront dans le sous-sol, le centre sportif ne pourra plus être utilisé. Il est dans l'intérêt de tous de travailler rapidement.*
*Monsieur Aguiar se démène pour trouver une solution adéquate pour tous les clubs lorsque le sport va reprendre. Il a réalisé un plan. Tom Ulveling répète que le collège échevinal veut aller vite dans ce dossier.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au décompte du bâtiment C du 1535°. Il est plus bas que le devis initial. Elle passe au vote.*

**TOM ULVELING (CSV)** *voudrait présenter le décompte.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling signale que madame Brassel-Rausch s'est trompée. Le décompte est supérieur au devis.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *faisait allusion au deuxième devis.*

**TOM ULVELING (CSV)** *admet que les dépenses réelles du deuxième projet sont de 3 458 000 € au lieu de 3 775 000 €.*
*Mais il va présenter trois décomptes du bâtiment C du 1535°. Deux décomptes ont déjà été approuvés l'année dernière. Le bâtiment C du 1535° comporte un total de 5 articles budgétaires pour un total de 7,7 millions d'euros. Cela représente un cout de 1246 € par mètre carré. Le bâtiment A a, quant à lui, couté 7,3 millions d'euros — 1220 € le mètre carré.*
*Le premier décompte d'aujourd'hui porte sur les travaux de finalisation du deuxième et du troisième étage d'une surface totale de 3000 m² pour 3 458 000 € au lieu des 3 375 000 € prévus. Le dépassement se chiffre à 83 460 €. Les travaux ont duré quatre ans, ce qui explique l'augmentation des prix.*
*Le deuxième devis concerne l'ancienne menuiserie, où se trouve le CIGL. La surface est de 1200 m². Les couts se montent à 1 474 000 €.*
*Le dernier décompte porte sur la menuiserie extérieure, c'est-à-dire l'enveloppe extérieure et les fenêtres. On a essayé de préserver l'aspect général d'époque. Au deuxième étage, les fenêtres ont un châssis isolant pour augmenter le confort. Les frais se montent à 1 279 000 € TTC.*
*Tom Ulveling remercie monsieur Beni, qui était responsable du chantier. Le prix au mètre carré était de 1200 €.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux préliminaires en relation avec la rénovation et la modernisation du centre sportif à Oberkorn.*

Ech soen Iech villmools Merci. Da komme mer zum 3d. Dat ass e feine Punkt, dat ass en Dekont. Et geet ëm d'Gebai C aus dem 1535°. U sech ass et ëmmer positiv, wann den Dekont méi niddreg ass wéi den Devis, dee gestëmmt ginn ass. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Soss komme mer …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt dat awer nach virstellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass net ganz richteg, wat Der gesot hutt. Bei engem si mer liicht driwwer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Beim zweeten.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do si mer vun 3.375.000 op 3.458.000 komm. Mee dat wäert ech Iech elo erklären. Ech géif Iech déi dräi Dekonten zesumme virstellen. Et handelt sech ëm déi dräi lescht Dekonte vum Bâtiment C vum 1535°. Dat ass dat Gebai, wou de Sonotron dran ass, fir déi, déi et net wëssen. D'lescht Joer hate mer zwee Dekonten dovunner gestëmmt.

D'Gebai C huet mat senge fënnef Budgetsartikelen en Total vu 7,6 bal 7,7 Millioune kascht. Mat 6.1079 m² maachen dat genau 1.246 Euro de Meterkaree aus, wat eis dat kascht huet, fir dat Gebai ze renovéieren. Als Verglach: Am Bâtiment A, wou elo d'Schräinerei dran ass, dat huet eis 7,3 Millioune kascht. Dat Gebai huet 5.984 m². An dat huet e bësse manner, 1.220 Euro de Meterkaree Invest, kascht. Do waren d'Reseauen an den Trafo mat dobäi.

Wat déi dräi Dekonten hei ubelaangt, wëll ech Follgendes soen: Dat eent ass den Dekont vun Travaux de finalisation. Do sinn den zweeten an den drëtte Stack amenagéiert ginn. Déi zwee Stäck hu jeeweils 1.500 m² Surface. Dat ass eng Surface totale vun 3.000 m². An dat huet 3.458.000 Euro TTC kascht. Den Devis war 3.375.000 Euro. Et ass en Depassement vun 83.460 Euro duerch Präiserhéijungen zustane komm. Ech wëll och soen, dass un deene Gebaier vun 2015 bis viru Kuerzem, also bal véier Joer, dru gebaut ginn ass. Soudass dat, géif ech soen, keng dramatesch Erhéijung ass.

Deen zweeten Devis, dat ass d'ancienne Menuiserie. Dat ass déi Zon, wou haut de CIGL dran ass. Den Atelier ass um Rez-de-chaussée an d'Büroe sinn um éischte Stack. Dat sinn 1.200 m². Déi Zon ass eng vun den éischten, déi am Chantier ugaange ginn ass an hat och deen éischte Locataire am Gebai C. An déi huet 1.474.000 Euro kascht.

Dee leschten Dekont, dat ass dee vun der Menuiserie extérieure. Am Titel ass e Feeler. Dat ass net ancienne Menuiserie, mee Menuiserie extérieure, wéi ech elo gesot hunn. Dat ass haaptsächlech d'Enveloppe extérieure mat all hire Fënsteren an Adaptatiounen, déi hu musse gemaach ginn.

Et ass probéiert ginn, den Aspect général d'époque sou wäit wéi méiglech ze erhalen. Um Rez-de-chaussée an um éischte Stack si Fënsteren ewéi et am Original war, rekonstruéiert ginn. Ab dem zweete Stack si Fënstere mat isoléiertem Chassis agebaut ginn, fir de Confort ze erhéijen. Dëst huet 1.279.000, also praktesch 1,3 Milliounen TTC, kascht.

Mir mussen dem Här Beni Merci soen, dass hien dee Chantier esou gutt iw-

wert d'Bün kritt huet. Dir hutt et héieren, de Käschtepunkt pro Meterkaree, dee mer gebraucht hunn, fir dat ze sanéieren, war ëm déi 1.200 Euro. Dat ass ganz honorabel.

Ech wär frou, wann Der eis dës lescht dräi Dekonte géift stëmmen, fir zumindest d'Gebai C kënnen ofzeschléissen. Mir sinn elo nach mam B amgaangen. Dorop wäerte mer och nach eng Kéier zréckkommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung dozou ass, komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte de travaux du bâtiment C sur le site du 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Am Punkt 4a geet et ëm e PAP „An der Neuwiss / Woiwerwisen". De 4b ass „A Lauterbann". Ech géif der Madamm Pregno d'Wuert direkt iwwerloossen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Zum éischte Punkt vun de PAPen, „An der Neuwiss" am Quartier+, hat den Här Ulveling gesot, dass de Bau vun der Servior gutt weidergeet. Mir hate si d'lescht Woch am Schäfferot gesinn. Et geet elo drëms, dass mer de PAP stëmme fir LuxEnergie. D'Chaufferie soll dee ganze Quartier alimentéieren. Dat ass eng Pelletschaufferie. Déi soll mat engem regionale Produit funktionéieren.

Well de Bau esou gutt weidergeet, wär Servior frou, wann dëse PAP schnell géif duerchgoen, dass si vun där Heizung do profitéiere kéinten, fir hire Réibau herno weider ze hëtzen. Dës Chaufferie ass net just fir d'Servior, si ass geduecht, fir herno dee ganze Quartier+ ze hëtzen.

Méi spéit haut am Gemengerot ass en Avenant zu deem Kontrakt. Ech denken, dass ech do weider Erklärungen zu deem Projet wäert ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Suite zu de Remarke vum Inneministère an hirem Avis betreffend de Projet „An der Neuwiss / Woiwerwisen" sinn déi Punkten ugepasst ginn. Hei ass d'Phas 1 fir dee grousse Projet vum neie Quartier+ zu Uewerkuer. LuxEnergie baut, wéi am PAP virgesinn, eng Chaufferie a betreit se wärend 30 Joren. Dës Chaufferie soll déi zukünfteg Gebaier, dat heescht dee ganze Quartier+, mat Wäermt versuergen. D'Gemeng bleift Proprietär vum Terrain.

De PAP ass prett zum Vott. Mer brauchen eng Chaufferie schonn emol fir deen nächste Wanter an, wéi gesot, fir d'Gebai vu Servior ze hëtzen. An der Phas 1 sinn zwou Residencë virgesinn, laanscht d'Woiwerstrooss, getrennt duerch eng nei Strooss, déi an de Quartier féiert. Dës huet schonn en Numm: Rue Renée Lazard. Esou ass déi bestoend Michel-Rasquin-Strooss net méi esou vum Trafic belaascht.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dëse PAP.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass alles gesot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller huet sech nach gemellt.

*Il demande au conseil communal d'approuver les trois décomptes pour conclure le bâtiment C. Les travaux sont en cours dans le bâtiment B.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point c, le PAP des Woiwerwisen.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que la construction du bâtiment de Servior dans le quartier Plus de Neiwiss avance bien. Désormais, il s'agit d'approuver le PAP de Luxenergie. La chaufferie à pellets alimentera tout le quartier.*
*Servior espère que le PAP sera approuvé rapidement pour qu'ils puissent profiter du chauffage.*
*Tout à l'heure, il sera question d'un avenant à ce contrat. Laura Pregno fournira davantage d'explications à ce moment-là.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *signale que le projet Neuwies Woiwerwisen a été adapté sur la base de l'avis du ministère de l'Intérieur.*
*Aujourd'hui, il est question de la construction de la chaufferie par Luxenergie. Cette chaufferie alimentera tout le quartier Plus. La Ville de Differdange restera la propriétaire du terrain.*
*Le PAP est prêt pour le vote. La phase 1 prévoit la construction de deux résidences le long de la rue de Woiwer séparées par une nouvelle route — la rue Renée Lazard — servant d'accès au quartier. Moins de voitures devraient circuler désormais dans la rue Michel-Rasquin.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il n'a rien à ajouter.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que le vote d'aujourd'hui ne porte que sur une petite partie du PAP Neuwies/Woiwerwisen. Cette phase prévoit la construction de deux résidences et l'installation d'une centrale thermique de Luxenergie.*
*Plus tard viendront s'ajouter cinq autres résidences.*
*Erny Muller passe à la partie graphique du plan directeur du quartier Plus. Le schéma directeur porte le nom de OB04 et fait 16,62 ha. Cinq-cent-quatre-vingt-trois appartements pouvant accueillir mille-trois-cent-quarante-et-un habitants y verront le jour. La deuxième résidence accueillera 121 appartements et 278 habitants.*
*Le plan directeur en question n'a pas encore été approuvé par le conseil communal. Les socialistes ne veulent pas mettre la pression, car ils préconisent une croissance intelligente. Mais il serait temps que le collège échevinal fournisse des détails quant au quartier Plus. Erny Muller n'a plus reçu d'informations depuis deux ou trois ans.*
*Les socialistes demandent des explications quant à la réponse du collège échevinal aux remarques de la Cellule concernant la chaufferie centrale de Luxenergie. Une telle centrale peut avoir un impact sur les riverains. Le collège échevinal aurait pu suivre l'avis de la Cellule quant aux reculs.*
*Le LSAP approuvera le PAP.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que le plan prévoit deux résidences. Qu'en est-il ? La commune sera-t-elle maitre d'ouvrage ?*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que le PAP Neiwiss a été présenté. Il ne va pas y revenir.*
*Dans les plans, il est question de voies pour les piétons et les cyclistes. Or les experts en mobilité douce déconseillent de mettre les piétons et les cyclistes en situation de concurrence. Par ailleurs, à partir d'un certain âge, les cyclistes n'ont plus le droit de circuler sur le trottoir. C'est pourquoi Gary Diderich propose de modifier les plans de sorte que les cyclistes puissent circuler sur la route sans partager le trottoir avec les piétons.*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll eppes zu dësem PAP soen. De Gemengerot stëmmt haut iwwer e klengen, ee ganz klengen Deel vun dësem PAP „An der Neuwiss / Woiwerwisen". Dat ass d'Phas 1.1, wou zwou Residenzen an, wéi mer schonn héieren hunn, d'Implantatioun vun enger Centrale thermique LuxEnergie dropkënnt. An der spéiderer Phas 1.2 kommen nach, wéi et op de Pläng ze erkennen ass, zousätzlech fënnef Residenzen derbäi.

Der Argumentatioun vis-à-vis vum Interieur respektiv der Cellule d'évaluation läit och eng Partie graphique vum Plan directeur vum sougenannte Quartier+ vir. Dëse ganze Schéma directeur heescht „OB04 An der Neuwiss" an ëmfaasst 16,62 Hektar. Entstoe sollen hei am HAB-1 583 Wunnenge mat insgesamt 1.341 Awunner. Am HAB-2 121 Wunnengen, mat 278 Awunner. Dat ass also wéi de futur Quartier soll ausgesinn.

Dëse Plan directeur, wat jo och e PAP soll ginn, ass am Gemengerot nach net guttgeheescht an nach net virgeluecht ginn. Et ass net esou, dass d'LSAP hei onbedéngt Drock maache wëll. Dir wësst, mir sinn éischter fir intelligent Wuessen, an hei huet d'Gemeng et jo selwer an der Hand. Et wär un der Zäit, dass de Schäfferot dem Gemengerot Opklärung gëtt iwwert dëse Plan directeur, respektiv wat am Detail an dësem Quartier+ bekannt ass. Ech weess nach e bëssen aus menger fréierer Aktivitéit. Mee an deene leschten zwee, dräi Joren hunn ech näischt méi weider iwwert dëse Quartier héieren.

Zu dësem klengen Deel vun haut hätte mir nach gären eng Erklärung betreffend dem Schäfferot sengem Avis vum 19.6. als Äntwert op d'Remarke vun der Cellule, wat d'Implantatioun vun der Heizzentral LuxEnergie ubelaangt. Mir sinn och der Meenung, dass d'Bedreiwe vun esou enger Zentral en Impakt op d'Anrainer kann hunn. Mol ofgesi vun där banaler Architektur. Déi zwee bis dräi Meter Ofstand, wou si proposéiert haten, fir dat Ganzt op déi aner Säit ze réckelen, hätt eiser Meenung no Sënn gemaach. Wat an der Äntwert steet, « Les reculs tels que reprises dans la partie graphique sont cohérents et suffisants », ech mengen, dat ass e bëssen haart vis-à-vis vun der Cellule.

D'LSAP stëmmt dëse PAP. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass alles gesot ginn. Hei op dësem Plang sinn zwou Residencen agezeechent. Wat ass do virgesinn? Gëtt d'Gemeng selwer täteg? Oder wat soll do geschéien? Ech soe Merci. Mir stëmme mat Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, de PAP Neuwiss ass hei presentéiert ginn. Et si scho vill Saache gesot ginn. Dofir ginn ech net méi an op dat, wat scho gesot ginn ass.

Ech wollt e puer Saachen opwerfen. An de Pläng gëtt vu Voie piétons-cycles geschwat. All d'Leit, déi sech mat der Mobilité douce auserneesetzen, och eng Vëlosinitativ an esou weider, soen ëmmer, dass een net soll de Vëlosfuerer mam Foussgänger a Konkurrenz bréngen. Laut Reglement sollen d'Vëlosfuerer och net um Trottoir fueren, soubal se an engem gewëssen Alter sinn. Obwuel dat net ëmmer respektéiert gëtt.

Dofir géif ech virschloen, déi Pläng an deem Sënn ze adaptéieren. Dass et net ass, fir den enke Raum tëscht Foussgänger a Vëlosfuerer ze deelen, mee virun allem an esou engem Beräich soll de Raum vun der Strooss esou amenagéiert ginn, dass e fir de Vëlo sécher ass, wann net eng ofgeséchert Vëlospist virgesinn ass.

Dat anert, wat ech wollt froen a wat ech bei all PAP froen, virun allem, well dat hei e PAP ass, deen a Gemengenhand ass: Wéi ass et mat der Reewaassernotzung? Net nëmmen d'Reewaassernotzung, och d'getrennt Féiere vum Schmotzwaasser a vum Reewaasser. Hei an de Pläng hunn ech elo net gesinn, dass dat getrennt gemaach gëtt. Dat heescht, dat proppert Reewaasser fléisst warscheinlech erëm zesumme mam Schmotzwaasser, mat Waasser aus der Afaart, wou Ueleg drafléisst an esou weider.

Ech hoffen, dass mer op aner Weeër kënne goen an Zukunft, dass mer systematesch a PAPen, net nëmme wou mer selwer sinn, mee och wou anerer sinn, wierklech sécherstellen, dass d'Waasser esou gutt wéi méiglech benotzt gëtt. Well elo seet d'Gestion de l'eau schonn erëm, dass mer Problemer wäerte kréie mam Waasser. Mir hunn zënter Joren Enkpäss mam Waasser. Dofir denken ech, dass een d'Reewaasser sollt lokal direkt kënnen notzen an direkt an de Pläng virgesäit, dass an den Haiser zwee Leitungsreseaue leien.

Et muss net all Haus säin eegene Reewaassertank hunn. Grad an esou engem Projet kéint een zum Beispill ee fir déi dräi Haiser virgesinn. Ech wollt froen, ob et an déi Richtung nach kënne Bestriewunge ginn.

Da wollt ech froen, dat kéint ech och vläicht scho wëssen, mee fir sécherzegoen, hei ass et jo d'Gemeng selwer, déi de PAP mécht: Baue mir selwer? Gehéieren déi Wunnengen eis herno? A wéi ass geplangt, déi Wunnengen herno ze exploitéieren? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, erlaben ech mer souwuel dem Här Diderich wéi dem Här Goffinet ze äntwerten, dass et elo just ëm d'Chaufferie geet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Net dem Här Goffinet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dem Här Muller, pardon. Et ass, well den Här Goffinet ëmmer do souz. Dem Här Muller an dem Här Diderich ze äntwerten, dass elo um Ordre du jour just de PAP steet vun der Chaufferie. A wat d'Residenzen an de Bebauungsplang ugeet, mer dat zu engem spéideren Zäitpunkt hei am Gemengerot wäerten hunn. Well mir solle jo lues bauen an net ze vill zoubetonéieren an intelligent bauen, hunn ech mer soe gelooss.

Da géif ech zum Vott kommen iwwert de PAP Chaufferie.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieudit « An der Neuwies/Woiwerwisen » à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la Ville de Differdange.*

Ech soen Iech villmools Merci. Fir de Punkt 4b, PAP „A Lauterbann" zu Nidderkuer, géif ech d'Wuert direkt weider un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschter. Ma et geet hei ëm e PAP nouveau quartier toponyme „Zwëschen Lauterbannen" respektiv „A Lauterbann" zu Nidderkuer. Et ass en Terrain vun 31 Ar tëscht der N31, besser bekannt als Route de Bascharage, an der Eisebunnslinn, déi vu Péiteng op Déifferdeng geet. Am ënneschten Deel begrenzt duerch de Rond-point, wou jo schonn eng Stéchstrooss gemaach ass.

Dësen Terrain wäert erschloss gi fir eisen neie Gemengenatelier. Et ass wichteg, dass eise CID engersäits verlagert gëtt a virun allem ausgebaut gëtt. Mir hunn e Service de régie, dee vill Leit zielt, dee vill wichteg Aarbecht fir d'Gemeng mécht. Awer mëttlerweil an engem Lokal ënnerbruecht ass, wou en definitiv aus allen Néit platzt. Fir esou eng grouss Gemeng, wéi mir et sinn, ass et wichteg, dass dësem Service deen néidege Raum gebuede gëtt, fir hir

*Comme la Ville de Differdange est maître d'ouvrage de ce PAP, Gary Diderich demande au collège échevinal ce qu'il a prévu en matière de récupération d'eau de pluie et de séparation d'eau de pluie et d'eaux usées. Les plans ne semblent pas indiquer une telle séparation ce qui laisse supposer que l'eau de pluie est canalisée avec les eaux usées. Gary Diderich espère qu'à l'avenir, l'eau sera gérée de manière optimale systématiquement dans tous les PAP.*
*Depuis des années, le Luxembourg connait des pénuries d'eau. C'est pourquoi il faudrait pouvoir utiliser l'eau de pluie localement et prévoir dès le départ deux réseaux de conduits d'eau.*
*Cela ne signifie pas que chaque maison ait besoin de son propre tank d'eau de pluie. Un pour trois maisons suffirait. Est-il encore possible d'aller dans cette direction dans ce projet ?*
*Dans ce cas-ci, la commune réalise le PAP. Les appartements lui appartiendront-ils ? Comment ces appartements seront-ils exploités ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite dire à monsieur Diderich et monsieur Goffinet que…*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il ne s'agit pas de monsieur Goffinet.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse.*
*Elle souhaite rappeler à monsieur Diderich et monsieur Muller que l'ordre du jour porte sur la chaufferie. Il sera question des résidences dans une autre séance. Il s'agit de construire de manière intelligente sans tout bétonner.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4b, le PAP A Lauterbann à Niederkorn.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que le terrain fait 31 a et qu'il se situe entre la route de Bascharage, la ligne de chemin de fer Pétange-Differdange et le rondpoint. Il servira à construire les nouveaux ateliers communaux.*
*Les services de régie comptent de nombreux employés et réalisent des*

*travaux importants. Mais actuellement, ils manquent de place.*
*Le PAP s'intègre bien à la zone artisanale Haneboesch. Le terrain se compose de prairies et de terre arable. Une partie est actuellement utilisée comme parking.*
*Le PAP est conforme au nouveau PAG de la Ville de Differdange. Le terrain est classé zone d'activité économique communale de type 1. Les détails techniques relatifs au COS figurent dans le dossier.*
*L'accessibilité est garantie par la route de Bascharage, par le bus et le Diffbus.*
*Les raccordements techniques — notamment au canal — sont assurés dans le cadre de la construction du nouveau quartier de la SNHBM.*
*La structure comprendra un bâtiment administratif, des ateliers, des espaces de stockage… La Cellule d'évaluation n'apprécie pas le terme de stockage, car le site n'est pas censé accueillir des halles sans activité. Mais les services de régie doivent pouvoir stocker leur matériel, même s'il est parfois utilisé tous les jours. Finalement, le collège échevinal a supprimé le terme « stockage ».*
*Une autre réclamation de la Cellule porte sur le fait que 14,6 % du terrain doivent être cédés aux instances publiques. Mais dans ce cas-ci, la commune est maitre d'ouvrage.*
*Un citoyen a également déposé une réclamation, mais celle-ci n'a pas entrainé de modification du dossier.*
*Le terrain est en pente. Le projet sera donc réalisé sur deux plateaux.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la commune cherche depuis longtemps un site pour leurs ateliers communaux. Celui dont il est question aujourd'hui remplit toutes les conditions. Il était temps, car les ouvriers du CID manquent cruellement de place. Differdange ne cesse de croitre. Les services techniques doivent croitre également pour assurer un service efficace aux citoyens.*
*Le PAP permettra de construire des ateliers communaux modernes près de la zone industrielle Haneboesch à Niederkorn. Il y a même un terrain en réserve pour l'avenir. Les*

Aarbecht, déi immens wichteg ass fir eis Gemeng, gutt ze maachen.

Dëse PAP reit sech an d'Logik vun dëser Zone artisanale Haneboesch an, an déi en dann och wäert integréiert ginn.

Am Moment besteet deen Terrain aus Wisen an Akerland. Ee Stéck dovunner ass awer scho versigelt als Parking vun engem groussen Autohaus, wat Der jo all kennt.

De PAP ass konform zu eisem neie PAG, dee jo nach net ganz duerch ass. En integréiert sech an eng Zone d'activité économique communale vum Typ 1. Am Dossier fannt Der eng ganz Rei technesch Detailer zum COS.

D'Accessibilitéit vun dësem PAP ass deels duerch d'Strooss N31, der Route de Bascharage, garantéiert, anerwäerts duerch de Bus an den Diffbus. Wouduerch d'Accessibilitéit vun den Aarbechter wéi vu jegleche Gefierer garantéiert ass.

D'technesch Uschlëss sinn doduerch garantéiert, dass sech dee PAP hei an deen neie Quartier vun der SNHBM an der Péitengerstrooss areit. Soudass de Reen- a Schmotzwaasserkanal ënnert der Bunn duerchgepresst ginn ass an herno un de CID wäert kënnen ugeschloss ginn. An dann alles zesummen an der Géigend vum Rond-point an déi bestoend Kanalisatioun ugeschloss gëtt.

Dir gesitt, dass fënnef Baufënstere virgesi sinn am Bebauungskonzept. Do geet et vu Verwaltungsgebaier bis funktionell Gebaier, Lager a Wierkraimméiglechkeeten. Lager oder Stockage nenne mir dat, woumat d'Cellule d'évaluation net esou zefridde war, soen ech elo emol, mat deem Wuert Stockage. Well mir verstinn oft ënner Stockagehalen Halen, wou keng Aktivitéit ass. An dat soll et hei net sinn. Mir sinn eis awer bewosst, dass e Service de régie verschidde Material muss stockéieren, och wann dat am alldeegleche Gebrauch ëmmer erëm gebraucht gëtt. Wou d'Terminologie vum Wuert Stockage herno geännert ginn ass, a mir dat ersat hunn. Soudass déi Reklamatioun herno an der Rei war.

Eng aner Reklamatioun vun der Cellule d'évaluation war, dass Terrain cedéiert muss ginn. Ëffentlechen Terrain muss cedéiert ginn. Bon, dat ass e bësse schwiereg. Mir si selwer als Gemeng betraff. Dass 14,6 % vun deem ganze PAP soll un d'Gemeng cedéiert ginn, wat dann awer schwiereg ass, wann d'Gemeng selwer do baut.

An dann hu mer eng drëtt Reklamatioun kritt vun engem Bierger, wou awer weider keng Modifikatiounen herno an den Dossier agefloss sinn.

Interessant ze soen, et ass eng Pente am Dossier. Souwuel eng Nord-Süd-Pente wéi eng Ost-West-Pente. Soudass herno zwee Plateaue wäerten entstoen, déi terrasséiert ginn an da vun engem op deen anere Plateau e gewëssen Ënnerscheed am Niveau entsteet.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, scho laang sicht d'Gemeng en neie Site fir hir Gemengenatelieren. Vill Sitte goufe gekuckt an nees verworf. Hei hu mer elo endlech e Site fonnt, deen den Ufuerderunge gerecht gëtt. Dat ass och dréngend noutwendeg, wann ee kuckt, wéi wéineg Plaz d'Aarbechter am CID am Moment hunn. Deeler si jo scho provisoresch delokaliséiert ginn. Déifferdeng ass gewuess a wäert nach weider wuessen. Deementspriechend mussen och ons technesch Déngschter wuessen, fir en uerdentleche Service um Bierger och an Zukunft ze garantéieren.

Mat dësem PAP erméigleche mer, datt mer „A Lauterbann“ bei der Zone industrielle Haneboesch zu Nidderkuer een neie modernen techneschen Déngscht opriichten, dee genuch Plaz huet, fir all seng Aktivitéiten ënnerzebréngen. A souguer mat enger klenger Reserv u Plaz fir d'Zukunft. D'Pläng krute mer scho gewisen.

Den Avis vum Interieur, dee bäiläit, ass ganz positiv. Just den Term vum Sto-

ckage hat zu Mëssverständnesser gefouert, déi jo elo gekläert sinn. Natierlech riichte mer hei keng Hal fir Stockage op, mee en technesche Service, wou geschafft gëtt. Wou awer och emol Plaz gebraucht gëtt, fir Saachen ze raumen, zum Beispill Verkéiersschëlter, Streesalz, Chrëschtdagsbeliichtung, Bünenelementer a sou weider. Wa se net grad benotzt ginn, musse se iergendwou ënnerbruecht ginn.

D'Madamm Pregno sot, dëse Projet integréiert sech gutt dohin. Jo, effektiv mécht d'Lokalisatioun ausserhalb vum Zentrum Sënn. Wann een d'Aktivitéiten an d'Envergure vum ganze Projet kuckt, läit dëst gutt bei der Industriezon Haneboesch. All d'Gefierer, déi mer mëttlerweil do hunn, déi solle jo just dann an eise Quartieren zirkuléieren, wa se och do gebraucht ginn. Verkéier an der Stad hu mer genuch. Op jiddwer Fall si mer frou, datt et an dësem Dossier weidergeet. D'CSV stëmmt dëse PAP mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Den Här Muller huet d'Wuert gefrot.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. D'Erklärungen, déi ware ganz gutt vun der Madamm Pregno. Et ass schonn eng Partie gesot ginn zu dësem Projet. Eis Gemengenatelieren, si mer eis all eens, dass déi en neie Site brauchen, dass déi aus allen Néit platzen. Hei kréie se mat dräi Hektar méi wéi dat Duebelt un Areal, wat se bis elo haten.

Mir wëssen, dass déi eenzel Gebaier zesumme mat de Responsabelen an och mam Personal vum CID gekuckt gi sinn an d'Besoinen definéiert gi sinn. Duerfir gi mer mol dovun aus, dass dee Projet an och de Bebauungsplang, deen herno dobäikënnt, optimal geplangt ass.

Wat de PAP hei ubelaangt, hätte mer nach déi eng oder déi aner Fro. Wat mer begréissen, dass d'Diech begréngt ginn a souguer photothermesch wéi photovoltaesch ausgestatt ginn. Photothermesch, dat sinn déi Waasser-Solar-Panelen. Dat schéngt eis och wichteg hei ze sinn, well hei jo vill Vestiäre sinn, mat héijem Waasserverbrauch. Wou ee wierklech Energiekäschte staark aspuere kéint, wann een op dee Wee goe géif. Schéngt souguer méi interessant ze si wéi Photovoltaik. Déi zwee kombinéiert ass sécherlech hei op deene Gréngdiech vu groussem Wäert.

Wat net esou kloer ass, do gëtt e Parkhaus opgeriicht, ënner anerem, fir eis Gemengegefierer ze parken. Wat ass do genee geplangt? Kommen do Camionen, Gemengegefierer? Wéi ass et mam Personal? Wou geet d'Personal parken? Kënnt Der eis do Opklärung ginn?

Et wär och néideg, dass een nach géif versichen, mat eiser gesamter Beleegschaft e Mobilitéitskonzept auszeschaffen, fir op d'Aarbechtsplaz ze kommen an erëm heemzefueren. Et muss ee selbstverständlech kucken: Wéi vill Leit kommen aus Déifferdeng? Wéi vill vun auswäerts? An esou weider. Déi ganz Etüd/Analys wär wichteg, well jo awer d'Aarbechtszäit eng bestëmmten Zäit ass. Et ass jo elo net, dass do en Horaire mobile ass. Et geet zu enger fester Zäit un an et hält an der Reegel zu enger fester Zäit op. Soudass ee misst kucken, en anstännegt ëffentlecht oder gemengeninstalléiert Mobilitéitskonzept ze fannen. Dass d'Leit an der Haaptsaach kéinten op hir privat Gefierer verzichten, fir op d'Aarbecht ze kommen.

Dir hat geschwat, Madamm Pregno, vum Dénivellement. Dat ass op enger Plaz 4,5 Meter. Dat ass enorm. Ech mengen, et wär awer nach Plaz do, dass een dat kéint begréngen oder beplanze mat Beem oder esou. Dass een déi héich Mauer kéint ofschwächen duerch eng kleng Grénganlag an esou weider. Dat sinn Detailer. Mee dat ass sécherlech nach méiglech. Alles an allem fanne mer de Projet gelongen.

Wat nach ze soen ass: Mir hunn nach en zweete Site, dat ass dem Här Bertinelli säin Dada, mee ech soen elo emol direkt, mir hunn dee Site vun Efco-Forodia gelount. An do hu mer och eng ganz Partie Material stockéiert. Ech weess elo net, wéi et do soll virugoen. Mee et wär interessant, wa mer als Annex zu eisem gesamte CID, eisen Atelieren, dee Site géife bäibehalen, fir do an der Haaptsaach de Stockage ze maa-

*conseillers communaux disposent des plans.*
*L'avis du ministère de l'Intérieur est positif – mis à part la remarque concernant le stockage. Les halles ne serviront pas uniquement au stockage de matériel. Les services techniques travailleront sur place. Mais il faudra bien déposer le matériel quelque part.*
*Madame Pregno a expliqué que le projet s'intégrait bien au site. Des activités de cette envergure doivent se situer en dehors des localités. Les véhicules ne circuleront dans les lotissements qu'en cas de nécessité. Il y a déjà assez de trafic en ville.*
*Le CSV approuvera le PAP.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *félicite madame Pregno pour ses explications. Il est évident que les ateliers communaux ont besoin de nouveaux locaux. Le nouveau site fait trois hectares, soit plus du double du site actuel. Les plans ont été réalisés en concertation avec le personnel du CID.*
*Les socialistes saluent le fait que les toits soient végétalisés et qu'ils disposent de panneaux solaires — ce qui est important pour la consommation d'eau dans les vestiaires — et d'installations photovoltaïques.*
*Erny Muller demande en revanche des détails concernant le parc de stationnement. Est-il destiné aux camions ? Au personnel ?*
*Erny Muller propose de développer un concept de mobilité avec le personnel communal. Combien d'ouvriers vivent à Differdange ? Combien viennent de l'extérieur ? Cette analyse est importante parce que le CID travaille selon des horaires fixes — sans horaire mobile. Idéalement, les collaborateurs devraient pouvoir aller travailler et rentrer chez eux sans prendre la voiture.*
*Le dénivèlement est de 4,5m au maximum. C'est énorme. Il y a de la place pour planter des arbres et des haies. Il s'agit de détails, mais c'est possible. En tout cas, le projet est réussi.*
*Erny Muller rappelle que la commune loue également le site d'Efco. C'est le dada de monsieur Bertinelli. Une partie du matériel y est stocké. Erny Muller propose de continuer à utiliser ce site comme annexe au CID pour le stockage.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *signale que l'ordre du jour porte sur le PAP et non sur les plans d'exécution du nouveau CID.*

*Tous les partis ont souligné la nécessité de nouveaux ateliers communaux. Les derniers collèges échevinaux ont passé beaucoup de temps à chercher un site. De nombreux endroits ont été proposés, mais ont finalement été abandonnés parce qu'ils n'étaient pas idéaux. Parmi ces sites figure celui d'Efco.*

*Le terrain dont il est question aujourd'hui constitue la meilleure solution même s'il est un peu plus éloigné du centre de Differdange. D'un autre côté, un CID ne doit pas forcément se trouver en pleine localité, car il occasionne des nuisances sonores, notamment lors des livraisons.*

*Pour les collaborateurs, la plus-value est immense, car le site actuel n'est plus adapté à leurs besoins. Il était temps de lancer les travaux.*

*Madame Pregno a fourni des informations concernant la réalisation du projet. Il y aura un bâtiment administratif, des hangars, des ateliers… Une réserve de terrain est aussi prévue. Le cas échéant, la commune pourra donc agrandir les ateliers dans 10, 15 ou 20 ans sans devoir chercher un nouveau site. Le collège échevinal a raison de ne pas viabiliser cette réserve immédiatement.*

*Le PAP sera réalisé sur deux plateaux. Ce n'est pas forcément un désavantage. Certes, ce n'est peut-être pas pratique au quotidien, mais d'un point de vue urbanistique, c'est chouette.*

*Georges Liesch salue le fait que la majeure partie de la ceinture verte soit préservée — notamment la ceinture de 15 m de largeur le long de la voie ferrée. Les arbres et les haies qui seront coupés pour faire place à l'atelier seront compensés.*

*Le toit du bâtiment administratif sera végétalisé, ce qui est une bonne chose. Georges Liesch se réjouit de l'installation de panneaux solaires et de panneaux photovoltaïques.*

*Comme les ateliers communaux se trouveront à l'extrémité de la commune, la question de la mobilité se pose forcément. Georges Liesch est content d'entendre que les socia-*

chen. Mir stëmmen op jidde Fall de PAP. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech probéiere beim Ordre du jour ze bleiwen. Et geet jo ëm de PAP an net ëm d'Exekutiounspläng vum neie CID, wou mer zwar schonn éischt Biller gesinn hunn, wéi dat soll ausgesinn. Mee hei geet et jo elo emol ëm de PAP selwer.

Ufänke wollt ech mat der Noutwendegkeet. Déi ass hei scho vun all Partei begréisst ginn. D'Noutwendegkeet, dass mer en neie CID brauchen, ass schonn extreem al. Fir d'Sich, mengen ech, hu sech déi lescht Schäfferéit – an dat sinn der wierklech an der Mehrzahl – ëmmer beméit fir ze kucken, wou kéint esou een neie CID hikommen? Do sinn déi eng an déi aner Iddien opgetaucht an dann erëm an der Versenkung ënnergaangen. Well sech herno erausgestallt hat, dass dat net déi beschte Plaz wär oder et sech op där Plaz net huet realiséiere loossen. Ee vun deene Sitte war, wéi hei gesot ginn ass, dee vun der Efco, dee mer jo och gelount hunn, en vue dass een do vläicht esou eppes hätt kéinte realiséieren.

Deen heite Site, dee mer elo hunn, ass, faute d'alternative, dee beschten, dee mer hunn. Och wann e vläicht e wéineg eraus läit aus Déifferdeng, soudass d'Trajeten deelweis méi laang ginn, wéi wann de CID matten an Déifferdeng ass. Urbanistesch mécht et trotzdeem extreem Sënn, wann e CID net onbedéngt am Kär vun enger Uertschaft ass, mee e bëssen an der Extremitéit.

Well esou ee CID bréngt och Nuisancë mat sech, wat de Kaméidi ugeet, d'Uliwwerungen ugeet. Wou et dann awer gutt ass, wann en an der Peripherie ass an eeben net grad am Stadkär. Wou ee sech besser Saache kann herno virstellen, urbanistesch, wou elo de CID actuellement ass, wéi dat, wat mer elo do stoen hunn.

Natierlech bréngt et fir d'Leit, déi do schaffen, eng riseg Plus-value. Well sou wéi se am Moment do sëtzen, ass et net méi zäitgeméiss. Dofir ass et scho gutt, dass mer deen neie CID endlech an Ugrëff huele mat dësem neie PAP.

Zu der Ëmsetzung huet d'Madamm Pregno all d'Detailer ginn, wéi dat herno ausgesäit. Dass et ëm verschidde Funktionalitéite geet, en administratiivt Gebai wéi awer och Hangaren, Atelieren, alles wat e moderne CID brauch, fir ze funktionéieren. Ganz positiv ass, dass mer hei direkt eng Reservefläch hunn. Dat heescht, mir hunn d'Méiglechkeet, an 10, 15, 20 Joren, wie weess – op jidde Fall ass Terrain do, dee kéint viabiliséiert ginn, wann et noutwendeg wär.

An et muss net erëm dru geduecht ginn, fir en neie Site ze fannen, falls deen doten och eng Kéier sollt ze kleng sinn. Dat ass op jidde Fall ganz positiv, dass mer déi Reservefläch schonn hei direkt am Projet mat dran hunn a se net elo scho verbauen, mee wierklech fräiloosse fir déi nächst Besoinen, déi da vläicht kommen.

Zum PAP: Et ass gesot ginn, dass et op zwee Plateauen ass. D'Geologie vum Terrain ass eeben esou. Fir eis ass dat net onbedéngt en Nodeel. Dat ka ganz flott sinn, wann et op zwee Niveauen ass. Am Alldag ass et vläicht net ëmmer esou praktesch. Mee urbanistesch ass et awer flott, wann et kee gréissere Komplex ass, mee duerch zwee Niveaue getrennt ass.

Ganz begréisse maache mer, dass dee Grénggürtel, deen op deem Terrain besteet – am Dossier geet och dovunner rieds –, erhale bleift. Zum gréissten Deel erhale bleift, muss ee soen. Eng Partie kënnt jo och ewech. Mee e groussen Deel bleift erhalen. Ganz wichteg schéngt eis dee Grüngürtel ze sinn, dee laanscht d'Eisebunn geet, dee 15 Meter Breet ass, wat net näischt ass. Dass deen erhale bleift. An da gëtt am Dossier och gesot, dass déi Beem an Hecken, déi da mussen ewechkommen, well se genau do stinn, wou den Atelier soll gebaut ginn, ersat ginn duerch nei Beplanzungen a solle kompenséiert ginn. Dat schéngt eis ganz wichteg.

Mir begréissen och, dass op den Daach vum Verwaltungsgebai, eng Dachbe-

grünung drop kënnt. Dass de Schäfferot konsequent op de Wee geet, fir dat iwwerall bei neie Gebaier ze maachen. Och d'Installatioun vu Photovoltaik a Solarthermie ass absolutt ze begréissen, dass dat ëmmer Bestanddeel ass vun all neiem Gebai, wat d'Gemeng baut.

Zur Mobilitéit kann ee soen, dass sech effektiv, well et an der Extremitéit ass, d'Fro vun der Mobilitéit hei stellt. Wéi kommen d'Leit moies dohinner an owes erëm heem? Et wär begréissenswäert – ech si frou, dass d'Kolleege vun der LSAP och elo op de Wee ginn, dass se soen, dass net jidderee muss mam Auto kommen. Mee dass et och aner Saache gëtt. An dass se hoffen, dass mer méiglechst vill Leit op de Wee kréien, net mam Auto, mat hirem eegenen Auto ze kommen, mee mat anere Moyenen.

Dofir musse mer déi Moyenen awer och schafen. Verschidde Saachen hu mer schonn. Mir hunn op där Plaz eng relativ gutt Busverbindung, déi ee sécher nach kann ausbauen, selon besoin. Et gëtt eng Vëlosinfrastruktur gebaut, en neie PC8. Déi Streck, déi jo gebaut gëtt, féiert genau do laanscht. Also virun d'Hausdier vum neie CID. Wann de Staat do e bësse Gas gëtt, da si se zäitgläich matenee fäerdeg, déi zwee Projeten. Souwuel de PC8 wéi eise CID. Ech mengen awer, wéi ech den Här Ulveling kennen, dass de CID éischter do steet, wéi dass de PC8 wäert realiséiert ginn.

Mee jiddefalls hu mer dann eng Vëlosverbindung, déi vum neie CID direkt bis an den Zentrum an net nëmmen an den Zentrum, mee duerch all eis Zentre féiert. Well de PC8 jo Déifferdeng, Nidderkuer, Uewerkuer a Fousbann matenee verbënnt. Also hu mer eng ganz flott Méiglechkeet fir op déi Aarbechtsplaz an zréck ze kommen.

Des Weidere besteet de Projet, fir vis-à-vis am Zoning Haneboesch e Parkhaus ze bauen, fir déi Betriber, déi do sinn. Well de CID steet jo net eleng do. Et sinn nach ganz vill Betriber déi aner Säit, déi och e Besoin u Parkplazen hunn. Do steet e Parkhaus zur Verfügung, wou och eis Leit dovunner profitéiere kënnen. Duerfir ass et och gutt, dass mer eisen Terrain net benotzen, fir elo nach Parkplazen ze schafe fir eis Besoinen. Mee dass mer eis ralliéieren un dat Parkhaus, wat op där anerer Säit steet, fir gemeinsam, fir dee ganze Komplex, dee ganze Site, eng Léisung ze fannen.

Insgesamt menge mer, dass dat heiten e wichtege PAP ass, dee mer hei stëmmen, fir dass de CID endlech ka gebaut ginn. Dofir wäerte mer dat och stëmmen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och mir begréissen deen heite PAP. Den Här Liesch huet rappelléiert, et ass de PAP. Deen Ënnerscheed muss een ëmmer erëm, in der Tat, maachen. Et sinn nach net déi konkreet Ausféierungen. Dat heescht an den Umierkunge vun deem Bierger, dee sech awer vill Méi ginn huet, fir op eng ganz Rei Detailer anzegoen, erkläert dat verschidden Ënnerscheeder zwëschent Zonen, déi agezeechent sinn, a Biller vun de Gebaier. Wou einfach d'Gebaier sech mussen un déi Zonen halen a kënne manner sinn, awer net driwwer eraus däerfe goen.

Ech mengen, et ass awer och ëmmer de Moment, wou ee ka schonn Ureegunge maachen, fir déi konkreet Ausféierungen herno. Well een d'Pläng awer scho gesäit a well ee jo dann, opgrond vun deenen Diskussiounen an Iwwerleeungen, kann an den Detail goen.

Ech hat et jo schonn ugeschwat, wat d'Reewaasser ugeet. Den Här Ulveling huet mer gesot, dass mam Science Center do, ech denken, e Provisorium wäert kommen, wann déi Containeren – oder sinn déi da laang do?

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Containere sinn e Provisorium. Mee de Waassertank …

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Waassertank, dee wäert da bleiwen. Dann hoffen ech, dass och geschat ginn

*listes réalisent enfin qu'il ne faut pas forcément aller travailler en voiture, mais qu'il existe d'autres moyens de transport. La Ville de Differdange dispose déjà de solutions comme le bus, les pistes cyclables… La PC 8 par exemple passera directement devant le nouveau CID. Si l'État se dépêche, elle sera terminée en même temps que les ateliers communaux. Mais Georges Liesch connait bien monsieur Ulveling : le CID sera probablement fini avant.*
*En tout cas, le CID sera finalement relié aux centres de toutes les localités. Les collaborateurs pourront donc aller travailler à vélo s'ils le souhaitent.*
*Le collège échevinal prévoit par ailleurs de construire un parc de stationnement dans la zone Haneboesch pour couvrir les besoins des autres entreprises. Il a raison de ne pas prévoir de parking spécifique pour le CID, mais de privilégier une solution globale.*
*Georges Liesch souligne une nouvelle fois l'importance de ce projet. Il est content que le nouveau CID soit finalement construit. Les écologistes approuveront le PAP.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle qu'il n'est pas question aujourd'hui de l'aménagement détaillé des ateliers, mais du PAP.*
*Le citoyen qui a déposé une réclamation s'est donné du mal pour analyser les détails — notamment le fait que les bâtiments doivent se tenir au classement des zones.*
*Actuellement, il est encore temps de donner son avis quant à la future réalisation du projet. Les plans existent déjà et les discussions permettront d'entrer dans les détails.*
*Tout à l'heure, Gary Diderich a abordé la question de l'eau de pluie. Monsieur Ulveling a parlé d'une solution provisoire avec le Science Center.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que les conteneurs sont provisoires.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate qu'il n'est donc pas nécessaire de mettre en place un système dans les services de régie.*

*Cependant, les bassins de rétention de grande taille sont intéressants parce qu'il pleut moins souvent, mais les quantités de pluie tombant en une fois sont importantes. Les grands bassins permettent de collecter ces grandes quantités d'eau de pluie.*
*En tout cas, pour Gary Diderich, il ne faut laisser passer aucune chance d'accroitre les capacités de la commune.*
*Comme monsieur Muller, Gary Diderich se demande quelles alternatives en plus des murs existent pour équilibrer les niveaux. Il est aussi d'avis qu'il faut développer un concept de mobilité. Car si les collaborateurs ont la possibilité de louer une place de stationnement au mois ou à l'année, ils iront travailler en voiture.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *revient sur les questions environnementales, notamment les ilots verts, l'éclairage et la mobilité. Après l'approbation du PAP, il faudra que la commission de l'environnement traite ce dossier, ce qu'elle n'a pas pu faire jusqu'à présent à cause de la COVID-19. Elle remettra alors son avis et fera des propositions concrètes.*
*En ce qui concerne l'éclairage, Frenz Schwachtgen demande au collège échevinal de penser à la nature. Le TNT travaille actuellement sur les questions de pollution lumineuse et le CID pourrait constituer un bon terrain d'essai. Le site se trouve à un endroit sensible : entre le Prënzebierg, le Haneboesch, la Dreckswiss, la réserve naturelle… La commune doit veiller à ne pas déranger les derniers papillons de nuit et les derniers animaux.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *prie monsieur Ulveling de répondre aux questions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le vote d'aujourd'hui ne porte pas sur l'aménagement du CID.*
*Monsieur Muller a mentionné le parking. Le collège échevinal a décidé avec la délégation du personnel de ne pas mettre de places de stationnement gratuites à disposition des collaborateurs. Le projet prévoit des emplacements pour en-*

ass, wat mer da brauchen. Da brauch een hei bei de Regiebetriber dat Ganzt net nach eng Kéier en place ze setzen. Wann dat da soll duergoen. Woubäi een och muss wëssen, dass wann et esou reent an esou laang net reent, wéi mer dat am Moment hunn, grouss Opfaangfässer Sënn maachen. Fir dass ee laang ka mat deem Reewaasser fueren a fir dass ee vill Reewaasser, wat op ee Coup kënnt, opfänke kann. Wat och fir d'Bierger interessant ass respektiv fir d'Gemeng, wa méi Bierger dat géife maachen, eng Surcapacitéit, well da géifen eis Reseauen och an deene Momenter entlaascht ginn.

Ech kann dat elo net ausrechnen. Ech maache just d'Ureegung: Kommt, mir verpassen do keng Chance a stelle sécher, dass mer genuch Capacitéit op där enger oder anerer Plaz respektiv op deenen zwou Plaze virgesinn.

Da wollt ech aus deenen Ureegungen, déi gemaach gi sinn – den Här Muller huet et och ugeschwat, awéiwäit ee mat deene Stëtzmaueren nach un aner Alternativen denke kann, fir den Ausgläich vun den Niveauen ze maachen. An ech ralliéiere mech zum Besoin, fir do e Mobilitéitskonzept auszeschaffen. Well wann herno op iergendenger Plaz d'Leit einfach pro Mount oder pro Joer e fixe Betrag bezuelen, fir den Auto kënnen ze parken, da wäert ee sech net méi iwwerleeën, wéi een dohinnerfiert. Da wäert een einfach mam Auto dohinnerfueren.

Dofir denken ech ass et wichteg, e Konzept ze fannen, wou ee schonn aner Alternativen a Betruecht zitt, wann een da kann. An dat wierklech beduecht gëtt, ier et lassgeet an ier d'Leit do schaffen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wéilt do anhaken. Alles, wat elo gesot ginn ass, wat Ëmwelt ubelaangt, déi ganz Ëmweltproblematik, d'Begrénung, Éclairage, Mobilitéit an esou virun, denken ech, dass et elo e wichtege Moment wier, nom Stëmme vum PAP, och d'Ëmweltkommissioun aschalten, déi bis elo nach net befaasst war mat deem Dossier – Covid-Zäit oblige, deen Dossier an d'Prozedur ass jo an déi Zäit gefall. Dass mer déi gutt Ureegungen, déi elo iwwerall hei gefall sinn, un Är Vertrieder weiderginn, déi jo Är Parteien an deem Gremium Ëmweltkommissioun vertrieden. Dass mer déi Elementer all duerchhuelen a fir déi konkreet Exekutioun déi néideg Virschléi maachen. Ech mengen, dat wier elo e gudde Punkt, fir an deem Sënn weiderzekommen.

Ech wollt nach ee Punkt soen, deen och am Dossier ugeschnidden ass, an dëser Phas un den Éclairage extérieur ze denken. Wou gesot gëtt, dee soll op de Buedem goen, dee soll sensibel si fir d'Natur. Mer si grad an deene Beräicher an der Recherche zimmlech dran, och mat eisem TNT a mat engem europäesche Projet. Dat wier zum Beispill e Versuchsfeld, wou mer an der Bauphas scho kéinten drun denken, fir do Elementer anzesetzen, déi positiv wiere fir d'Natur.

Well ech verweisen drop, dass mer wierklech am Randberäich vun der Stad do sinn an an enger sensibeler Zon sinn. Déi läit zwëschent Prënzebierg, Haneboesch, Dreckswiss, Naturgebitt an esou virun. Soudass mer do net kënnen higoen an eis eng Pollution atmosphérique nuets erlaben, déi dee leschten Nuetspäiperlek an déi lescht Déieren do géife verscheuchen oder stéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, géif ech den Här Ulveling bieden, op déi verschidde Froen, déi komm sinn, ze äntwerten.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir schwätzen am Fong elo net iwwert de Projet CID selwer, wéi e gestalt ass. Den Här Muller huet eng Fro gestallt iwwert d'Parkingen. Et ass esou, dass mer mat der Gewerkschaft ofgemaach hunn, dass wa mer déi Parkinge bauen,

dass mer déi net zum Nulltarif wäerten un eist Personal weiderginn. Actuellement hu mer bal 190 Leit am CID schaffen. Mir hu Parkplaze virgesi fir ongeféier d'Hallschent vun deene Leit, déi de Moment do schaffen. Soudass souwisou net jiddweree kann do eng Parkplaz kréien.

Den Här Liesch huet et scho gesot, mir sinn och amgaangen ze iwwerleeën, e Parkhaus ze bauen an der Haneboesch-Zon. Mir sinn amgaangen, e Site ze developpéieren, wou d'Stroosse scho plus ou moins fäerdeg sinn, hannert dem Dimmi Si, fir keen ze nennen, wou jo och e ganze Koup kleng Entreprisë wäerten hikommen, déi natierlech och Leit hunn, déi do schaffen, déi eng Parkplaz brauchen. Dofir wäerte mer deen Terrain vis-à-vis vum CID, dee mer elo bauen, als Zoning gestalten. An do wäert dann natierlech och erëm e Besoin u Parkplaze bestoen. Soudass mer dat mat deem Parkhaus zousätzlech ofdecke wëllen.

D'Pläng sinn an der leschter Ligne droite fir fäerdeggestallt ze ginn. Dir hutt matkritt, do si Problemer mat den Niveauen. Mir hu versicht, dat Ganzt esou ze gestalten, dass sou mann wéi méiglech onnëtz Käschte generéiert ginn, duerch Stëtzmaueren, déi een eventuell kann evitéieren, andeems een de Bau anescht dréit. Dat hu mer versicht. Där ganzer Beliichtungsproblematik ware mer eis bewosst an hunn dat versicht anzeschaffen. Et ass kloer, dass soubal déi Pläng definitiv sinn, a wa se vum Schäfferot ofgeseent sinn, dass se esou schnell wéi méiglech un d'Parteie respektiv un d'Kommissioune weidergeleet ginn, fir dass déi hire leschten Aval kënne ginn.

Mee ech mengen, mir hunn hei eppes geplangt, wat souwisou schonn, well den Här Diderich gesot huet mat dem Stockage, am Prinzip ze grouss ass, de Moment. Mee mir hunn dat jo geplangt fir déi nächst 40, 50 Joren. Soudass mer nach e gewësse Leeway hunn.

Den Här Liesch hat dat och gesot, effektiv hu mer eis eng Plaz hannert eisem sougenannte Parkhaus fräigehalen, fir eeben eng Extensioun an der Zukunft kënnen ze plangen, fir net erëm ganz vu vir mussen unzefänken. Déi Partie ass de Moment nach un de Garage Collé verlount. An dee weess och, dass en dat esou laang huet, bis mir de Besoin hunn. An dat wäert jo awer net an den éischten 10-15 Jore sinn, fir dat ze notzen.

Den Här Muller hat gefrot, wie kënnt alles an dee Garage hin. Ma do kommen eis sämtlech Gefierer hin. Déi eng, déi musse wéinst der Keelt an engem zouene Raum sinn. Anerer brauchen net an engem zouene Raum ze sinn. Den Design ass e bësse speziell vun deem Parkhaus. An uewen um Daach sollen dann déi Parkplaze komme fir eis Mataarbechter.

Ech mengen. ech hätt elo, en gros, op alles geäntwert. Mee mir wäerte jo nach eng Kéier in extenso eis iwwert dee ganze Projet ënnerhalen. Mir ass dru geleeën, dass mer virukommen.

Et kann ee soen, et ass direkt schonn eng aner Diskussioun hannendrun, well de Ministère de l'Éducation nationale, respektiv d'EIDE si ganz interesséiert un eisem Terrain. Do si schonn éischt Planunge gemaach ginn, wéi si deen Terrain kéinten notzen. D'EIDE, déi plangt mol, eng Schwemm ze bauen, mat enger Sportshal zousätzlech.

An, ech mengen, Dir hutt et matkritt, ech kann dat elo hei soen: Mer hunn och eng Ufro vum Ministère de l'Éducation nationale, zesumme mat der Fondatioun Emile Metz, fir hei zu Déifferdeng en neie Site ze maache fir d'Ausbildung vun deene Beruffer, déi elo am Institut Emile Metz oder der Fondatioun Emile Metz gemaach ginn. Fir déi deelweis op Déifferdeng ze verlageren. Well se do, wou si elo sinn, keng Extensiounsméiglechkeete méi hunn.

D'Stad Déifferdeng, mat der Madamm Buergermeeschter, hu gesot, dass mir dat géifen ënnerstëtzen. A mir sinn elo amgaangen zesummen – virun enger Woch hat ech Gespréicher mam Educatiounsminister a mam Direkter vun der EIDE – ze kucken, ob mer do op e gréngen Zweig kommen. An et gesäit esou aus, wéi wann do Méiglechkeete wieren. Soubal déi ausgelot sinn, wäerte mer Iech genaustens informéieren, wéi dat a wou dat soll stattfannen. Ech mengen, et wier eng flott Saach, wa mer dat erëm hei zu Déifferdeng géife kréien, wat mer duerch d'Léierbud fréier

*viron la moitié des 190 collaborateurs.*

*Comme l'a dit monsieur Liesch, la Ville de Differdange réfléchit à la construction d'un parking dans le Haneboesch. Tom Ulveling rappelle que le site derrière Dimmi Si est en train d'être développé et que des emplois y seront créés. Le besoin en places de stationnement va donc augmenter.*

*Les plans seront terminés prochainement. Une des difficultés concerne les niveaux. Certaines modifications pourraient limiter les frais liés aux murs porteurs nécessaires à cause de la différence de niveaux.*

*Le collège échevinal a tenu compte de la pollution lumineuse. Dès que les plans seront terminés, ils seront envoyés aux partis et aux commissions.*

*Tel qu'il est prévu, le niveau CID devrait remplir les besoins de la commune pour les quarante ou cinquante prochaines années. Derrière le parking, il y a suffisamment de place pour construire une extension. Actuellement, ce terrain est loué par le garage Collé, mais celuici sait que la commune pourrait en avoir besoin dans 10 ou 15 ans.*

*Le parking est destiné aux véhicules communaux devant être protégés du froid par exemple. Le toit accueillera les voitures du personnel.*

*Tom Ulveling propose de revenir sur les détails du projet prochainement.*

*Le ministère de l'Éducation nationale et l'EIDE s'intéressent au terrain du CID actuel. L'EIDE souhaite y construire une piscine et une salle de sport. Par ailleurs, le ministère de l'Éducation nationale a informé le collège échevinal que la Fondation Émile-Metz voudrait délocaliser une partie de ses activités à Differdange. La bourgmestre soutient ce projet et Tom Ulveling en a discuté la semaine dernière avec le ministre de l'Éducation et le directeur de l'EIDE. L'échevin reviendra sur ce projet dès qu'il en saura plus.*

*Ce projet permettrait de contrebalancer la perte de l'école professionnelle.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*décrète 15 minutes de pause.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 5 de l'ordre du jour concernant le changement d'affectations en concertation avec la direction scolaire.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à l'organisation scolaire 2020.*
*Par rapport à 2019-2020, Niederkorn a besoin d'un précoce supplémentaire. Il a été accordé oralement. De cette façon, l'effectif passe de 19 élèves par classe à 14,25.*
*L'école du Mathendahl avance bien.*
*La classe en forêt a pu répondre à toutes les demandes.*
*Les effectifs sont relativement élevés à Oberkorn. L'objectif de l'équipe pédagogique était de ne pas séparer les enfants en deuxième année de cycle. En règle générale, en deuxième année, il y a plus d'élèves à cause des allongements, c'est-à-dire des élèves qui ont besoin de trois ans pour boucler un cycle.*
*Les postes pour l'école de Lasauvage, l'École nature et l'École technique ont été sortis du contingent global. En effet, il était injuste qu'une autre école voie son contingent diminuer pour quelques élèves.*
*Les mardis et les jeudis, la récréation aura lieu après la troisième unité comme c'est déjà le cas cette année.*
*Parmi les nouveautés figure la création d'un comité local de sécurité pour se préparer en cas de force majeure. Ce comité ne s'est réuni qu'une seule fois depuis sa création, mais il s'est révélé utile pendant la crise de la COVID-19 en mettant en place des voies de communication. La police a également proposé son aide et peut être consultée à tout moment. Les représentants des parents d'élèves font aussi partie du comité.*
*Certaines mesures prises pendant la crise se sont révélées intéressantes*

haten, mee verluer hunn. An dat erëm zréckkréien.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieudit « A Lauterbann » à Niederkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la Ville de Differdange*

---

Ma da soen ech Iech villmools Merci. Et ass 10 Auer. Wéi gewinnt, eis Vierteldstündchen Pause. Um 10.15 Auer fuere mer da virun. Merci.

(Paus)

Elo géife mer den zweeten Deel vun eisem Gemengerot vun haut attackéieren. Dat wier de Punkt 5 vum Ordre du jour, do geet et ëm d'Changement vun den Affektatiounen, déi am Laf vum Joer virgeholl gi sinn. Déi ech dann elo hei zum Vott géif stellen. Wéi Der gesitt, ass et gemaach gi mam Averständnis vun der Direktioun an ass nécessaire pour des raisons pédagogiques. Dat heescht vun der ganzer Schoulcommunautéit gëtt dat gefrot, mat eisem Schoulservice. Ech géif déi nei Affektatiounen zum Vott stellen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier les changements dans l'affectation des postes au cours de l'année scolaire 2019-2020.*

---

Ech soen Iech Merci. Da komme mer zu der Schoulorganisatioun 2020. De Rapport hutt Der an Ärem Dossier. Ech wollt Iech e puer Neiegkeeten erzielen, par rapport zu der Rentrée 2019/2020.

Zu Nidderkuer ass e Precoce méi ugefrot ginn. Deen ass och mëndlech accordéiert ginn. Do waarde mer just nach op e schrëftlechen Accord vum Ministère. Den Effectif war 19 Kanner fir all déi dräi Klassen, dann hätte mer just nach dräi Kanner kéinten ophuelen am Laf vum Joer. Elo sinn et 14,25 Kanner pro Klass. Mathendahl gëtt ëmmer méi konkreet, do wäerte bestëmmt och nach Kanner am Laf vum Joer bäikommen.

An der Bëschklass konnten all d'Demanden ugeholl ginn. Uewerkuer, par contre, huet eng Klass, déi e relativ héijen Effectif huet. Dat ass, fir d'Klass aus dem éischte Joer kënne beieneenzehalen a se net am zweete Joer mussen opzesplécken. Dat ass eng Decisioun vun der Équipe pédagogique vun Uewerkuer. Am Groussen a Ganze gëtt am éischte Joer den Effectif méi niddreg gehalen, fir wann d'Klass an dat zweet Joer geet a mat den Allongementer Schüler dobäikommen. Allongementer, dat ass, wann een ee Joer méi brauch, fir de Cycle ze maachen. Dass een dann am zweete Joer net muss d'Klass opdeelen.

D'Poste vun der Zowaasch sinn op Gemengenniveau gesat ginn. Dat heescht, d'Stonne sinn aus dem gemeinsamen Dëppe vun de Stonnen erausgeholl ginn. Dat selwecht fir d'Naturschoul an d'Technikschoul, éier d'Stonnen op déi eenzel Schoulen opgedeelt ginn. Well et ass net fair vis-à-vis vun enger Schoul, dass si déi Stonne fir déi wéineg Kanner vun hirem Contingent ofgehale kréien. Dofir gi se lo virun der Verdeelung aus dem gemeinsame Contingent erausgeholl. Et ass festgehale ginn, dass den Horaire vun dënschdes an donneschdes, dee lo fir d'Schouljoer 2019/2020 getest gi war, fir d'Paus no der drëtter Unitéit amplaz no der zweeter Unitéit ze maachen, bäibehale gëtt, well et sech bewäert huet.

Ganz nei ass de Comité locale de sécurité. Deen ass kuerz virum Covid an d'Liewe geruff ginn, fir sech ze positionéieren an ze preparéieren, falls iergende Cas de Force majeure wier. Sief et Onwiederen, sief et Katastrophen, sief et e Feier, sief et Amoklaf, sief et wat och ëmmer, dass d'Weeër kuerz sinn a jiddweree weess, wat muss wéini gemaach ginn.

Den éischte Brainstorming, si hate jo just eng Consultatioun fir dee Comité locale de sécurité, huet awer elo gehol-

lef, wéi dat mam Covid komm ass. Dat heescht, do hate si scho Kommunikatiounsweeër opgezeechent. An deen huet hinne gehollef, fir déi éischt Mesurë relativ séier ëmzesetzen.

Mir hunn dat Theema och am Comité de prévention ugeschwat. An d'Police huet eis hir Mathëllef ugebueden, dass mer déi kënnen all Moment consultéieren. D'Elterevertrieder ginn och mat an dee Kommitee erageholl, fir ze kucken, wat mer maachen, wann esou eppes – hoffentlech net – virkënnt.

Duerch d'Covid-Situatioun hu mer mussen nei Weeër goen. Verschiddener hu sech als gutt erwisen. Esou zum Beispill, dass an Zukunft d'Kanner, soubal se an d'Schoul kommen, direkt an hire Sall ginn an d'Surveillance vun hirem Schoulmeeschter respektiv vun hirer Joffer gemaach gëtt. Et ass och eng minimal Surveillance am Haff virgesinn, zu deene selwechten Zäite wéi bis elo. Awer just, fir d'Kanner an d'Gebaier ze leeden. Domadder hu se festgestallt wier vill Sträitpotenzial am Haff erausgeholl ginn. D'Kanner kënne lues a lues kommen. Vläicht schonn e Privatwuert mam Léierpersonal wiesselen. An et ass iwwerall festgestallt ginn, dass d'Kanner vill méi roueg a manner gestresst wären. Dat heescht, et gëtt elo e fléissenden Agang an d'Klassesäll.

D'Detailer vun der Surveillance sinn aus der Schoulorganisatioun erausgeholl ginn, well souwisou am Hierscht fir d'Rentrée e Plang muss opgestallt ginn. Deen dann och un de Ministère weidergereecht gëtt. Soudass dat double Emploi wär.

D'Cours parallèles vun de Portugiseschcoursen – bis dato ass et just déi portugisesch Communautéit, déi esou e Projet hei lafen huet –, ginn a Cours complémentaires ëmgewandelt. Et sinn zwou Stonne pro Woch. Ech mengen, den Här Aguiar war dobäi, wéi Son Excellence, de Botschafter, komm war, fir driwwer ze schwätzen. Déi Cours complémentaires sinn zwou Stonne pro Woch, gratis fir d'Elteren, awer den Ënnerscheed ass, dass déi Coursen ab elo zertifiéiert ginn a se an hire Bilan lafen. Dat ass eng Kompetenz, déi se am Bilan festgehale kréien.

De Portugisesch-Titulaire concertéiert sech zweemol pro Trimester mat den Enseignante vun de Kanner. Dofir mussen déi Coursen exklusiv fir d'Kanner vun enger Schoul ugebuede ginn. Déi Course fannen zu Nidderkuer, zu Déifferdeng an um Fousbann statt. Zu Uewerkuer an um Woiwer waren net genuch Kanner, déi an déi Coursen ageschriwwe waren. Dofir gi se gemeinsam um Woiwer an den ale Cours parallèles ënnerriicht. Et ass mat der Ambassade vu Portugal a mam Ministère ausgemaach, dass wann en anert Joer méi Interessi besteet, och erëm pro Schoul Cours complémentaires ugebuede ginn.

Nei ass d'Kloterwand zu Déifferdeng. Déi wäert aktivéiert ginn. Verschidden Enseignanten an Educateuren aus de Maison-relaisen hunn eng Formatioun gemaach, fir mat de Kanner drop ze schaffen.

D'Fête Sportive de la Jeunesse Européenne ass dëst Joer zu Blankenberg net gemaach ginn. Si wäert awer d'nächst Joer zu Blankenberg stattfannen. Hoffe mer.

Dat neit Gesetz vun der Création des centres de compétences gesäit vir, dass all Kand, wat an engem Centre de compétence ass, eng Classe d'attache a senger Gemeng huet. Bis dato war dat just fir d'Kanner aus dem CDI, ancienne EDIFF. An dat ass elo virgesinn an Zesummenaarbecht mat der Museksschoul Déifferdeng. Dat hate mer d'lescht Joer – weess ech nach – scho gesot, dat war och dëst Joer erëm e ganz grousse Succès.

De Ministère huet decidéiert, dass an Zukunft esou Projete mat enger Konventioun mam Staat solle funktionéieren. Si finanzéieren de Projet a setzen de Kader vun der Kollaboratioun. D'Verhandlunge vu Ministère an Direktioun mat der Museksschoul lafen, fir déi Konventioun opzesetzen.

Net nëmmen Déifferdeng-Zentrum, do huet et jo ugefaangen, mee och déi aner Schoule kënnen dervu profitéieren. Et ass zäitlech op een Trimester pro Klass limitéiert. Et si verschidde Stiler virgeschriwwe pro Cycle. Zum Beispill Bléiser, Perkussioun fir de Cycle 2, Musical fir de Cycle 1 bis Cycle 4 an esou virun. Dat arrangéiere si selwer, wat si fir wat fir ee Cycle ubidden.

*pour l'avenir. Le fait que les enfants se rendent directement dans leurs salles de classe et que la cour de récréation soit surveillée fait baisser les risques de disputes. Les enfants arrivent petit à petit et échangent un mot avec leurs enseignants. Ils sont moins stressés.*
*Les détails concernant la surveillance ont été supprimés de l'organisation, car un plan sera élaboré en automne et envoyé au ministère.*
*Les cours parallèles de portugais sont transformés en cours complémentaires. Monsieur Aguiar en a discuté avec l'ambassadeur du Portugal. Les cours resteront gratuits et auront lieu deux heures par semaine comme maintenant. Mais ils seront certifiés. Le titulaire des cours de portugais est censé se concerter deux fois par semestre avec les enseignants de l'enfant. Les cours se déroulent à Niederkorn, à Differdange et au Fousbann. Il n'y a pas assez d'élèves intéressés à Oberkorn et au Woiwer.*
*Le mur d'escalade à Differdange constitue aussi une nouveauté. Plusieurs enseignants et éducateurs ont suivi une formation.*
*La Fête sportive de la jeunesse européenne aura lieu à Blankenberge. Elle avait été annulée cette année.*
*D'après la nouvelle loi, chaque enfant dans un centre de compétences doit avoir une classe d'attache dans sa commune. Avant, il s'agissait uniquement des enfants de l'EDIFF.*
*La coopération avec l'école de musique de Differdange est couronnée de succès. Le ministère a décidé que ce type de projets devront fonctionner à travers une convention avec l'État à l'avenir. Des négociations entre l'école de musique et le ministère sont en cours. Les styles de musique enseignés dépendent du cycle.*
*Parmi les projets tenant à cœur à Christiane Brassel-Rausch figure celui des cours de vélo. La commune ne peut pas se contenter d'aménager des pistes cyclables. Elle doit aussi montrer aux enfants comment rouler correctement. Autrement, les pistes sont inutiles. Un projet dans ce sens a vu le jour l'année dernière avec Suzie Godart. Les enfants apprennent par exemple à réparer un pneu. Concrètement, les enseignants et les éducateurs inté-*

*ressés suivent une formation auprès de madame Godart, car celle-ci ne peut pas former tous les enfants. Ensuite, ils enseignent ce qu'ils ont appris aux enfants. C'est un effet boule de neige. C'est la raison pour laquelle chaque école doit disposer de vélos.*
*Les études surveillées sont abandonnées. Les éducateurs réaliseront d'autres projets avec les enfants tandis que les enseignants pourront donner des cours d'appui à leurs classes.*
*Jusqu'à présent, les enfants ne pouvaient faire partie du conseil communal des enfants qu'une année. Désormais, ils pourront rester une deuxième année en tant qu'experts. Christiane Brassel-Rausch a fait le tour des nouveautés. Les détails figurent dans le dossier des conseillers communaux.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que le 18 juin 2020, la commission scolaire a remis un avis favorable quant à l'organisation scolaire de 2020-2021.*
*En moyenne, les classes comptent moins de 15 élèves. C'est une bonne chose. Le ministère tient compte de la situation sociodémographique de Differdange. Les 17 classes du précoce sont bien fréquentées.*
*À Niederkorn et au Woiwer, le nombre de classes a augmenté. Les projets de construction y sont nombreux. La commune doit tenir compte de l'évolution de la démographie.*
*Sept postes hors contingent sont destinés à l'apprentissage du luxembourgeois.*
*Le confinement a démontré l'importance de l'école, du sport, des maisons relais et des crèches pour les enfants. La politique doit en tenir compte.*
*Guy Altmeisch remercie tous ceux ayant contribué à l'élaboration de l'organisation scolaire. Il remercie également la commission. Il souhaite bonne chance au personnel enseignant et aux éducateurs ainsi qu'une bonne santé et beaucoup de succès aux enfants.*

Dann ass nach e Projet, dee mir um Häerz läit, dee sech och hei a verschiddene Stëmme vum Gemengerot erëmfonnt huet. Mir kënnen natierlech Vëlosweeër maachen, mee mir mussen de Kanner iwwerhaapt emol erëm d'Vëlofuere bäibréngen. An dann och Plaz schafen, wou d'Kanner kënne fueren. Well wa mer Vëlosweeër hunn, an et fiert keen drop, well een net ka Vëlo fueren, bréngе Vëlosweeër eis och net ganz vill.

Dofir ass schonn d'lescht Joer de Vëlosprojet mam Suzie Godart an d'Liewe geruff ginn. Dat ass och um Lafen, fir am Fong de Kanner d'Freed um Vëlo ze vermëttelen, se richteg fueren ze léieren, awer och richteg mat engem Vëlo ëmzegoen: Wéi flécken ech e Platten? Wéi kucken ech hei, wéi kucken ech do?

D'Madamm Godart mécht Formatioune mat den Enseignanten, fir dass si dës Course selwer kënnen halen. Dat ass esou e Schnéiballprinzip. D'Madamm Godart ka jo net an all Schoul all Kand weisen, wéi Vëlo gefuer gëtt. De System ass: Déi Enseignanten an Educateure vun de Maison-relaisen, déi um Projet interesséiert sinn, gi bei d'Madamm Godart an de Cours. Déi ginn do gebrieft, déi ginn do geléiert an déi ginn dat da weider un d'Kanner. Dofir sollen och an all Schoul Vëloe stoen, fir dass Vëloen do sinn, wann d'Kanner oder d'Enseignanten oder wien och ëmmer Loscht huet ze fueren.

Études surveillées gi keng méi gehalen. D'Educateure maachen aner Projete mat de Kanner, an d'Enseignanten halen hiren Appui an hirer Klass. Am Kannergemengerot dierfen d'Kanner – dat ass och nei vum Joer virdrun, well déi dierfe jo theoreetesch nëmmen ee Joer drableiwen, an dat fanne vill Kanner schued, dofir dierfen déi vum Joer virdrun als ancien Expert nach um Kannergemengerot deelhuelen, fir matzekréien, wat aus hire Projeten, déi si ugereegt hunn, ginn ass.

Dat ass elo mol alles un Neiegkeeten, wat d'Schoulorganisatioun ubelaangt. Froe kënnt Der stellen. A wéi gesot, d' ganz Schoulorganisatioun hutt Der jo an Ärem Dossier. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'Schoulkommissioun hat an der Sitzung vum 18. Juni 2020 en Avis favorable ofginn a Relatioun mat der Schoulorganisatioun fir d'Joer 2020/2021.

Dëse 34-säitegen Dossier hunn ech mer ugekuckt a Follgendes zréckbehalen: An der Moyenne hu mir ënner 15 Kanner an enger Schoulklass. Eng Situatioun, déi all Kand zegutt kënnt. Eiser soziodemografescher Zesummesetzung vun der Populatioun gëtt vum Ministère Rechnung gedroen. Deementspriechend gëtt d'Zuel vum Léierpersonal opgedeelt. Eis 17 Precoce-Klasse si gutt besicht. E positiivt Zeeche fir d'Zukunft.

Quartierbedéngt fanne mir eng gutt Opdeelung vun eise Schüler erëm. Ech stelle fest, dass am Quartier Nidderkuer a Woiwer d'Zuel vun de Klasse gewuess ass an, vu déi vill nei Bauprojeten, och weider wuesse wäert. Déi Entwécklung musse mir als Gemeng berécksiichtegen, fir all ugepasste Schoulorganisatioun ze garantéieren.

Siwe Posten hors contingent, déi bäidroen, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léiere respektiv ze verbesseren, ass eng liewenswäert an eng luewenswäert Saach.

Wärend dem Confinement hu mir verstäerkt festgestallt, wéi wichteg d'Schoul, de Schoulsport, d'Maison-relaisen an d'Crèchë fir d'Zukunft vun eise Kanner sinn. Dëst Ëmfeld muss vun der Politik am Alldag gedroen an ënnerstëtzt ginn.

Un d'ganzt Personal vum Service scolaire vun der Gemeng, déi den Dossier Schoulorganisatioun opgestallt hunn, e grousse Merci. Deen Dossier, deen ass professionell opgestallt, iwwersiichtlech a verständlech. Och e Merci der Schoulkommissioun fir déi geleeschten Aarbecht.

Ofschléissend wënschen ech dem gesamte Personal vun eise Schoulen, Maison-relaisen a Crèchen eng glécklech Hand a vill Erfolleg bei der Educatioun vun eise Kanner am Schouljoer 2020/2021. De Schoulkanner wënschen ech eng gutt Rentrée 2020, eng

staark Gesondheet a vill Erfolleg an der Schoul. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Här Liesch. An dann den Här Meisch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. E puer Wuert zu der Schoulorganisatioun. Villes ass scho gesot gi vun der Madamm Buergermeeschtesch. Vläicht nach e puer Zuelen trotzdeem, déi fir d'Leit dobaussen, déi eis nolauschteren oder noliesen, awer kéint interessant sinn. Zu Déifferdeng sinn iwwer 2.800 Schüler. Dat sinn der wierklech net wéineg, déi hei zu Déifferdeng an d'Schoul ginn. Déi mussen natierlech alleguerten iergendwou ënnerdaach an encadréiert ginn. Mir gesinn um Tablo, wéi d'Mouvementer sinn, wéi vill Klassen et wou gëtt respektiv neier entstinn.

Et ass scho wichteg, dat ëmmer am A ze behalen, zemools well ee weess, wéi laang mer hei zu Lëtzebuerg brauchen, bis een op Fluktuatioune reagéiere ka mat enger baulecher Moossnam. Déi Iddi, dass mer Quartierschoule baue loossen, ass jo an der leschter Legislaturperiod geholl ginn. Déi éischt Schoul wäert elo geschwënn opgoen.

Dat heescht, mir brauche bal ëmmer eng Legislaturperiod fir eng Iddi vun enger neier Schoul. Wann déi bis gebuer ass a gesot ginn ass, an déi Richtung wëlle mer goen, bis déi Schoulinfrastruktur disponibel ass, vergeet bal eng ganz Legislaturperiod. Dat ass schonn enorm, wat mer do vun Zäit brauchen. Dat weist, dass een op Schwankunge wierklech ëmmer hellhöreg muss sinn a kucken, dat gutt am A ze behalen.

Duerfir hu mer jo och déi Étude démographique eng Kéier maache gelooss, déi eis soll hëllefen. Dee Bléck an déi Glaskugel: Wou wäerte mer als Gemeng wuessen? Fir eeben ze antizipéiere mat bauleche Moossnamen. An et ass jo och festgehale ginn, am leschte Gemengerot, dass déi Étude démographique soll aktualiséiert gi mat neie Projeten.

Ech mengen, dass dat extreem wichteg ass, fir dass een déi richteg Decisioune matzäit kann huelen. Well mer jo wierklech extreem laang brauchen, fir op Saache kënnen ze reagéieren. Wa mer dat verpassen, wa mer dat net hikréien, da si mer erëm an der Situatioun, dass mer mat Container musse schaffen. An ech mengen, dat wëll heibanne wierklech keen.

Ech wollt Merci soen, fir déi nei Aart a Weis, fir dat heite virzestellen. D'Schoulorganisatioun huet sech elo an zwee Deeler presentéiert. Dat eent ass dat, wat mer gewinnt waren, déi ganz Dossieren. Dat anert ass den Dossier mat den Neiegkeeten. Wou ee relativ zügeg, trotz 40 Säiten, awer kann doduerchgoen a kucken: Wat huet sech geännert, souwuel textuell wéi zueleméisseg? Dat ass eng flott Aart a Weis. Duerfir wollt ech Merci soen, dass een dat esou presentéiert kritt. Esou kann ee vill méi schnell duerch den Dossier goen a sech op déi Saachen, déi sech geännert hunn, konzentréieren.

Och déi Grafiken, déi dra sinn, déi hëllefen. Do wär just meng Ureegung – et ass keng Kritik, well ech fannen et wierklech super, dass mer deen Dossier esou presentéiert kréien –, ech géif d'Grafik, wann et geet, iwwer fënnef Joren zéien. Net iwwer zwee Joren. Well eng Grafik mat zwee Jore seet net vill aus iwwer en eventuellen Trend. A wéi ech virdru gesot hunn, well mer jo bal ëmmer eng ganz Legislaturperiod brauchen, fir eppes en place ze setzen, wär et net schlecht, iwwer véier, fënnef Joren esou Grafiken ze maachen. Ech weess, dass dat Aarbecht ass, fir dat ze soignéieren an ze suivéieren. Mee fir déi nächst Schoulorganisatioun ass jo Zäit, fir dat eventuell ze preparéieren.

Op d'Zuelematerial ginn ech elo net weider an. Vläicht just, dass mer insgesamt 160 Enseignanten an der Gemeng schaffen hunn. Wat net grad wéineg ass vu Leit, déi hei zu Déifferdeng Schoul halen, enseignéieren, heihinner schaffe kommen. Och vläicht hei akafen, hei iessen an ech weess net wat nach alles maachen, well der vill jo och net hei wunnen. Dat ass net onweesentlech fir eng Gemeng, wann een esou vill Aarbechtsplazen a senger Gemeng huet.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que la bourgmestre a déjà beaucoup dit. Georges Liesch souhaite cependant mentionner quelques chiffres.*

*Differdange compte plus de 2800 élèves qu'il faut encadrer. Le tableau fourni reprend les classes par école et signale les nouvelles classes. Il est important de tenir à l'œil l'évolution, car le Luxembourg met longtemps à réagir aux fluctuations. Ainsi, lors de la dernière période législative, le collège échevinal a décidé de construire des écoles de quartier, mais la première n'ouvrira que bientôt. La Ville de Differdange a fait réaliser une étude démographique pour anticiper l'accroissement de la population dans les localités. Lors de la dernière séance du conseil communal, il a d'ailleurs été décidé d'actualiser cette étude. Il est important de prendre les bonnes décisions à temps. Autrement, le collège échevinal sera à nouveau contraint de recourir à des conteneurs.*

*Georges Liesch se réjouit de la façon dont l'organisation scolaire a été présentée. Les conseillers communaux disposent du dossier complet, mais aussi d'une quarantaine de pages reprenant toutes les nouveautés. Cela leur permet de voir ce qui a changé rapidement et de se concentrer sur ce qui importe.*

*Les graphiques constituent aussi une aide précieuse. Georges Liesch propose d'y représenter cinq ans au lieu de deux pour mieux analyser les tendances. En plus, il faut une période législative pour mettre en place des changements.*

*Differdange compte 160 enseignants. Cela représente beaucoup de personnes venant travailler, manger et faire leurs courses dans la commune. Cela souligne l'importance de créer des emplois.*

*Georges Liesch salue les nombreux projets. Differdange est une des communes comptant le plus d'activités à côté de l'enseignement pur et simple.*

*Georges Liesch rappelle que l'École nature existe depuis des décennies. Chaque élève s'y rend au moins une fois pendant sa scolarité pour y être sensibilisé à la nature.*
*L'École technique et plus récente, mais fêtera bientôt ses dix ans. Le Luxembourg doit faire face à une pénurie de professionnels dans les domaines techniques. L'École technique présente aux enfants des activités dont ils pourront faire un métier plus tard.*
*Georges Liesch salue particulièrement le projet de l'école créative. Il a été lancé cette année à Lasauvage et s'est révélé absolument génial. Les enfants et les parents ont été unanimes. C'est pourquoi le conseiller communal se dit heureux qu'on ait proposé de poursuivre ce projet.*
*Madame Rollinger souhaite mettre en place une école créative les mardis après-midi. Toutes les idées ne doivent pas nécessairement aboutir à un grand projet. Mais dans ce cas-ci, cela en valait la peine. Désormais, la Ville de Differdange est active dans le domaine de la nature, dans le domaine technique et dans le domaine de la création. Differdange dispose déjà d'une école de musique et d'un centre culturel performants. Ce projet est donc adapté à la réalité sur le terrain.*
*La coopération avec l'école de musique se passe bien. L'Harmonie municipale et le directeur de l'école de musique sont sensibles à ce thème. Pour Georges Liesch, la musique doit faire partie de l'organisation scolaire même si chaque élève ne deviendra pas un grand musicien.*
*La Ville de Differdange n'a pas réussi à trouver un chargé de cours de théâtre.*
*Le projet des vélos à l'école constitue la cerise sur le gâteau. Le vélo doit faire partie du quotidien. Le confinement a montré l'importance du vélo, y compris pour des gens qui n'en avaient plus fait depuis des décennies. Pour se déplacer à l'intérieur de la commune, le vélo est généralement plus efficace que la voiture. Le responsable du « Vëlobuttek » a d'ailleurs dit à Georges Liesch qu'il croulait sous le travail. Les gens sortent leurs vieux vélos de la cave et les font réparer. Il y a*

Ganz begréissenswäert fanne mer déi sëllег Projeten. Mir sinn eng vun de Gemengen, déi nieft dem renge Schoulhalen a renger Wëssensvermëttlung pur et simple ganz vill Saachen ubidden, déi am Kader vun der Schoulzäit oflafen. An och eng Partie Projeten, déi ausserhalb lafen. Ech wollt der e puer ernimmen.

Eis Naturschoul, déi mer scho Joerzéngten hei zu Déifferdeng hunn. Op déi mer och, mat Recht, kënne stolz sinn, dass mer déi hei hunn. Wou all Kand zumindest eemol – an hoffentlech méi wéi eemol – a senger Schoulzäit duerch déi Naturschoul gaangen ass. Wou mer de Kanner d'Sensibilitéit zu der Natur méi no bréngen.

Dann eis Technikschoul, déi net grad esou al ass, mëttlerweil awer och scho geschwënn un eng Décennie erukënnt. Wou mer de Kanner de Kontakt mat der Technik méi no wëlle bréngen. Mir wëssen, dass hei zu Lëtzebuerg, awer och am Ausland, eng Penurie besteet u Leit, déi an den technesche Beruffer ënnerwee sinn. Op allen Niveauen. Dat hei kann eis hëllefen, de Kanner Perspektiven ze weisen an interessant Fächer ze weisen, wat se herno vläicht eventuell als Beruff kéinten ausüben.

Ganz besonnesch frou sinn ech och iwwert deen neie Projet, wann een deen d'Kreativschoul kann nennen, dee jo elo gestart ass d'lescht Joer. Mat engem One-Shot-Projet zu Lasauvage, dee wierklech absolutt genial war. Wou d'Kanner, d'Elteren, wou unanime jiddweree fonnt huet, dass dat e super Projet war. A wou ech ganz besonnesch frou sinn, dass sech Gedanke gemaach gi sinn, fir ze soen, dat do kéint ee weiderféieren an dat kéint een och ubidden.

D'Madamm Rollinger huet elo e Projet ausgeschafft, fir esou eng Kreativschoul op d'Been ze setzen. Déi dënschdes mëttes soll hei ugebuede ginn. Ech fannen dat wierklech eng super Saach. Net all Iddi muss ëmmer zu engem grousse Projet féieren. Mee bei dësem hei sinn ech der Meenung, dass et déi richteg Decisioun war, fir dat weiderzeféieren. Well mer dann den Tablo komplettéieren.

Mir sinn am Naturberäich ënnerwee, mir sinn am technesche Beräich ënnerwee a mir hunn elo och nach de kreative Beräich. Wou mer souwisou als Gemeng ganz staark verankert sinn. Mat eiser Museksschoul, mat eise Museksangeboter, mat eisem Centre culturel si mer am kreative Beräich souwisou ganz staark ënnerwee. Da passt dat heite ganz flott, dass mer deen heiten Deel och an eisem Schoulorganisatioun erëmfannen.

Ganz gutt, muss een och soen, huet sech d'Zesummenaarbecht an de leschte Jore mat der Museksschoul, a virun allem mat der Musek, entwéckelt. Och dat ass e Projet, dee mengen ech drop zréckgeet, dass souwuel d'Déifferdenger Musek wéi awer och eisen Direkter wierklech absolutt sensibel op dat Theema ass, fir d'Zesummenaarbecht ze verstäerken a weider auszebauen. Och dat fannen ech e ganz wichtegen Deel an der Schoulorganisatioun, fir d'Kanner mat der Musek a Beréierung ze bréngen. Och wann net herno jiddwereen e grousse Museker gëtt, sou ass awer d'Musek am Alldag e ganz wichtege Facteur.

Dir hat geschwat vum Theaterprojet. Wann ech richteg gelies hunn, hu mer do nach kee Chargé fonnt. Déi si warscheinlech méi rar geséint. Mee dat ass awer e ganz flotten Deel dovunner.

Jo, an d'Kiischt um Kuch, wéi Der scho gesot hutt, Madamm Buergermeeschtesch, ass deen neie Projet mat de Vëloen an der Schoul. Mir sinn als Gréng natierlech absolutt op där doter Schinn. Et ass ganz richteg. Et muss ee sensibiliséieren, fir de Vëlo am Alldag erëmzefannen. Mir hu lo gesinn, an der Confinementszäit, wat de Vëlo fir eng Bedeitung ka spillen.

An ech mengen, wa mer eppes sollte mathuelen, fir nom Confinement, dann ass et deen doten Elan. Wou d'Leit alleguerten erëm hire Vëlo entdeckt hunn a mam Vëlo gefuer sinn. Leit, déi scho Joerzéngten net méi mam Vëlo gefuer sinn, dat erëm probéiert hunn a gemengt hunn, dat wär vläicht awer eng sënnvoll Aart a Weis fir sech fortzebeweegen. Zumindest hei innerhalb vun der Gemeng, wou ee mengen ech quasi op all Streck méi séier ass wéi mam Auto.

Ech hat elo nach dës Woch rieds mam Responsabele vum Vëlosbuttek zu

Déifferdeng, dee gesot huet, si kéinte sech vun Aarbecht net méi retten. Esou vill Vëloe kréie se eran. Wou d'Leit komme mat Vëloen, déi se nees aus dem Keller geholl hunn, fir se erëm ze flécken, fir se erëm gangbar ze maachen, fir erëm domadder ze fueren. Et ass elo en immensen Elan bei de Leit, fir de Vëlo ze benotzen. An dat musse mer bei de Kanner, genau wéi Dir gesot hutt, elo verankeren. Mer mussen et fäerdegbréngen, dass d'Gemeng an de Staat investéieren an d'Vëlosweeër, an dass d'Vëlosinfrastrukturen och genotzt ginn.

Eise Vël'OK-System, mengen ech, do musse mer eis déi Fro net méi stellen, well déi Jugendlech dee wierklech ganz gutt benotzen. An zwar esou gutt, dass een net ëmmer e Vëlo kritt. Déi si vill ënnerwee, ganz vill Jugendlecher benotzen dee Vëlo. Jo, et kann ee kritiséieren, dass et net ëmmer esou ass, wéi mir eis dat ëmmer virstellen, mee si benotzen e jiddefalls. An ech mengen, dat ass emol dat Allerwichtegst.

D'Infrastrukturen, do si mer jo amgaang, dorunner ze schaffen als Gemeng. Eng Partie Saachen hu mer scho realiséiert. Eng Partie Saache sinn nach an der Pipeline. A fir elo dee Projet ze maache mat der Madamm Godart, fir de Vëlo mat der Schoul méi enk ze verbannen, fir och d'Ängschten ze huelen an de Kanner ze weisen, wéi kommen ech mam Vëlo an d'Schoul, sécher an d'Schoul, a wéi kommen ech sécher heem, wéi behuelen ech mech am Verkéier, wann ech dann awer muss emol eng Kéier op enger Strooss fueren, mat den Autoen zesummen, wéi behuelen ech mech do richteg – dat ass absolutt dee richtege Wee.

Dann de Projet vum Schoulgaart, dee jo ganz flott hei zu Déifferdeng leeft, well do Enseignante sinn, déi sech wierklech mat där Thematik auserneesetzen an dat wierklech ganz flott maachen. Do muss ech soen, fir d'Kanner ass dat immens flott. Mee mir wëssen, et sinn eigentlech zwee Enseignanten, déi dee Projet virundreiwen an déi de Motor si vun dësem Projet.

Duerfir sinn ech ganz frou gelies ze hunn, dass dee Projet vum Schoulgaart och um Fousbann an um Woiwer Interêt elo fonnt huet, dass am Text steet: „vont suivre leur exemple". Also Leit an der Pipeline sinn, déi soen, mir ginn eis dat emol ukucken a mir si vläicht interesséiert. An dat dann och an deene Schoulen do unzebidden. Ech kann déi Leit vun hei aus nëmmen encouragéieren, dat ze maachen. Wann ech déi Fotoe gesinn, déi mol gepost ginn, vun de Kanner, wa se am Gaart schaffen oder iergendeppes erausguelen an déi Saache verwäerten, ass dat sécher e ganz flotte Projet.

Ech wollt a menger Ried e bëssen op déi dote Saachen agoen, manner op d'Zuelen an op d'Chifferen. Déi sinn alleguerten an den Tabellen. Dir hutt se zum Deel virgestallt. Déi si fir jiddwereen noliesbar. An déi hei Projete louchen eis awer ganz besonnesch um Häerz.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Den Här Meisch hat sech gemellt.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'Detailer goufe genannt. Just vläicht nach e puer kleng Remarke vun eis. D'Schoul ass amgaang sech ze veränneren déi lescht Joren. An ass guer net méi ze vergläiche mat där Zäit, wou zumindest verschiddener vun eis an d'Schoul gaange sinn. An ech schwätzen net vun den, leider, ville coronabedéngte kuerzfristege Changementer a leschter Zäit.

D'Schoul ännert sech. Do muss eng Gemeng Schratt halen. D'Offer muss permanent adaptéiert ginn, fir se un d'Besoine vun de Kanner unzepassen. Soudass all d'Kanner sech kënnen entfalen, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet. Dofir musse mer eise Kanner eng beschtméiglech Offer an en ideale Kader an en Encadrement bidden an d'Infrastrukturen net vernoléissegen.

An deem Kontext muss een déi demografesch Entwécklung vun eiser Stad am A behalen a fréi genuch erkennen, wou muss reagéiert ginn. Deemno ass eng Schoulorganisatioun ee ganz wichtegen Dossier. Och wann duerch déi sa-

*un véritable élan. Il faut en profiter pour sensibiliser les enfants. La Ville de Differdange et l'État doivent investir dans les pistes cyclables et faire en sorte que les infrastructures soient utilisées.*

*Le système Vël'OK est tellement apprécié des jeunes que l'on a du mal à trouver des vélos disponibles. Bien sûr, on peut se plaindre du fait que ce ne soit pas l'utilisation que la commune eût prévue, mais au moins les jeunes profitent de ces vélos. C'est ce qui compte.*

*Pour ce qui est des infrastructures, plusieurs projets sont en train d'être planifiés. Georges Liesch salue l'action de madame Godart permettant d'apprendre aux enfants à rouler correctement à vélo sur une route ensemble avec les voitures.*

*Georges Liesch apprécie aussi le projet du jardin scolaire. Pour les enfants, c'est particulièrement chouette. Actuellement, le projet est géré par deux enseignants, mais il est prévu de l'étendre au Fousbann et au Woiwer. C'est une bonne chose, car le conseiller communal a vu des photos des enfants travaillant dans le jardin et cela en vaut la peine.*

*Georges Liesch a mentionné les mesures qui lui tenaient à cœur. Il ne souhaite pas revenir sur les chiffres, car ils figurent dans les tableaux.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *ne veut pas revenir sur les détails. Il constate que l'école est en train de changer et qu'on ne peut plus la comparer à celle qu'il fréquentait. Il ne fait pas référence au coronavirus, mais aux changements de l'école en soi.*

*La Ville de Differdange doit adapter son offre en permanence aux besoins des enfants. Chaque enfant a droit à un bon départ dans la vie. L'offre scolaire et l'encadrement doivent être optimaux.*

*La Ville de Differdange doit tenir à l'œil le développement démographique et réagir rapidement le cas échéant. C'est pourquoi l'organisation scolaire est un dossier important. François Meisch espère qu'elle pourra être mise en place pour la rentrée malgré la crise sanitaire.*

*Differdange comptera 196 classes: 18 dans le précoce, 45 dans le pré-*

*scolaire, 3 classes en forêt et 130 classes dans les cycles 2 à 4. En tout, il y aura 2840 élèves. Six classes ont été ajoutées par rapport à cette année.*
*Les démocrates soutiennent l'École nature, l'École technique et le jardin scolaire. Ils encouragent le personnel enseignant à poursuivre sur cette voie.*
*François Meisch remercie l'échevine à l'enseignement, le service scolaire, la commission scolaire, les comités, le personnel et le ministère.*
*Le numérique doit jouer un rôle important. La crise l'a démontré.*
*Les écoles et maisons relais doivent se rapprocher des associations locales.*
*Le DP approuvera l'organisation.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie tous ceux ayant travaillé à l'élaboration de ce document. Un grand merci aussi au personnel scolaire.*
*Le document est explicite. Les chiffres sont détaillés.*
*De nombreux éléments des années précédentes ont été repris. Parmi les nouveautés figure le fait que les enfants peuvent désormais rejoindre leurs salles de classe dix minutes avant le début du cours. L'enseignant est sur place. Cela permet d'éviter les rassemblements de masse dans la cour de récréation et donc pas mal de stress. Les enfants ont maintenant le temps de discuter un peu avec les autres élèves et l'enseignant, et préparer leurs affaires en toute tranquillité.*
*La surveillance et les pauses ne changent pas. La deuxième pause instaurée pendant la crise de coronavirus ne sera pas maintenue officiellement.*
*Parmi les points positifs figure l'importance accordée à la coopération entre l'école et la maison relais. Il en est question à plusieurs endroits dans le texte.*
*Les effectifs des classes restent relativement faibles. Le nombre de classes passe de 188 à 196. Cela prouve que Differdange a besoin de plus de salles de classe.*

nitär Kris nach vill Fragezeiche bestinn, hoffe mer, dass d'Schoulorganisatioun, wéi se hei virläit, fir d'Rentrée kann ëmgesat ginn.

Mir kéimen den Zuelen no op en Total vun 196 Klassen. 18 am Precoce, 45 am Préscolaire, zousätzlech dräi als Bëschklass, an den Zyklen 2 bis 4 nach 130 Klassen. Mir klammen op en Total vun 2.840 Schüler. A sechs Klasse kéime bäi. Also net allze vill Ännerungen zu de Jore virdrun.

Mir ënnerstëtzen déi eenzel Projeten, d'Naturschoul, d'Technikschoul, och de Schoulgaart, an encouragéieren d'Léierpersonal, an déi Richtung weiderzeschaffen.

Betreffend d'Schoulorganisatioun wëlle mer de concernéierte Leit Merci soe fir hir Aarbecht: der Schoulschäffen, dem Schoulservice, der Schoulkommissioun, de Kommiteeën, dem ganze Personal, awer och dem Ministère fir d'Ënnerstëtzung an den Accord vum Contingent.

Oppasse musse mer kuerzfristeg, dass d'Digitaliséierung, och am Kontext vun eise Schoulen, an der Bildung net ze kuerz kënnt, an dass mer do net hannendra geroden. Stéchwuert digitaalt Klassenzëmmer. Wéi wichteg dat ass, hu mer elo an der Kris mussen erfueren.

Virun Ae sollte mer weiderhi behalen, wéi eis Schoulen a Maison-relaisen nach méi no un eis lokal Veräiner kënnen eruréckelen. Nichtsdestotrotz stëmmt d'Demokratesch Partei d' Schoulorganisatioun fir 2020/2021 mat. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV wëll ech virop alle Bedeelegten, déi un dësem detailléierten Dokument matgeschafft hunn, Merci soen. Och dem ganze Schoulpersonal dat duerno dës Texter um Terrain ëmsetzt.

Et gouf scho villes gesot. Ech ka mech menge Virriedner just uschléissen. D'Dokument, wat dat ganzt Fonctionement definéiert, ass explizitt a gutt openeen ofgestëmmt. Och hu mir hei déi genee Zuelen, wat d'Schoulklasse mat de jeeweilege Schüler an den entspriechende Poste vun all onse fënnef Schoulen hei stoen.

Villes ass wéi déi Jore virdrun. Als grouss Neierung – an dat begréisse mer immens –, wäert sinn, datt d'Schüler, ier d'Schoul ugeet, zéng Minutte virum Cours, moies wéi mëttes, wa Schoul ass, scho kënnen an hir Klass goen, wou den Enseignant op si waart. Sou fält dat Masserassemblement an d'Areien am Schoulhaff ewech, wou bannent zwou Minutten all d'Schüler an hirer Klass sëtzen.

Mat dëser Neierung komme si schéi verdeelt ouni Gedrécks an ouni Stress an hir Klass. Wou si dann och nach e bëssen Zäit hunn, fir gemittlech mat hire Schoulkolleegen an dem Enseignant ze schwätzen oder an aller Rou hiert Material prettzeleeën a sech ze installéieren, éier Punkt 8 Auer de Cours richteg ufänkt.

Déi aner Surveillance an d'Auerzäite souwéi d'Paus bleiwen onverännert. Schued ass, datt déi zweet kleng Paus, fir a Rou dobannen z'iessen, wéi mer dat elo wärend de Coronawochen haten, net weider offiziell virgesinn ass. Wat awer net verhënnert, datt den Enseignant dat weiderhi fir seng Kanner mécht.

Positiv erauszeliesen ass eppes, wou déi zoustänneg Servicer an de leschte Méint vill drop higeschafft hunn, datt vill Wäert drop geluecht gëtt, datt d'Zesummenaarbecht vun der Schoul mat der Maison relais méi an d'Praxis ëmgesat gëtt. Wat een op verschiddene Plazen an dësem Text erëmfënnt.

Zu de Klasseneffektiver muss ee soen, datt dës weiderhin zimmlech niddreg bleiwen. Wat och gutt esou ass. D'lescht Joer hate mer insgesamt 188 Klassen. Dëst Joer sinn et schonn 196 Klassen. Do gesäit een, wéi wichteg et ass, dass mer weider Schoulraum hei zu Déifferdeng bauen.

Zu de Klassenzuele selwer. Do hu mer eng Moyenne vu mol net méi 14 an engem hallwe Schüler pro Klass. Am eenzelen huet keng Klass méi wéi 17 Schüler. Déi meescht leie gutt drënner. Et gëtt just zwou Ausnamen.

Dat eent, d'Madamm Buergermeeschtesch sot et schonn, ass am Cycle 3.2 zu Uewerkuer. Well d'Klassentitulairen, richtegerweis, de Wonsch hunn, mat all hire Schüler aus dem drëtte Schouljoer an d'véiert weiderzegoen. An et net glécklech gewiescht wier, dës Klassen opzedeelen. Wouduerch den Effectif vun de Klassen, duerch d'Allongementer, eropgeet. Dëst ass mat ee vun de Grënn, firwat ee soll d'Unzuel vun de Schüler an engem éischte Joer vun engem Cycle, besonnesch vum Cycle 2 an 3, soll kleng halen.

Déi aner Ausnam ass d'Precoce, wou d'office ëmmer zu zwee Erwuessener geschafft gëtt. An een duerfir eréischt bei méi Kanner eng Klass ka bäimaachen.

Nieft de Klassen hu mer och verschidde Projete vun Hëllefsmoossname, fir virun allem Kanner mat Léierschwieregkeeten ze ënnerstëtzen. Sou eise Projet Dyslexie–Dysphasie, den Enseignement à deux oder nach d'Léierateliere n. Déi niddreg Klasseneffektiver brénge mat sech, vu datt de Gesamtvolume vu Stonnen iwwert de Contingent genormt ass, datt manner Stonne fir dës Hëllefsmesüren iwwreg bleiwen. Wat schued ass.

Op där anerer Säit muss een awer och gesinn, datt wa Klasse kleng sinn, huet den Enseignant eng besser Méiglechkeet, op e Kand eenzel anzegoen a selwer méi Zäit, fir säi Cours an der Klass nach méi ze differenzéieren.

Donieft kréie verschidde Kanner vun der ESEB, also der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, eng Assistance en classe an der Schoul. An der Zäit war dat déi fréier EDIFF, déi dës Assistance geleescht huet, éier bei der Schafung vun de Centre-de-compétencen d'Personal vun der EDIFF an déi lokal Sozialpedagogen aus eise Schoulen an dës nei Struktur als regional ESEBen zesummegeluecht goufen.

Hei am Dossier gëtt am Kontext vun der ESEB elo vun der Assistance en classe geschwat. Awer vun de Projeten, déi déi fréier lokal Sozialpedagogen an eise Schoulen ëmgesat hunn, steet elo näischt méi dran. Dat waren ënner anerem Gewaltpreventiounsprojeten, Mediatioun, Gespréichskreesser, Projeten zur Verbesserung vum Schoulklima, Antimobbingasaz, Interventioune bei Cybermobbing a sou weider. Wou jee no Schoul ee bis zwee Sozialpedagogen zoustänneg waren, déi dës an Zesummenaarbecht mat den Enseignantë fir all d'Kanner ëmgesat hunn.

Och wann d'Sozialpedagogen elo regional organiséiert sinn, ass dës Aarbecht fir eng fërdernd Schoulatmosphär e wichtege Bestanddeel vun enger Schoul an der haiteger Zäit. Ënner anerem ass dëst esou am Schoulgesetz vun 2009 virgesinn. Dofir wollt ech froen, ob mir kéinten nogereecht kréien, wéi vill Memberen d'ESEB huet fir eis fënnef Schoulen. A wéi vill Zäit jiddereen an enger normaler Woch Assistance en classe mécht. A wéi vill Zäit nach fir esou Schoulprojeten iwwreg bleift.

Am Rapport vun der Schoulkommissioun kann een erausliesen, datt d'Elterevertrieder sech vill Gedanke maache wéinst den Allongementer. An der Moyenne leie mer hei bei 5 %. Natierlech wier et wënschenswäert, wann dës Zuel méi niddreg wär. Mee fir dës Kanner ass et wichteg, de Léierplang vun engem Cycle nach ze festegen an hir Wëssensbasis ze verdéiwen, éier si an den nächste Cycle kommen, wou op dësem Wësse weider opgebaut gëtt.

Doduerch datt d'Schüler nom neie Schoulgesetz am Prinzip just nach um Enn vun engem Zyklus en Allongement kréien, also just no zwee Joren, bréngt dëst natierlech mat sech, datt d'Zuelen an deene Klassen dann elo vill méi héich leie wéi fréier. An an deenen anere Klassen deementspriechend méi niddreg, besonnesch am Cycle 2.2. Hei leie mer bei 16 % Allongementer, wat eng jett ass. Hei fält effektiv munche Kanner den Iwwergang vum Cycle 1 an den Cycle 2 schwéier, vun der Spillschoul an d'Primärschoul.

Verschidde Kanner sinn zwar kognitiv prett fir an den 2.1, also ass et déi richteg Decisioun am Cycle 1, se weidergoen ze loossen. Awer um sozioemotio-

*En moyenne, Differdange compte moins de 14,5 élèves par classe. Aucune classe n'a plus de 17 élèves. Parmi les exceptions figure le cycle 3.2 à Oberkorn. L'enseignante souhaite que tous ses élèves restent ensemble, ce qui est compréhensible. Mais les effectifs augmentent à cause des allongements. C'est pourquoi il faut veiller à limiter le nombre d'élèves dans les premières années de cycles.*
*Les classes du précoce comptent, quant à elles, deux titulaires. Le nombre d'élèves peut donc être plus élevé.*
*Plusieurs mesures permettent de venir en aide aux enfants ayant du mal à apprendre : le projet dyslexie-dysphasie, l'enseignement à deux, les ateliers… Comme le nombre d'élèves par classe est bas, il reste moins d'heures dans le contingent pour les mesures d'aide. Mais les effectifs bas permettent un suivi plus individualisé.*
*L'ESEB, l'équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers, offre une assistance en classe. Dans le dossier, il n'est en revanche plus question des projets dont s'occupaient les anciens pédagogues sociaux dans des domaines comme la prévention de la violence, la médiation, l'amélioration du climat scolaire, le harcèlement… Dans chaque école, un ou deux pédagogues sociaux collaboraient avec les enseignants.*
*Désormais, les pédagogues sociaux sont organisés par région. Mais ils jouent un rôle important dans l'amélioration de l'atmosphère scolaire. Jerry Hartung voudrait savoir combien de membres de l'ESEB s'occupent des cinq écoles differdangeoises, et combien de temps ils allouent à l'assistance en classe et aux projets scolaires.*
*Les représentants des parents semblent s'inquiéter des allongements, qui concernent 5 % des élèves. Ce chiffre pourrait être plus bas, mais il est important que les enfants disposent des connaissances nécessaires avant de passer au cycle suivant. Comme l'allongement n'est possible qu'en fin de cycle, le nombre d'élèves en deuxième année de cycle est plus élevé. C'est notamment le cas du cycle 2.2. De nombreux enfants ont*

*les connaissances nécessaires pour passer du cycle 1 au cycle 2, mais ils ne sont pas encore assez murs. Ces enfants auraient besoin d'une année de transition. Leur cycle 2 durerait d'office trois ans, mais cela leur éviterait le stress d'un allongement en fin de cycle. Cette idée pourrait servir à lancer un projet-pilote.*

*La Ville de Differdange a raison de proposer de l'espace pour les centres de compétences et dispose ainsi d'une annexe du Centre pour le développement intellectuel et d'une classe de logopédie. Quatorze et douze élèves reçoivent l'aide dont ils ont besoin sans devoir se déplacer. D'autres centres comptent moins de Differdangeois parce que les besoins sont moins importants, mais aussi parce qu'ils sont plus éloignés. Ainsi, seul un enfant est inscrit au Centre pour le développement socioémotionnel. Il serait intéressant de savoir combien de demandes les enseignants et la commission d'inclusion de Differdange ont faites.*

*Jerry Hartung passe à des projets dont Differdange peut être fière: l'École nature, fréquentée par chaque classe au moins une fois par an, l'École technique, les sorties pédagogiques… La collaboration avec l'école de musique mérite d'être soulignée.*

*Les chrétiens sociaux approuveront l'organisation scolaire 2020-2021.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *explique que l'organisation scolaire est pour lui un des votes les plus importants de l'année. Quelques 2800 enfants sont concernés. Ils passent beaucoup de temps à l'école. Differdange-centre accueille 692 enfants et constitue le site le plus grand. Six-cent-six enfants vont à Niederkorn, la localité connaissant la croissance la plus importante. Oberkorn compte 501 élèves, le Woiwer 444 et l'école en forêt 37.*

*Les enfants passent beaucoup de temps à l'école, qui doit leur fournir les outils nécessaires pour réussir dans la vie. L'école publique doit contribuer à faire de l'égalité des chances une réalité. Malheureusement, malgré tous les efforts des gens sur le terrain, l'égalité des*

nalen Niveau sinn se nach net räif genuch. Zum Beispill kann d'Kand sech nach net laang genuch konzentréieren, fir dat alles ze léieren a kritt dofir Schwieregkeeten an der Schoul. Hei bräicht et fir verschiddener vläicht méi e soften Iwwergang, u sech en Transitiounsjoer, wou zwar scho gutt geléiert soll ginn, awer och vill Raum fir Spill a Beweegung géif bleiwen. Am Idealfall natierlech béides kombinéiert.

Natierlech géif een esou net dee ganze Programm vun engem 2.1 duerchkréien an ass deemno vum Schoulgesetz leider am Moment net esou méiglech. Mee amplaz no zwee Joer Stress fir d'Kand an nach ee Joer Allongement, kéint een d'office am Virfeld fir dës Kanner dräi Joer virgesinn, wou dat dann alles méi verdeelt wär. Vläicht eng flott a sënnvoll Iddi als Pilotprojet.

Wat d'Centre-de-compétencen ugeet, do gesäit een, datt Déifferdenger Gemeng guttdeet, Schoulraum fir verschidden Zentren zur Verfügung ze stellen. Sou hu mir hei an der Gemeng eng Annex vum CDI, besser bekannt als fréier EDIFF, an eng Klass vun der Logopedie. Hei si 14 respektiv 12 Schüler aus eiser Gemeng ageschoult. Dat heescht, si kréien déi Hëllef, déi si brauchen a brauche sech net ze wäit ze deplacéieren. An deenen aneren Zentre si vill manner Kanner. Wuel well do de Besoin net esou grouss ass, mee sécherlech och well hei wäit Deplacementer géifen ufalen.

Am Dokument steet beim CDSE, dem Centre pour le développement socio-émotionnel, wier just ee Kand vun Déifferdeng ageschriwwe gewiescht fir dëst Joer. Dat heescht ee Kand, wat d'CNI, d'Commission nationale d'inclusion zréckbehal huet.

Do wier et natierlech interessant ze wëssen, wéi vill Demandë vun eisen Enseignantë respektiv eiser CI, der Commission d'Inclusion vun Déifferdeng fir de CDSE gemaach goufen, déi net zréckbehale goufen. Respektiv bei wéi vill Schüler e Coaching oder eng ambulant Prise en charge an eise Schoule stattfënnt.

Ofschléissend nach e puer Projeten, déi mer scho laang hei zu Déifferdeng hunn a wou mer houfreg kënne sinn, dëst eise Schüler unzebidden. Zum engen, wou de Virwëtz vum Kand u senger Ëmwelt soll ugereegt ginn, wéi an der Naturschoul, wou am Schnëtt all Klass op d' mannst eemol am Joer passéiert, wann net souguer méi. Oder der Technikschoul. Mir hunn och déi pedagogesch Sortien oder d'Kolonien, déi ab nächstem Joer erëm hoffentlech kënnen normal lafen.

Och déi enk Zesummenaarbecht mat eiser Museksschoul ass ze ënnersträichen, wat wierklech flott ass. Hei kënnen d'Kanner léieren, e Museksinstrument ze spillen.

D'CSV stëmmt d'Schoulorganisatioun 2020/2021 mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Schoulorganisatioun ass fir mech ee vun deene wichtegste Votten, dee mir am Joer maachen. Bis zu 2.800 respektiv méi Schüler si betraff. Vill Zäit gëtt vun eise Kanner an de Schoule verbruecht. An déi verdeele sech op déi verschidde Schoulen. Déifferdeng-Zentrum: 692 Kanner. Dat ass domadder déi gréisste Schoul hei zu Déifferdeng. Dat ass dee gréisste Site. Et sinn och zwee Gebaier. 538 um Fousbann. 26 zu Lasauvage. 606 zu Nidderkuer, wat dee Site ass, deen am meeschte wiisst an deen am meeschte wäert wuessen. An dee mer jo och am meeschten diskutéiert hunn an der leschter Zäit, wéi mer den néidege Schoulraum och schafen. 501 zu Uewerkuer. 444 um Woiwer. A 37 am Bësch. Also an der Bëschklass.

Dat si vill Kanner, fir déi den néidege Schoulraum muss do sinn an déi ganz Organisatioun wichteg ass. Fir dass déi Zäit, déi d'Kanner an der Schoul verbréngen, hinne sou vill wéi méiglech matgëtt fir hiert Liewen. U sech ass et d'Schoul, déi vum Staat a vun der ëffentlecher Hand, vun de Gemengen och, dat ass, wat soll dozou bäidroen, dass d'Chancëgläichheet an eiser Gesellschaft Realitéit gëtt.

Trotz ganz villen Efforte vu ganz ville Leit, déi um Terrain schaffen, déi an der Gemeng, an de Servicer schaffen a vun eise beschten Intentiounen, muss een awer leider ëmmer erëm feststellen, dass déi Chancëgläichheet e fromme Wonsch ass. Etüde weisen, dass de soziale Lift net funktionéiert zu Lëtzebuerg. Am aktuelle Kontext wëll ech an deem Sënn spezifesch drop opmierksam maachen, wou de soziale Lift wierklech net funktionéiert a wou mer souguer vu strukturellem Rassismus musse schwätzen.

Et gëtt eng Etüd vum CEFIS, dem Centre d'études et de formations interculturelles et sociales, déi 2018 gemaach ginn ass iwwert d'kapverdianesch Communautéit zu Lëtzebuerg. Déi Etüd weist, dass deemools vun 333 kapverdianesche Schüler der just zéng de Wee an de Classique fonnt hunn.

A mir hunn och an der rezenter Thematiséierung ronderëm Black Lives Matter Leit, déi Temoignagë publizéiert hunn. Wou se soen, dass ee mat enger Schoulfrëndin hei zu Uewerkuer an der Schoul thematiséiert huet – dat war virun enger Rei Joren, awer och net esou laang hier, dat ass nach méi spéit wéi meng Jugend mengen ech –, ob et an de Classique oder an den Technique geet. An den Enseignant huet deene Schüler mat engem Laache geäntwert: „Mengs du, dass du mat där Hautfaarf an de Classique gees".

Dëst ass een Temoignage, deen eis ganz no ass. Mir sinn hei zu Uewerkuer. An ech thematiséieren dat net, fir iergendeen domadder ze beschëllegen. Well ech jo vu strukturellem Rassismus geschwat hunn. Dat heescht, et ass nach iergendeppes, wat net just op eenzel Persounen zréckzeféieren ass, wat am Moment schifleeft. Soss wär den Taux de chômage vun de Kapverdianer net méi grouss, d'Redoublementer net méi grouss, den Decrochage net méi grouss wéi bei allen aneren.

Et ass jo net, well si eng schwaarz Hautfaarf hunn oder aner Originnen hunn, dass déi Mënschen aner Kompetenzen hätten oder géife matbréngen, respektiv eng aner Intelligenz. Bei Rassismus geet et ëm Stereotyppen a Virurteeler, déi ganz déif an eisem Ënnerbewosstsi verankert sinn, deene mer eis oft net bewosst sinn. D'Leit handele mat beschtem Wëssen a Gewëssen, awer ginn am Fong vun hirer eegener Psyche ausgetrickst an huelen d'Handele vun deene Leit anescht wouer, wéi et objektiv ass. Duerch eeben déi Stereotyppen, déi Biller, déi an hirem Kapp sinn.

Ech thematiséieren dat, well et eng Realitéit ass, déi bei de Betraffenen e Liewe laang wéideet an e ganzt Liewe beaflosst. Ech si mer sécher, dass kee vun eis dat wëll, dass iergendee vun eise Kanner hei an der Gemeng esou Situatioune muss erliewen a manner Chancen huet, fir am Liewen ze bestoen.

An ech hunn elo just déi Diskriminatioun par rapport zur Hautfaarf ugeschwat. Dat heescht awer net, dass dat déi eenzeg Diskriminatioun ass, déi et gëtt. Mir kennen och Temoignagë vun Enseignanten, déi just d'Familljennimm gefrot hu vun de Leit oder wéi eng Nationalitéit d'Elteren hunn. An dann einfach déi Schüler a verschidde Gruppen opgedeelt hunn – mat deenen enge gëtt méi geschafft, mat deenen anere gëtt manner geschafft.

Alles dat hoffen ech, dass et ëmmer manner d'Realitéit gëtt an eiser Schoul. An ech si mer sécher, dass déi allermeescht e Maximum maachen, fir dass dat doten net de Fall ass. Mee wéi gesot, et ass näischt, andeems ee sech eppes virhëlt oder seet, ech si géint Rassismus, dass een et doduercher aus dem Wee geschaaft kritt. Et ass vill méi komplex. Et ass vill méi déif verankert.

Heimat wollt ech ureegen, dass mer eis – an et gëtt jo och un engem Integratiounsplang geschafft –, dass ee sech och de Fokus vun der Schoul hëlt an iwwerleet: Wat kann ee maachen? Wéi kënne mer souwuel d'Schüler wéi d'Personal doranner ënnerstëtzen, fir aus deene Musteren auszebriechen, déi eis eeben net ëmmer ganz bewosst sinn?

Mat dëse méi nodenklechen, kriteschen Téin wëll ech awer net ofschléissen, oder mech just dorobber bezéien. Ech hunn et jo gesot, et gi ganz vill Efforte gemaach. An och grad zu Déifferdeng, wou mer ganz vill mat Inegalitéite konfrontéiert sinn an eiser Bevëlkerung, mécht eist Personal, a maache mir als Gemeng, ganz vill, fir déi sou gutt wéi méiglech opzehiewen. Obwuel et sech net ëmmer herno laangfristeg kann a

*chances reste une chimère. L'ascenseur social ne fonctionne pas au Luxembourg. Gary Diderich trouve que dans certains cas, il faut même parler de racisme structurel. Il mentionne une étude du Centre d'études et de formations interculturelles et sociales réalisée en 2018 sur la communauté capverdienne du Luxembourg. Sur 333 élèves capverdiens, seuls 10 ont fait des études dans un lycée classique. Gary Diderich cite également un témoignage d'un élève capverdien d'Oberkorn auquel l'enseignant aurait dit avec un sourire qu'il ne pourrait pas fréquenter un lycée classique à cause de la couleur de sa peau.*

*Gary Diderich ne veut accuser personne. Il parle de racisme structurel, qui ne se rapporte donc pas à des personnes en particulier. Mais le taux de chômage, de redoublement et de décrochage est plus élevé chez les Capverdiens que chez les autres. Pourtant, le fait qu'ils soient noirs ne signifie pas qu'ils aient moins de compétences ou qu'ils soient moins intelligents. Mais certains préjugés sont ancrés dans le subconscient. Les gens agissent en fonction de leurs connaissances et de leurs consciences, mais ne perçoivent pas les actions de certaines personnes de manière objective.*

*Gary Diderich sait pertinemment qu'aucun responsable politique ne veut qu'un enfant ait moins de chances de réussite qu'un autre. Par ailleurs, la question de la couleur de la peau n'est qu'une forme de discrimination parmi d'autres. Il existe des témoignages concernant des enseignants qui plaçaient les élèves dans des groupes en fonction de leurs noms ou de la nationalité de leurs parents. Gary Diderich est certain qu'il s'agit d'exceptions. Mais il ne suffit pas de dire que l'on est contre le racisme pour le faire disparaitre.*

*Un plan d'intégration est en train d'être élaboré. Il devrait mettre l'accent sur la façon de briser ces préjugés dont on n'est pas forcément conscients.*

*Differdange est confrontée à des inégalités. La commue fait des efforts considérables pour les éliminer. Mais à long terme, les résultats sur les élèves ne sont pas évidents.*

*Gary Diderich mentionne les cours d'accueil pour les nouveaux arrivants. D'une manière générale, ceux qui ont des capacités intellectuelles et physiques différentes ne doivent pas être exclus de l'école normale, mais les enseignants doivent disposer des moyens nécessaires pour faire leur travail.*
*Gary Diderich salue des initiatives comme l'École nature, l'École technique ou l'École créative, qu'on ne trouve pas dans toutes les communes, mais qui sont importantes en complément à l'école traditionnelle. Il se réjouit aussi de la mise en place de projets autour du vélo. La « Vëlosschoul » connait-elle du succès ? Les classes profitent-elles des infrastructures du Metzkimmert ?*
*L'école internationale ne fait pas partie de l'organisation scolaire. Les conseillers communaux pourraient-ils malgré tout voir les chiffres ? En effet, dans le dossier, il est question de Differdangeois ne fréquentant pas l'école dans la commune. Mais certains sont peut-être inscrits à l'EIDE.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que si l'école change, les inégalités restent. Dans une société de classes, il serait illusoire de penser qu'à l'école, les inégalités sont atténuées.*
*Les enseignants et les pédagogues font des efforts. Mais le cadre les empêche de réussir. Le ministre de l'Éducation nationale, un néolibéral, contribue à fractionner l'école publique, de sorte que tous les enfants ne disposent plus des mêmes conditions. Differdange souffre de cette situation, peu importe les efforts accomplis par la commune, le collège échevinal et le personnel enseignant.*
*Certes, des initiatives comme l'École nature, l'École technique ou d'autres projets pédagogiques sont incroyablement chouettes. Mais ils ne suffisent pas à mettre en place une école de l'égalité des chances. Le syndicat des enseignants a constaté que la subdivision des enfants en petits groupes pendant la crise sanitaire a permis d'aider les élèves plus faibles. Il faut tenir compte de cette remarque pour répondre aux besoins des enfants*

Resultater fir d'Schüler bemierkbar maachen.

Mee mir maachen do ganz vill, wat mer kënnen. Ganz vill Saache si genannt ginn. Ech wëll an deem heite Kontext spezifesch nach d'Cours d'accueil fir Leit, déi nei an d'Land kommen, nennen. Wou et pro Site esou Klasse gëtt.

Ech wëll awer och, wa mer vu Chancëgläichheet schwätzen, vun der Inklusioun vun deene schwätzen, déi aner intellektuell oder kierperlech Fäegkeete matbréngen, an dofir awer net sollen aus der Reegelschoul ausgeschloss sinn. Wou méi a méi an déi Richtung geschafft gëtt a wou ech dat nëmmen ënnerstëtzen a bekräftegen, dass een do sou vill wéi méiglech dem Personal och déi néideg Ënnerstëtzung muss ginn, fir dat och kënnen ze bewierkstellegen. Dofir brauch et déi néideg Raim, dat néidegt Ënnerstëtzungspersonal. Wat net ëmmer esou um Terrain ukënnt, och vum Ministère aus, wéi dat um Terrain vläicht gebraucht géif.

Fir dann op aner Elementer ze goen, déi ech hei wëll ervirsträichen, sinn, in der Tat, déi nei Initiative wéi d'Kreativschoul déi scho genannt ginn ass, déi ech och begréissen, nodeems d'Naturschoul an d'Technikschoul wierklech Succèse sinn a Projete sinn, déi een net iwwerall fënnt, awer déi ganz wichteg sinn, complementaire zu der, ech soe mol, méi traditioneller Schoul.

An et freet mech, dass mer am Vëlosberäich ëmmer méi aktiv ginn, eeben och mat deem neie Projet. Ech wollt nofroen, wéi wäit d'Vëlosschoul am Moment Succès huet? Awéiwäit gëtt op déi zréckgegraff? Wéi oft ginn d'Klassen op de Metzkimmert, fir vun där neier Infrastruktur ze profitéieren?

An da wollt ech nach froen: D'international Schoul kënnt jo net an eiser Schoulorganisatioun vir. Wär et méiglech, déi Chifferen awer trotzdeem ze integréieren oder nogeliwwert ze kréien? Well hei an der Schoulorganisatioun gëtt et e Kapitel, wou et drëm geet, wéi vill Schüler net an eis Schoul ginn, déi awer hei zu Déifferdeng wunnen. Et wär am Fong interessant ze wëssen, wéi vill vun deenen awer hei zu Déifferdeng an d'Schoul ginn, just net an d'Déifferdenger Schoul, mee vläicht an d'international Schoul.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass gesot ginn: D'Schoul ännert sech. Ech wéilt derbäi fügen: D'Ongläichheete bleiwen. An enger Gesellschaft a Klassegesellschaft, wou d'Ongläichheeten an de leschte Joren nach gewuess sinn, wär et vermessen ze mengen, an der Schoul géifen d'Ongläichheeten ofhuelen. Et ginn Ustrengunge gemaach vum Léierpersonal, vun anere Pedagogen, fir dat ze maachen.

Mee dee ganze Kader, dee verhënnert dat zum groussen Deel. Besonnesch well mer eng Regierung hunn an en neoliberalen Erzéiungsminister, déi nach derzou bäidroen, dass déi ëffentlech Schoul ëmmer méi fraktionéiert gëtt an et ëmmer manner gläich Bedéngunge fir alleguer d'Kanner gëtt. Ënnert där Entwécklung hu mer och zu Déifferdeng ze leiden, onofhängeg dervun, dass d'Gemeng, de Schäfferot, d'Léierpersonal grouss Ustrengunge maachen, fir an deem Kader, an deem mer eis befannen, de Kanner dat beschtméiglech bäizebréngen, ënnert deenen Ëmstänn, an deene mer sinn.

Jo, et ass onheemlech flott, dass mer eng Naturschoul hunn, dass mer eng Technikschoul hunn, dass mer eng ganz Rëtsch vu pedagogesche Projeten hunn, dass mer elo och nach e Projet kréien, wat ech absolutt begréissen, fir d'Vëloe méi an d'Schoul ze bréngen. Mee dat alles féiert nach ëmmer net derzou, dass mer eng Schoul vu Chancëgläichheet kréien.

D'Schoulmeeschtergewerkschaft SEW huet grad elo an der Coronakris festgestallt, dass d'Opdeelung a kleng Gruppe gehollef huet, méi schwaach Schüler ze ënnerstëtzen, bei allen aneren negativen Auswierkungen, déi et an der Coronakris gouf. An déi Feststellung, déi misst ee sech am Fong zu Häerz huelen, wann d'Schoulmeeschteren dat soen,

dass a méi klenge Gruppe besser geschafft gëtt an een och besonnesch dann op d'Besoine kann agoe vun deene Schülerinnen a Schüler, déi aus lëtzebuergeschen, portugiseschen a kapverdianeschen Aarbechterfamillje kommen, déi sozial benodeelegt sinn.

Ech soen et ganz éierlech, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech zwar, dass mer relativ niddreg Schouleffektiver hunn an och Efforte gemaach hunn, an de leschte Joren, fir dohinzekommen, mee dat geet net duer. Mir sinn der Meenung, dass wa mer haut 160 Schoulmeeschteren a Léierinnen hunn, dass et bal d'Duebelt misst sinn, wa mer wëllen an eng Schoul vu Chancëgerechtegkeet kommen. An dass et vill méi einfach ass, fir all Schüler ze versichen op e méi héijen Niveau ze kréien an dann aktiv derzou bäizedroen, dass d'Ongläichheeten, déi et an der Gesellschaft gëtt, net weider wuessen, mee méi kleng ginn.

Mäi Virriedner huet hei eppes behaapt, dass, wann et stëmmt, ganz schlëmm ass. An ech weess net, ob en dat op eis Gemeng bezunn huet, wann et Schoulmeeschtere gëtt, déi no de Familljennimm froen, fir dann d'Schüler a Gruppen anzedeelen. Da wär dat extreem schlëmm, an da misste mir als Gemengeverwaltung deem nogoen. Well dat ass jo inadmissibel, wann et esou eppes géif an eiser Gemeng ginn.

An de leschte Jore si grouss Ustrengunge gemaach ginn, vun der Gemeng a vum Léierpersonal, fir besser Bedéngungen ze schafe fir d'Schüler. Mee och musse mer eis drun erënneren: Et gëtt nach ëmmer Schüler a Léierpersonal, déi a Container sinn, fir Schoul ze halen. An och dovunner musse mer ewechkommen.

Trotz allen Ustrengungen, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, musse mer weider an déi Richtung goen, fir dat beschtméiglech als Gemeng ze maachen, well mer jo awer net eleng sinn, fir ze decidéieren. Mee well de Staat decidéiert an ech wëll soen, dacks méi schlecht wéi gutt mécht, fir dass mer sollen eng Schoul vun der Chancëgläichheet kréien.

Mir schwätzen hei vun der ëffentlecher Schoul. Mee wat mech och géif interesséieren: Huet de Schäfferot Informatiounen driwwer, wéi vill Prozent vun den Déifferdenger Kanner am Schoulalter an der Tëschenzäit a Privatschoule ginn, déi net méi vun der ëffentlecher Schoul erfaasst ginn a wat fir eng Entwécklung gëtt et do. Ass et tatsächlech esou, dass ëmmer méi Kanner a Privatschoule ginn an ëmmer manner an d'ëffentlech Schoul? Dat si Saachen, déi misst ee kucken.

An dann, wat ech natierlech bedaueren, an do maachen ech elo der Gemeng kee Virworf dermat, mee et gëtt kee Suivi, wat aus de Kanner gëtt, wa se mat der Grondschoul fäerdeg sinn. Wou kommen déi Kanner hin? Kréie se nach eng weider Ausbildung? Lande se an der Aarbechtslosegkeet, wann d'Schoul fäerdeg ass? Oder wat passéiert mat hinnen? Et ass ze bedaueren, dass et grad op nationalem Plang do absolutt kee Suivi gëtt. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass dat gewollt ass, dass et do kee Suivi gëtt. Well een dann och misst Réckschlëss zéien, eeben op d'Qualitéit vun der Schoul. An een och vläicht géif drop kommen, dass d'Ongläichheeten net nëmmen existéieren, mee dass se ëmmer erëm reproduzéiert ginn. Domat sinn ech fäerdeg.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Jo, Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt just preziséieren, dass déi Temoignagen, déi ech genannt hunn, déi zwee elo net vu rezent sinn. An ech hoffen, dass se och net méi esou stattfannen. Quitte, dass et nach relativ rezent ass, dass esou Aussoen zu Lëtzebuerg, in der Tat, gemaach ginn. Awer ech hunn elo keng Temoignagen hei vun Déifferdeng, dass esou Aussoe gemaach ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Ofstëmme vun der Schoulorganisatioun fir 2021.

*d'ouvriers, quelles que soient leurs origines.*
*Pour les communistes, il faut saluer les efforts pour réduire les effectifs, mais cela ne suffit pas. Aujourd'hui, Differdange compte 160 enseignants, mais il en faudrait le double pour mettre en place une école de l'égalité des chances. C'est ce qui permettrait de réduire les inégalités et de renforcer le niveau des élèves.*
*L'orateur précédent a prétendu quelque chose de très grave. Les enseignants formeraient des groupes d'élèves en fonction des noms de famille. L'administration communale doit vérifier la véracité de ces propos et intervenir le cas échéant. C'est inadmissible.*
*Ces dernières années, la commune et les enseignants ont essayé d'améliorer les conditions d'apprentissage des élèves. Mais les conteneurs n'ont toujours pas disparu entièrement.*
*Beaucoup de décisions sont prises par l'État, et souvent, elles ne sont pas bonnes.*
*L'organisation scolaire porte sur l'école publique. Mais le collège échevinal sait-il combien de Differdangeois fréquentent une école privée ? Est-il vrai que de moins en moins d'enfants vont à l'école publique ?*
*Ali Ruckert regrette par ailleurs le manque de suivi des enfants une fois qu'ils quittent l'école fondamentale. Poursuivent-ils leur scolarité ? Deviennent-ils des chômeurs ? Ali Ruckert est convaincu que ce manque de suivi est voulu parce que l'État ne veut pas en tirer les conséquences — c'est-à-dire que les inégalités existent et qu'elles sont reproduites en permanence.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *précise que les témoignages dont il a parlé ne sont pas récents et il espère que les choses ont changé. Il n'a pas non plus de témoignages concernant Differdange.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements d'ordre interne des maisons relais. Elle remercie les écoles, les maisons relais et la direction scolaire pour leur travail au cours des derniers mois.*
*L'un des objectifs principaux est de renforcer la collaboration entre les maisons relais et les écoles. Cette décision s'est révélée correcte dernièrement, lorsque les choses sont devenues sérieuses. Il faudra poursuivre sur cette voie.*
*Les conseillers communaux disposent des règlements d'ordre interne. Christiane Brassel-Rausch ne va revenir que sur les points importants.*
*Les ROI règlent le quotidien des structures d'accueil. Ils fixent les délais d'inscription, les critères pour être accepté en maison relais ou dans une crèche communale, les documents à présenter, la date des congés collectifs… Cela permet aux parents de s'organiser, car les maisons relais sont fermées pendant deux semaines en été.*
*Les ROIS précisent aussi qui doit être informé en cas d'absence de l'enfant. Ils sont mis à jour tous les ans.*
*Parmi les nouveautés de 2021 figure le fait que les inscriptions auront lieu d'abord à Oberkorn et au Woiwer, puis à Differdange, Fousbann, Lasauvage et Niederkorn la semaine suivante. L'année dernière, c'était le contraire.*
*Christiane Brassel-Rausch reviendra sur les inscriptions lors de la prochaine séance. Actuellement, 1487 élèves sont inscrits dans les services d'éducation et d'accueil pour la rentrée 2021. Cela représente environ la moitié des 2800 élèves differdangeois.*
*Le ROI des maisons relais a été adapté en tenant compte des spécificités du Kannerbongert. On a aussi essayé de le rendre plus lisible et accessible.*
*Les ROI ne constituent pas une lecture facile, mais les informations sont importantes. À l'avenir, il faudra le rendre plus digeste pour les parents.*
*Les parents sont informés par écrit qu'ils peuvent consulter les ROI à tout moment sur le site internet de la commune. Ils peuvent aussi l'obtenir en format papier dans les maisons relais.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2020-2021.*

Villmools merci. Da komme mer zum sechste Punkt. Do geet et ëm d'Règlements d'ordre interne des sites vun eise Maison-relaisen. Ech wëll hei am Numm, vu dass mer bei de Maison-relaise sinn, wierklech am Numm vum ganze Gemengerot, mengen ech, kann ech hei schwätzen, all de Leit, sou gutt an de Schoulen, de Büroen, de Maison-relaisen an der Direktioun nach eng Kéier e grousse Merci vun eis alleguer ausdrécken, fir dat, wat se geleescht hunn an deene leschte schwéiere Méint.

Virun allem am Hibléck, wat mer am Februar schonn ugefaangen haten, dat heescht d'Maison-relaisen an d'Schoule pro Site méi no uneneen ze féieren, wat d'Zesummenaarbecht ubelaangt. Dat huet sech wierklech als richteg erwisen, wéi et elo op eemol eescht ginn ass a wéi et op eemol ganz eescht ginn ass. An et ass och genau an deem Sënn, wéi se elo gedenke weiderzefueren.

Zum Règlement d'ordre interne, dem ROI. Dir hutt de kompletten Dossier. Ech gi just op déi wichtegst Saachen an. Natierlech sti mer bei Froen zur Verfügung. Et geet ëm den interne Funktionement, ëm den Deroulement an d'Organisatioun vum Alldag an eise Structure-d'accueilen, eise Maison-relaisen an eise Crèchen.

D'ROIe beschreiwen zum Beispill, wéini d'Aschreiwunge fir d'Vakanze sinn, d'Krittären, déi gekuckt ginn, fir eng Plaz an enger Maison relais oder an enger Crèche vun der Gemeng ze kréien, wat fir eng Dokumenter gefrot ginn, fir e Kand a wat fir enger Struktur anzeschreiwen. D'Datume fir d'Aschreiwunge fir d'nächst Joer sinn dra benannt wéi och d'Datumer vum Congé collectif fir déi nächst dräi Joren. Soudass Eltere sech kënnen organiséieren. Well Der wësst, dass mer zwou Woche Congé collectif am Summer hunn. Et ass dra beschriwwen, wien ze informéieren ass, wann e Kand net ka kommen, Informatiounen, wéini d'Maison-relaisen op sinn, Kontaktdate vun eise Strukturen an esou weider. Déi Dokumenter ginn all Joer nei aktualiséiert an adaptéiert.

Wat huet fir d'Joer 2021 geännert? Den ROI fir d'Maison relais huet geännert, dass d'nächst Joer d'Aschreiwungen an der Maison relais Uewerkuer a Woiwer ufänken. An déi Woch drop sinn déi aner Maison-relaisen, wéi Déifferdeng-Centre, Fousbann, Lasauvage an Nidderkuer drun. Déi lescht zwee Jore war et deen anere Wee. Elo hu sech d'Responsabel fir déi Adaptatioun ausgeschwat. Dat heescht, u sech ännert net ganz vill.

Zu den Aschreiwunge ginn et am nächste Gemengerot méi Detailer, wa mer d'Organisatioun vun eise Strukturen definitiv stoen hunn. E klengen Extrait nach: « Total des enfants scolarisés et enfants non scolarisés – 1.487 enfants sont actuellement inscrits dans une structure des services d'éducation et d'accueil (SEA) de la Ville de Differdange pour la rentrée 2021 ». Wann ee seet, an der Schoul sinn 2.800 Kanner, dann ass, en gros, d'Hallschent dovunner an de Maison-relaisen ageschriwwen.

D'Dokument vun der Maison relais en forêt gouf méi ugepasst un de Corps vun de Maison-relaisen, natierlech op der Grondlag an ënnert der Beréckssiichtegung vum Lieu Kannerbongert an dem Konzept tëschent Schoul a Maison relais.

Et gouf dru geschafft, den Text méi lieserlech a méi accessibel ze maachen. Mir sinn eis an alle Servicer bewosst, dass den ROI eppes weit. En ass schwéierfälleg, et sinn awer absolutt wichteg Informatiounen. Fir d'nächst Rentrée hu mer eis virgeholl, den ROI méi accessibel ze maachen. E gëtt méi liicht verdaulech, méi visuell vläicht, fir dass en d'Elteren net ofschreckt. Mee bon, Informatioune sinn Informatiounen. Mee mir probéieren, an deem Sënn ze schaffen, dass e méi, ënner Gänseféisercher, „verdaulech" gëtt.

Wann d'Leit e Bréif kréie mat der Confirmatioun fir d'Aschreiwungen, kréien se explizitt all déi Informatioune matgedeelt, dass si d'Méiglechkeet hunn, den ROI allzäit kënnen op eisem Internetsite ze consultéieren. Dat ass nei. D'Dokument kann erofgeluede ginn, awer d'Leit kënnen en och a Pabeier-

versioun kréien an de Strukture selwer wéi an der Gemeng. Ee Moment wollte mer op de Wee goen, den ROI nëmmen op den Internetsite ze setzen. Vu dass mer wärend dem Covid gemierkt hunn, dass awer nach vill Kanner en Tablet gebraucht hunn, hu mer geduecht, dass d'Leit sur demande en och a Pabeierversioun kënne kréien. Dat heescht, mir lafen elo zweespuereg, an deem Sënn.

Dat hei ass eng rezent Ergänzung. All Trimester kréien d'Elteren e Certificat de travail gefrot, dee se de Responsabelen an der Struktur ofginn, au début de chaque trimestre. Dat ass elo nei. Mir froen all Trimester e Certificat de travail vun den Elteren. Dir wësst, et gëtt eng Hierarchie an der Admissioun, vu dass mer vill Kanner an der Maison relais hunn, an dass mer zum Beispill d'nächst Joer zu Uewerkuer ganz enk sinn, wat d'Kanner vun der Maison relais ugeet, wéi déi do kënnen ugeholl ginn.

Wat kann ech Iech nach soen? Dass d'Covidzäit d'Relatioun tëschent Elteren a Maison relais, also de Responsabelen, wierklech gestäerkt huet. D'Eltere probéieren, sech anzebréngen. Si kréien en direkte Feedback. An ech géif Iech bieden, dësen ROI ze stëmmen.

D'Madamm Saeul an dann den Här Altmeisch.

#### CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zu de Structures d'accueil an dem Règlement d'ordre interne vun dëse verschiddene Sitten, bleift d'Grondiddi an d'Konzept d'selwecht. Et sinn e puer Modifikatioune gemaach ginn, zum bessere Verständnis. Wou den internen Oflaf méi kloer an einfach gëtt, duerch eng gemeinsam Linn. All d'Dokumenter, fir sech anzeschreiwen, kënne vum Internetsite erofgeluede ginn. An d'Leit kënne sech direkt mat dësen Dokumenter an der Maison relais oder Crèche aschreiwen.

Ech wéilt profitéieren, fir dem ganze Service structures d'accueil wéi dem Schoul- a Kannerservice säitens der DP, a mir och, e grousse Merci soe fir déi Aarbecht, déi der gemaach hutt. Zemools an dëser schwiereger Zäit war dëst en Challenge. Ech soe Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Altmeisch, wannechgelift.

#### GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Dossier kréie mir intern Reglementer vu sechs Maison-relaisen, verdeelt iwwert d'ganz Gemeng, eng Maison relais am Kannerbongert, eng Bëschcrèche am Kannerbongert an e Foyer du Jour Kornascht am Péitenger Wee virgestallt.

Trotz hirer ganz kannerfrëndlecher Opmaachung stelle mir fest, dass d'Texter prezis verständlech sinn an net vill Spillraum fir verschidden Interpretatioune loossen. Wat ëmmer Sënn an Zweck vun esou Dokumenter soll sinn. Et vereinfacht d'Zesummeliewe vun alle Betraffenen. D'Zoustännegkeetsberäicher si kloer duergestallt. Vill Froe ginn am Virfeld beäntwert a vill Ierger bleift erspuert. D'LSAP wëll all deene Leit e grousse Merci soen, déi zu der Redaktioun vun dësen Dokumenter bäigedroen hunn.

Eng Fro zum Schluss: Handelt et sech bei dëser Ausgab ëm eng verbessert oder eng éischt Versioun vun dëse Reglementer? Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

#### GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Am Numm vun deene Grénge wollt ech all de Leit Merci soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Wann een déi lescht Jore kuckt, wou mer den ROI all Joer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, gesäit een, dass Wäert drop geluecht ginn ass, fir den Text méi lisibel ze maachen, wéi Dir gesot hutt, méi licht ze maachen. Dass déi Texter konform si mat alle Gesetzer, mat alle Virstellungen, déi mer hunn, awer och fir d'Leit verständlech sinn, ouni mussen zwee Semester Affekot studéiert ze

*sons relais. En effet, pendant la crise du coronavirus, la commune a constaté que de nombreux enfants ne dispose pas d'outils informatiques chez eux.*
*Tous les trimestres, les parents doivent remettre un certificat de travail au responsable de la maison relais. L'admission est en effet basée sur des critères et l'année prochaine, Oberkorn risque de manquer de places.*
*La crise sanitaire a renforcé les relations entre les parents et les maisons relais. Les parents semblent davantage impliqués et reçoivent un feedback direct.*
*Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers communaux d'approuver les ROI.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que le concept des ROI reste le même. Les modifications permettent de clarifier certains points. Les documents pour s'inscrire sont disponibles en ligne.*
*Christiane Saeul remercie le service des structures d'accueil pour son travail en ces temps difficiles.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que les ROI portent sur six maisons relais, la maison relais du Kannerbongert, la crèche en forêt et le foyer de jour Kornascht.*
*Malgré une mise en page adaptée aux enfants, le texte est précis et laisse peu de place à l'interprétation, ce qui est important pour ce type de documents. Les socialistes remercient tous ceux ayant contribué à la rédaction des documents.*
*Guy Altmeisch demande s'il s'agit d'une première version des ROI ou d'une version améliorée.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *remercie ceux qui ont contribué à la réalisation des documents. Par rapport aux années précédentes, on a essayé de rendre le texte plus lisible et plus facile. Car le texte doit certes être conforme aux lois, mais il doit aussi être compréhensible sans qu'on ait étudié le droit pendant deux ans. Ce n'est pas évident. Georges Liesch pense que les ROI y parviennent d'autant plus que les parties importantes sont colorées et facilement repérables. Il pense que*

*tout le monde devrait pouvoir s'en sortir.*
*Les écologistes saluent le fait que les ROI se trouvent sur internet, mais qu'ils soient aussi disponibles en version papier. Les gens peuvent aussi contacter à tout moment les services compétents s'ils ont des questions.*
*Georges Liesch trouve que les documents sont chouettes. Les écologistes les approuveront.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que le vote porte sur les pièces réglant le fonctionnement des structures d'accueil.*
*Il tient à souligner la mise en page de cette brochure, qui fait plaisir à lire. Christiane Brassel-Rausch a parlé d'ultérieures améliorations, qui la rendront optimale.*
*Les ROI contiennent toutes les informations que les parents doivent connaitre. Jerry Hartung félicite tous ceux qui les ont élaborés.*
*La collaboration entre les écoles et les maisons relais n'est mentionnée qu'au sujet des devoirs à domicile. Or la Ville de Differdange accorde beaucoup d'importance à cette collaboration et a fait des efforts dans ce domaine au cours des derniers mois. C'est pourquoi elle devrait être mentionnée de manière claire dans les documents, ne serait-ce que pour obtenir un accord formel des parents.*
*Lorsque les parents vont chercher leurs enfants, ils doivent se présenter auprès du personnel éducatif de la structure. Ce, à la fois pour que les éducateurs sachent avec qui part l'enfant et pour qu'ils puissent échanger des informations avec les parents. Mais pour le reste, aucune entrevue entre les parents et les éducateurs n'est prévue. Jerry Hartung propose d'en organiser une deux fois par an. Les discussions porteraient sur l'enfant et sur le fonctionnement de la maison relais. En semaine, les enfants passent beaucoup de temps à l'école et en maison relais, mais peu à la maison. Jerry Hartung a calculé qu'ils passent quelque 27 heures à l'école et 27 heures en maison relais. Mais les parents restent responsables de leurs enfants. Il faut donc les informer du mieux possible de la façon dont ils passent leurs journées. Une*

hunn, fir et an der Praxis kënnen ëmzesetzen.

Dat ass e Spagat, deen net ëmmer einfach ass. An ech mengen, dass mer hei en Text virfannen, dee gelongen ass. Zemools, well et faarflech agezeechent ass, wat fir eng Saachen extreem wichteg sinn, wou een direkt drop fält. Soudass ech mengen, mat dëser Broschür, jiddefalls an dëser Form, misst jiddwereen eens ginn.

Mir fannen et gutt, dass se um Internet present ass an op Ufro op Pabeier ka gemaach ginn. Et kann een hei vläicht preziséieren, dass d'Leit och ëmmer bei eise Servicer uruffe kënnen, falls se iergendee Passage net genau verstanen hunn oder wësse wëllen, wat dat elo konkreet heescht. D'Leit kënnen a sollen dann den Telefon an de Grapp huelen an am Service uruffen, fir ze froen, wat dee Passage dann heescht.

Insgesamt ass et e ganz flott Dokument, a mir wäerten dat natierlech stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Har Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, no der Schoulorganisatioun stëmme mer elo d'Pièccen, déi d'Ofleef an eise verschiddene Betreiungsstrukturen detailléiert erklären a reegelen. Och mir mussen déi flott Opmaachung ervirhiewen, déi och fir d'Elteren als Informatiounsbroschür geduecht ass. Déi gutt ass, well et wierklech Freed mécht, se ze kucken, a gutt ze liesen ass. D'Madamm Buergermeeschtesch sot, datt weider wäert dru gefeilt ginn. Soudatt et wierklech en Top-Produkt gëtt.

Quasi alles, wat d'Elteren zur Betreiungsstruktur vun hirem Kand musse wëssen, steet hei dran. Mir felicitéieren all de Leit, déi heiru geschafft hunn, fir dëst Produkt fäerdegzestellen. Ech ginn elo weider net drop an, well dat esou wierklech tipptopp ass.

Eppes ass mer opgefall – ech hunn et just bei den Hausaufgaben ernimmt fonnt an och just heirop bezunn: D'Maison-relaisen an d'Schoule schaffe jo enk zesummen, an d'Personal vun dësen zwou Institutioune solle sech austauschen, am Sënn vun enger ganzheetlecher Prise en charge vum Kand. Dat ass eng gutt Saach, wou ons Gemeng vill wäert drop leet an dofir och vill Aarbecht an de leschte Méint dragestach huet. Datt dës Zesummenaarbecht tëscht Maison-relaisen a Schoule stattfënnt, sollt ee kloer an d'Dokument schreiwen, fir dann och de formellen Accord vun den Elteren heifir ze hunn, vu datt et jo zu engem Austausch vun Date kënnt.

Ofschléissend wëll ech dervu profitéieren, fir eng Ureegung ze ginn, fir sech Gedanken ze maache fir déi nächst Joren. Am Text steet, wann d'Kanner ukommen oder ofgeholl ginn an der Struktur, da mussen d'Eltere sech beim edukative Personal presentéieren. Natierlech, fir datt d'Personal weess, vu wiem d'Kand ofgeholl gëtt. Awer och fir eventuell Informatiounen auszetauschen. Dat ass och gutt esou. Mee u sech ass soss weider keen Elteregespréich virgesinn.

Ech denken, esou ee kadréiert programméiert Elteregespréich, ee- bis zweemol am Joer, iwwer Kanner, déi wierklech vill Zäit an eise Betreiungsstrukture verbréngen, wär eng wichteg Saach. Änlech wéi an der Schoul d'Bilansgespréicher: Kuerz gehalen, duerfir awer déifgrënneg. Natierlech net, fir iwwer schoulesch Saachen ze schwätzen, mee méi maison-relais-spezifesch, also méi iwwert d'Wuelbefanne vum Kand an der Maison relais: seng Entwécklung, d'Erwaardungen, dem Kand seng Autonomie. Wierklech méi de sozioedukative Beräich ofdecken. An natierlech och Froen zum Fonctionement kënnen hei a Rou zesumme gekläert ginn, wann et där nach sollte ginn.

Firwat esou ee systematescht Gespréich? D'Kanner, déi nieft der Schoul och nach vill Stonnen d'Maison relais frequentéieren, sinn d'Woch iwwer wéineg doheem. Verschidde Kanner si ronn 27 Stonnen an der Woch an der Schoul an, plus minus, nach eemol esou vill Zäit an der Maison relais. An de Vakanze si se ganz an der Maison relais. Vu datt dës Kanner esou vill Zäit

an enger Betreiungsstruktur verbréngen, muss et d'Aufgab vun däser professioneller edukativer Struktur sinn, d'Elteren, déi jo responsabel fir d'Kand sinn, beschtméiglech ze informéieren a sech mat hinnen auszetauschen, wat hiert Kand esou am Dag mécht. Ob d'Kand sech wuelfillt oder ob eppes Extraes ass a sou weider. An dat mécht een eeben net am Detail an engem Dier-an-Aangel-Gespréich.

An eise Betreiungsstrukture sinn d'Kanner duerchgeeënd Gruppendynamik an Ufuerderungen ausgesat. Doheem, an zum Deel och an eise Schoulen, gëtt et oft ganz aner Konstellatiounen, zum Beispill d'Unzuel vun de Kanner ass anescht, si si mat Kanner aus aneren Altersgruppen zesummen, et ass méi oder manner Rou. Et kann een net einfach dovunner ausgoen, datt d'Elteren alles ëmmer selwer matkréien.

Et gëtt mëttlerweil en Term, fir dëst ze beschreiwen, et schwätzt ee vun U-Boot-Elteren. Dat bezeechent Elteren, déi am Ufank net matkréien, datt eppes net esou leeft wéi geduecht, wouduerch d'Kand an eng Situatioun kënnt, déi hätt kënnen evitéiert ginn. An dëse munche Fäll kéint esou ee Gespréich dem Kand fréizäiteg hëllefen. Natierlech geet et an de meeschte Fäll de Kanner gutt. Et ass elo net, fir alles schwaarz ze molen.

Mee esou ee Gespréich wier eng Wäertschätzung vum Kand, et géif him a sengen Eltere weisen, datt déi Erwuessen zesummeschaffen a sech Gedanke maachen. Och fir d'Personal wier esou ee Gespréich eng Beräicherung fir hir Aarbecht. Doduerch, datt d'Bezuchspersoun sech e Raster gëtt, mat de verschiddene Punkten, déi eeben an esou engem Gespréich wäerte beschwat ginn, observéiert een als Professionellen all Kand vill méi differenzéiert a passt d'Offer deementspriechend un.

Besonneschen am Konzept vum Weltatelier, dee mer hei zu Déifferdeng hunn, wier dat eng gutt Saach. Dee positive Kontakt, deen doduerch entsteet, schaaft eng méi grouss Wäertschätzung an Akzeptanz vun alle Säite fireneen. Wat jo dem Kand och nees zegutt kënnt.

Wann ee kuckt, wéi vill Zäit vereenzelt Kanner an eise Betreiungsstrukture verbréngen, denken ech, misst et e Recht vum Kand sinn, datt déi Professionell an d'Eltere sech e bëssen Zäit fir esou e wichtegen Echange huelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Dir hutt mer elo e Stéchwuert ginn, Här Hartung, d'Vacances-loisirs si geplangt, d'Vakanzenaktivitéiten. D'Theema dëst Joer ass Schueberfouer a Fouer. Si si geplangt vum 20. Juli bis den 31. Juli. Dat sinn zwou Wochen. Si wäerten op all Site vun de Maison-relaise stattfannen, vu 14 Auer mëttes un. Si si weiderhi gratis. Den Delai vun der Aschreiwung war de 26. Juni. Aktuell si 533 Kanner ageschriwwen. Dat ass net schlecht. An der Bësch-Maison-Relais: 12. An der Maison relais Déifferdeng: 124. An der Maison relais Fousbann: 82. An der Maison relais Nidderkuer: 106. An der Maison relais Uewerkuer: 109. An der Maison relais Woiwer: 100. Dat gëtt en Total vu 533 Kanner.

Nieft den Ekippe vun der Maison relais gi se zousätzlech vun 32 Studente betreit, déi de Brevet A hunn. D'Agrémente sinn ugefrot, fir kënnen an de Schoulsäll ze bleiwen. Dat hänkt vun de Gruppen of. Mer wëlle bei méi klenge Gruppe bleiwen. Mir probéieren, net iwwer zéng Kanner vu Vacances-Loisirs-Gruppen ze kommen. Dat wollt ech Iech nach matdeelen, ier mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements d'ordre interne 2019-2020 pour les différentes structures d'accueil.*

Villmools merci. Da komme mer bei d'Musekssschoul. An ech géif d'Wuert un den Här Mangen weiderginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Organisatioun vun der Musekssschoul fir dat kommend Schouljoer 2020/2021 gestalt sech net einfach, opgrond vun der schwiereger Aschätzung

*telle entrevue n'est pas possible le soir sur le pas de la porte.*
*Les dynamiques de groupe sont différentes selon que les enfants sont à la maison, à l'école ou dans une structure d'accueil. Les parents ne peuvent pas être au courant de tout. On parle alors de parents sous-marins, c'est-à-dire de parents qui ne se rendent pas compte immédiatement d'un problème et ne peuvent pas intervenir à temps pour l'éviter.*
*Bien entendu, la plupart des enfants se portent bien. Mais une entrevue leur montrerait que les adultes s'occupent d'eux. Elle représenterait aussi un enrichissement pour les éducateurs et leur permettrait d'adapter l'offre aux besoins. Ce serait une bonne chose dans le cadre du « Weltatelier » tel que le propose la Ville de Differdange. Jerry Hartung répète que compte tenu du temps passé par les enfants dans les maisons relais, ceux-ci ont le droit à une entrevue entre professionnels et parents.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que les activités pendant les vacances sont programmées. Le thème sera la foire. Elles auront lieu du 20 au 31 juillet dans toutes les maisons relais à partir de 14 h et seront gratuites. Les enfants peuvent s'inscrire jusqu'au 26 juin. Pour le moment, 533 enfants sont inscrits : 12 au Kannerbongert, 124 à Differdange, 82 au Fousbann, 106 à Niederkorn, 109 à Oberkorn et 100 au Woiwer. Ils seront encadrés par l'équipe des maisons relais et 32 étudiants disposant du brevet A.*
*Les groupes ne devraient pas comporter plus de dix enfants.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à l'école de musique et cède la parole à monsieur Mangen.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *constate que l'organisation de l'école de musique 2020-2021 ne sera pas facile à cause de l'évolution de la pandémie de COVID-19. À ces incertitudes s'ajoute le manque de salles dans les locaux.*

*Actuellement, 850 élèves sont encadrés par 35 enseignants. Deux-cents élèves supplémentaires sont issus de la collaboration avec les écoles, le Kornascht, l'EIDE et la crèche en forêt.*
*L'école de musique dispose de locaux dans l'Aalt Stadhaus, dans l'EIDE, au sein de l'Harmonie municipale au Sonotron et dans l'école ménagère. Cette solution n'est pas idéale. Le transport des instruments peut les abimer. Les réparer coute cher.*
*Pour toutes ces raisons, l'offre ne sera pas élargie. Le cours de théâtre sera abandonné pour le moment, car il manque un enseignant adéquat.*
*Les conseillers communaux disposent d'une liste des 37 cours et des enseignants. Le piano reste le cours préféré. Les inscriptions aux cours de trombone, d'euphonium et de mandoline ont augmenté.*
*Les conseillers communaux ont aussi un document reprenant les modifications des enseignants. Certains quittent l'école. Robert Mangen tient à les remercier. Il s'agit de Charlotte Sepulchre, Charlotte Comblain, Chrystel Wautier, Michèle Warnier, Ben Konen, Charlie Theis, Maximillien Jadin, Olivier Sliepen et Antoine Leclercq.*
*Robert Mangen mentionne aussi les nouveaux enseignants : Kim Scheiden, Marlène Naveaux, Chantal Kirsch et Julia Belova.*
*À partir de l'année prochaine, chaque école proposera un cours d'éveil musical. Il est important que les enfants apprennent à faire de la musique. Des études démontrent que cela les rend plus performants à l'école. Robert Mangen remercie le ministère de l'Éducation nationale, qui soutient le projet. Il ne reste plus qu'à trouver les enseignants nécessaires.*
*Robert Mangen remercie aussi le directeur de l'école de musique Rudi de Bouw et ses enseignants, qui ont tenu une partie des cours pendant le confinement sur les supports numériques. Ce n'était pas évident.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que l'école de musique se développe bien. Elle manquera de place bientôt. La COVID-19 représente*

iwwert d'Evolutioun vun der aktueller Sars-Cov-2-Pandemie. Zousätzlech zu dëser Onsécherheet gesellt sech nach dee bekannte Mangel u Raimlechkeete vun onser Museksschoul.

Mir hu bis elo insgesamt 850 Schüler, déi vu 35 Enseignante betreit ginn, déi sech ageschriwwen hunn. 200 Schüler kommen derbäi duerch eng Kollaboratioun mat de Schoulen aus der Gemeng, dem Kornascht, der EIDE an der Bëschcrèche.

Aktuell gëtt ons Museksschoul ofgehalen op ënnerschiddleche Sitten: am Ale Stadhaus, de Raimlechkeete vun der EIDE, dem Lokal vun der Harmonie municipale vun Déifferdeng, deenen ech Merci soe fir hir Ënnerstëtzung, am Sonotron an an der Haushaltungsschoul.

Dëst ass sécherlech keng ideal Léisung, weeder fir déi Persounen, déi betraff sinn, nach fir d'Material, dat benotzt gëtt. Stännegen Transport a keen ideaalt Raumklima kënnen d'Instrumenter beschiedegen. Dat mécht e gewësse Käschtepunkt aus, well déi da reegelméisseg gefléckt musse ginn.

Aus de genannte Grënn bleiwe mir bei onser aktueller dach schonns appreciabeler an diversifizéierter Offer vu Coursen. Ausser de Musektheatercours, dee mer am Moment net kënnen ubidden, well mer nach keen adequaten Enseignant fonnt hunn. Mir sinn nach amgaang ze sichen. Wa mer ee fannen, kënne mer dee Cours weider ubidden.

D'Lëscht vun deene verschiddene Coursen, mat de jeeweilegen Enseignanten, läit Iech vir. Ech wëll elo net extra drop agoen. Zur Informatioun, déi beléiftste Course sinn nach ëmmer d'Instruments à cordes an de Piano. An de leschte Jore gëtt et eng gréisser Demande fir d'Trombonn, den Euphonium an d'Mandolinn. Insgesamt sinn et 37 ënnerschiddlech Fächer, déi mer ubidden.

An Ären Ënnerlage fannt Dir eng Upassung vun den Tâchë vun deene jeeweilegen Enseignanten. Wéi dat all Joer de Fall ass, gëtt et Enseignanten, déi ons verloossen. Ech wäert se kuerz hei ernimmen an hinne Merci soe fir hiren Asaz an onser Museksschoul. Et sinn dat d'Dammen Charlotte Sepulchre, Charlotte Comblain, d'Chrystel Wautier a Michèle Warnier. An d'Häre Ben Konen, Charlie Theis, Maximilien Jadin, Olivier Sliepen an Antoine Leclercq. Ech freeë mech awer och op Enseignanten, déi zou ons stoussen, déi sech gemellt hunn, fir un onser Museksschoul deelzehuelen. Dat sinn dëst Joer nëmmen Dammen: D'Kim Scheiden, d'Marlène Naveaux, d'Chantal Kirsch an d'Julia Belova.

D'Madamm Buergermeeschtesch huet et schonn ugedeit, am Beräich vun de Schoulen, datt mer elo fir déi kommend Rentrée Eveil musical versichen an all onse Schoulen unzebidden. Dat si mer amgaang, op d'Been ze stellen. Et ass wichteg, datt d'Kanner Musek léieren. Dat hëlleft hinnen, spéiderhin an der Schoul méi performant ze ginn. Doriwwer gëtt et Studien. Ech freeë mech, datt mer dat kënnen organiséieren. An ech soen dem Educatiounsministère Merci dofir. Well déi Coursë gi vun him ënnerstëtzt an déi kommen net zu Laaschte vun der Gemeng. Deen eenzege Problem, dee mer am Moment hunn, dat ass ausräichend Léierpersonal ze fannen, fir déi Coursen ofzehalen.

Ech soen dem Direkter vun der Museksschoul, dem Rudi De Bouw an all sengen Enseignanten e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung, grad och, déi se elo ugebueden hunn an dëser Covidzäit, wou d'Coursen deelweis weidergelaf sinn iwwert d'digital Medien. Wat sécherlech bei Musek net esou einfach ass. Ech mengen, si freeë sech all drop, wa mer d'Coursen op déi üblech Aart a Weis erëm kënnen ofhalen dat nächst Joer.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, d'Museksschoul entwéckelt sech am neie Kulturzentrum weiderhi ganz gutt. Den Zoulaf ass grouss.

Raimlech si mer, mir hunn et héieren, un der Limitt. Nieft der raimlecher Limitt sti bekanntlech aner Problemer am Raum. Haaptsächlech aktuell covid-19-bedéngt. An deem Kontext wënsche mer, virun allem, ee Retour à la normale. Dat läit, leider, net an eiser Hand.

Wat den Niveau vun de Klassen an eenzele Schüler ugeet, ass d'Entwécklung ganz positiv. D'Offer vun den enseignéierte Fächer bleift d'selwecht. D'Administratioun gëtt opgestockt. Do komme mer an der Séance non-publique jo nach drop zréck.

Siwen an eng hallef Enseignantsstonne komme bäi am Verglach zum Joer virdrun. Ech profitéieren dervun, allen Enseignanten an der Administratioun Merci ze soe fir d'Engagement a wënschen eng glécklech Hand bei den Aufgaben, déi op se zoukommen.

Merci soe wéilt ech och an dësem Kontext de Leit vun der Bluesschoul, déi nach ëmmer ganz beléift ass. D'Demokratesch Partei stëmmt déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2021 mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir schléissen eis de Mercien un, un all déi Leit, déi un dëser Organisatioun matgeschafft hunn. Et kann een nëmmen ënnersträichen, wat den Här Meisch elo gesot huet. Eis Museksschoul entwéckelt sech ganz gutt. Sou gutt, dass mer effektiv schonn zënter zwee, dräi Joren un de Limitte sinn, wat d'Raimlechkeeten ugeet a wat d'Demanden ugeet vun de Leit.

Dat ass op där enger Säit immens positiv, op där anerer Säit klappt een awer esou Infrastrukturen net aus dem Steen. Fir elo kuerzfristeg do Solutiounen ze fannen, wou een déi Museksschoul, déi elo an engem Gebai doheem ass, erëm ze splécken op méi Sitten, mengen ech, dat sollt ee sech ganz gutt iwwerleeën. Duerfir wär et vläicht méi virsiichteg, emol op deem Site do ze bleiwen an d'Offer esou ze loossen, wéi se am Moment ass.

Noutwendeg gesi mer, mat esou ville Schüler, déi mer am Moment do hunn, a Coursen, déi mer offréieren, dass op administrativer Säit jiddefalls nach muss nogebessert ginn. Dass zousätzlech administrativ Kraaft kënnt, fanne mer absolutt richteg.

Mir wäerten dës Organisatioun vun der Museksschoul stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och vu menger Säit ënnerstëtzen ech dës Schoulorganisatioun. E grousse Merci un d'ganzt Personal, wat sech mat Leidenschaft investéiert, fir de Kanner an den Erwuessenen d'Freed un der Musek ze vermëttelen an d'Kompetenzen, déi et dofir brauch.

Ech wollt froen, ob et weider Perspektive gëtt, wat d'Raim ugeet fir d'Museksschoul. Ob mer den Ausbau an absehbarer Zäit hikréien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleege vum Gemengerot, d'LSAP schléisst sech all deene Wënsch a Felicitatiounen un, souwuel un den Direkter wéi un d'Chargés de cours vun der Museksschoul, déi eng exzellent Aarbecht maachen. Nieft alle Coursen, déi et gëtt an déi ëmmer méi gefrot sinn, gëtt et och de Projet vun dem Eveil musical, dee mir als ganz sënnvoll empfannen. A si frou, dass deen elo zur ganzer Zefriddenheet funktionéiert a wierklech e Plus fir eis Kanner an eis Jugendlech duerstellt.

*aussi un problème. Les démocrates espèrent un retour rapide à la normale.*
*Le développement des classes est positif. L'offre en cours n'évolue pas. L'administration sera renforcée. Il en sera question dans la séance non publique.*
*Le nombre d'heures augmente de sept heures et demie.*
*François Meisch remercie les enseignants et l'administration pour leur engagement et leur souhaite bonne chance. Il signale également que l'École de blues est très appréciée.*
*Les démocrates approuveront l'organisation de l'école de musique 2021.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ne peut que souligner ce qu'a dit monsieur Meisch. L'école de musique se développe bien au point d'avoir atteint ses limites pour ce qui est des locaux. Trouver une solution n'est pas évident. En tout cas, il faut bien réfléchir avant de séparer l'école sur plusieurs sites. En attendant, Georges Liesch propose de ne pas élargir l'offre et de rester dans les locaux actuels.*
*Compte tenu des nombreux cours et des nombreux élèves, il faudra renforcer l'administration.*
*Les écologistes approuveront l'organisation de l'école de musique.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient également l'organisation scolaire. Il remercie le personnel, qui s'investit pour apprendre la musique aux enfants.*
*Il demande au collège échevinal s'il prévoit d'agrandir les locaux prochainement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'associe aux félicitations au directeur et aux chargés de cours de l'école de musique.*
*En plus de tous les cours proposés par l'école de musique, Erny Muller mentionne l'éveil musical, qui offre une plus-value aux enfants et aux jeunes.*
*Le problème des locaux n'est pas nouveau. Il existe deux pistes. La première consiste à agrandir l'école de musique sur son site actuel, à côté de l'Aalt Stadhaus, ou dans l'ancienne école ménagère, dont l'EIDE n'aura bientôt plus besoin.*

*L'alternative consiste à emménager dans l'actuelle maison de soins de Servior. Erny Muller trouve qu'il est temps de se décider. Si la commune opte pour la maison de soins, l'école de musique quitterait complètement ses locaux actuels. Une fois la décision prise, l'école de musique disposerait de nouvelles possibilités dans deux ou trois ans.*
*Erny Muller remercie tous ceux qui s'engagent dans le développement musical dans la commune.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie le directeur Rudi de Bouw ainsi que les enseignants.*
*Le dossier démontre l'engagement du directeur. Il a de bonnes idées. Malheureusement, le manque de place et la COVID-19 l'ont freiné.*
*En ce qui concerne le manque de place, il faut trouver une solution provisoire. Actuellement, l'école utilise notamment le Sonotron et d'autres salles de musique. Il a aussi été question de la maison de soins. Il est important de régler ce problème.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que la maison de soins constitue une solution de plus en plus réaliste. Mais il ne veut pas en dire plus.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *ajoute que dans le reste du pays, les écoles de musique disposent d'un site unique. C'est pourquoi il se réjouit de l'information que vient de fournir monsieur Ulveling. Un ancien bâtiment constitue une bonne solution parce que le climat y est adapté. Les instruments de musique ont besoin d'une certaine humidité qu'on ne trouve pas dans les locaux modernes.*

D'Problematik vun de Raimlechkeeten, dat wësse mer schonn eng Zäit. Et ass jo net nei. Mir mussen do e Wee fannen. Et gëtt zwou Pisten. Eng Pist, déi mer scho virun dräi Joren op d'mannst ugepaakt hunn, méi wéi dräi Joren, dat ass zum Beispill den Ausbau nieft der Museksschoul, nieft deem aktuelle Site, dem Ale Stadhaus. Oder awer der Ancienne Haushaltungsschoul, wou ee kéint higoen.

Vu dass d'EIDE net méi ganz laang op deem Site ass a wäert deemnächst an d'Raimlechkeete vum Lycée provisoire, Primärschoul ënnerkommen, kéint een de Site erweideren an d'Museksschoul-Annex an der Aler Haushaltungsschoul komplett aplangen.

Eng Alternativ kenne mer, dat ass déi vun dem aktuelle Site vun der Maison des soins Servior. Deen och a Fro komm ass. Ech mengen, et wär elo un der Zäit fir ze kucken, wéi ee vun deenen zwee Sitten. An deem Fall géif jo d'ganz Museksschoul do ewechkommen, wou se elo ass an op en neie Site kommen. Ech mengen, et misst een elo decidéieren, wat ee wëllt. An da misst een intensiv doru schaffen. Da wären an zwee bis dräi Joren nei Méiglechkeeten, nei Perspektiven do.

Nach eng Kéier: Alleguer deene merci, déi sech fir d'musikalesch Entwécklung an eiser Gemeng esou staark engagéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV soen ech fir d'éischt emol dem Här Direkter, dem Rudi De Bouw a senge Professere Merci fir hir exzellent Aarbecht.

Wann ee sech den Dossier genau ukuckt, gesäit een direkt dat grousst Engagement vun eisem Direkter. Hien huet vill gutt Iddien a Projeten. Leider gouf hien dëst Joer duerch de Covid-19, awer och duerch de Plazmangel gebremst.

Zum Plazmangel: Hei soll ee kucken, weider provisoresch Auswäichméiglechkeeten ze fanne fir d'Museksschoul. Et sinn der jo schonn do. De Sonotron an déi besteeënd Musekssäll an der Gemeng.

Et wär awer gutt, nach weider no enger anerer Plaz ze sichen, dass mer de Problem vun der Plaz geléist kréien. Ee Moment koum d'Fleegeheim oder dat aalt Déifferdenger Spidol zur Sprooch. Et ass wichteg, dass mer dëse Problem geléist kréien.

Mir stëmmen dës provisoresch Organisatioun vun der Museksschoul mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Tempels. Den Här Ulveling wëll eppes soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zum Standuert. Et gëtt ëmmer méi realistesch, dass een dat kann am ale Fleegeheim plangen. Méi wëll ech nach net soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Mangen wëll och nach eppes soen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Dat freet mech, d'Evolutioun vun der Museksschoul, wou mer se kënnen ofhalen. Wann een all d'Gemengen duerch d'Land kuckt, jiddwereen huet eng Museksschoul, wou alles op enger Plaz ass. Dat ass ganz sënnvoll. Et freet mech, wa mer op dee Wee kéinte goen, wat den Här Ulveling do ugesprach huet, wa mer do kéinten higoen. En aalt Gebai huet den Avantage, dat hat ech schonn d'leschte Kéier gesot, wouriwwer vill Museksschoulen neidesch op ons wären, well dat si Gebailechkeeten, déi e gutt Raumklima hunn. Et muss eng gewësse Fiichtegkeet fir d'Instru-

menter do sinn, déi et an deene moderne Raimlechkeeten net gëtt .

An hei hätte mer dat op jidde Fall eleng schonn duerch déi al Maueren. Ech mengen, mer mussen driwwer diskutéieren, wat mer nach alles kéinte maachen. Mir kéinten do och d'Museksveräiner ënnerbréngen, en Deel vu Kulturveräiner a wat den Här De Bouw och eventuell virhuet, och Theatercoursen unzebidden. Wat mer elo net kënne maachen. Et géif méi eng breet Offer, wa mer déi Raimlechkeeten hätten.

All Ureegung, déi Der hutt, ass wëllkomm. Jiddwereen am Gemengerot soll sech kënnen dru bedeelegen. D'Dieren, déi stinn op. Ech hoffen, datt mer an den nächste Joren eng vernënfteg Léisung fannen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Da komme mer zum Vott, wann ech richteg gesinn.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire pour l'année scolaire 2020-2021.*

Villmools merci. Punkt 8: Actes et conventions. Fir den 8a géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et geet hei ëm en Avenant zu engem Vertrag, eng Konventioun, déi d'Gemeng mat LuxEnergie huet, wéi ech virdru gesot hat, fir déi Chaufferie an de Woiwerwisen, am Quartier+. Et kënnt zäitno zum éischte Kontrakt, dee mer schonn hei haten, deen éischten Avenant.

Et ass esou, dass et e puer kleng Ännerungen, oder gréisser Ännerunge souguer, gëtt. Eng ass emol d'Bauweis vum Gebai. Et gëtt hei e Modulbau proposéiert. Dat ass ekonomesch méi interessant. An d'Finitioune si ganz héichwäerteg. Et handelt sech an dësem Fall ëm en Holzbardage anstatt Blech, souzesoen. D'Bauzäit gëtt reduzéiert, wouduerch mir am PAP méi schnell weiderkommen an d'Servior méi schnell Hëtzt geliwwert kritt. Duerch de Modulbau ass de Leeschtungspräis no ënne revidéiert ginn. Dat ass doduerch, well den Invest méi kleng ass, duerch déi modulbauweis, déi Plug and heat heescht.

Dat Ganzt fënnt um Terrain vun der Gemeng Déifferdeng statt. Et ass LuxEnergie, déi déi Pelletschaudière installéiert a bedreift op 30 Joren. No deenen 30 Jore kënnt den Invest zréck a Gemengenhand, an da kann nei gekuckt ginn, wat domadder soll gemaach ginn.

Vläicht nach ze preziséieren, dass um Daach vun dësem Modulbau wäert kënnen e Gréngdaach installéiert ginn. An och Photovoltaik. Dat begréisse mer natierlech. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, op siwe Säite kréie mir den Avenant Nr. 1 betreffend d'Modifikatioune vun der Konventioun zwëschent der Firma LuxEnergie an der Gemeng virgestallt. Et ass schwéier, Modifikatiounen ze erkennen, wann d'Originalkonventioun net virläit.

Punkt 2 a Punkt 3 vum Avenant behandelen de Bezuelmodus. Wat eng wichteg Saach ass. Hei geet rieds, dass ab dem Oktober 2021 Servior an d'Woiwer Schoul vun der Zentralheizung versuergt ginn. Eng gutt Saach.

An da gëtt et ganz batter. Wann den 1. Oktober 2024, also dräi Joren duerno, déi fënnef Residenzen, déi virgesi sinn, laut Plang, dee bäiläit, net un d'Zentral ugeschloss sinn, iwwerhëlt d'Gemeng de finanziellen Ausfall vun der Firma. Vill Froen dränge sech op. Et ass nach kee PAP ugefrot fir dëse Projet

*Robert Mangen propose d'en discuter. Les locaux pourraient aussi accueillir les clubs de musique, une partie des associations culturelles et pourquoi pas les cours de théâtre que souhaite monsieur De Bouw.*
*Robert Mangen invite les conseillers communaux à donner leurs avis. Il espère que l'on trouvera une bonne solution dans les années à venir.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 8, les actes et conventions et cède la parole à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'une convention entre la commune et Luxenergie pour la chaufferie du Quartier + dans les Woiwerwisen. Plusieurs modifications ont été apportées au premier contrat.*
*Il est désormais question d'une construction en modules, qui est plus économique et plus intéressante. Les finitions sont de bonne qualité. Le bardage est en bois. Le temps de construction est réduit.*
*La construction en modules « plug & play » permet de revoir le prix à la baisse.*
*Le terrain appartient à la Ville de Differdange. Luxenergie exploitera la chaudière à pellets pendant trente ans. Ensuite, elle deviendra la propriété de la commune, qui décidera quoi en faire.*
*Un toit végétal et des panneaux photovoltaïques pourront être installés sur le bâtiment.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que les conseillers communaux disposent de l'avenant 1 à la convention avec Luxenergie. Le document fait sept pages et il est difficile de reconnaitre les modifications.*
*Les points 2 et 3 concernent le mode de paiement.*
*À partir d'octobre 2021, Servior et l'école du Woiwer seront raccordés au chauffage central. Si en octobre 2024, les cinq résidences ne sont pas raccordées à la centrale, la Ville de Differdange compensera les pertes de l'entreprise — aux frais du contribuable. Or il n'existe pas encore de PAP pour les résidences*

*et rien ne prouve qu'elles seront construites.*
*La page 6 du document stipule que l'avenant 2 est entré en vigueur le 1er mai 2020. Or le collège échevinal vient de présenter l'avenant 1. Guy Altmeisch attend avec impatience les explications du collège échevinal.*
*Dans ces conditions, les socialistes n'approuveront pas l'avenant.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve la technologie derrière la construction en modules très innovante. Les prix pour le chauffage sont revus fortement à la baisse. En plus, le cas échéant, un conteneur supplémentaire pourra être aménagé. Cela signifie que la puissance pourra être adaptée au site progressivement. La Ville de Differdange n'aura donc pas besoin d'investir dans des infrastructures dont elle ne sait pas si elle en aura besoin.*
*Georges Liesch s'est étonné de devoir approuver un avenant aussi rapidement après le vote du contrat initial. Mais cet avenant est important.*
*En ce qui concerne la remarque de monsieur Altmeisch, elle aurait pu être faite la dernière fois aussi, car l'avenant contenait les mêmes informations. Il faut s'assurer que la puissance installée sera utilisée. Autrement, les pertes devront être compensées. La dernière fois, le collège échevinal avait expliqué que les projets étaient en train d'être élaborés et que le calendrier était réaliste. C'est en tout cas ce que Georges Liesch avait compris.*
*Le conseiller communal propose de mettre en place un système similaire dans d'autres projets — par exemple dans la nouvelle école d'Oberkorn ou au Mathendahl, mais dans ce dernier cas, il est probablement trop tard.*
*(Vote)*

vun deenen dräi Residenzen. Haut besteet keng Garantie, dass dëse Projet gebaut gëtt. D'Garantie mat dësem Avenant awer, dass d'Gemeng de finanziellen Ausfall iwwerhëlt, zu Laaschte vun de Bierger.

Am Punkt 3 op der Säit 6 steet, dass den Avenant Nr. 2 ab 1. Mee 2020 a Kraaft trëtt an integréiert ass am Basiskontrakt vum 10. Mäerz 2008. Am Gemengerot kréie mir den Avenant Nr 1 virgestallt. Do klappt awer eppes net. Ech waarden op Är Explikatiounen. Ënnert deenen heite Konditioune kënne mir deen Avenant net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir begréissen d'Iddi vun dësem Projet hei. Ech hu mer dat ugekuckt op hirem Site, déi Technologie, déi se benotzen. Plug and heat ass, wéi d'Madamm Pregno gesot huet, effektiv ganz innovativ. Modulbau huet verschidde Virdeeler. Een, dee mer direkt mierken, an ass de Grond jo fir dësen Avenant, nämlech, dass d'Präisser fir d'Heizkäschten, dat heescht fir alles, wat do ugeschloss wäert ginn, no ënne revidéiert ginn, well d'Fixkäschte vun dëser Installatioun e gutt Stéck méi niddreg sinn.

Zweete Virdeel, deen een elo net direkt erkennt, mee, wann ee sech dat op hirem Site ugekuckt huet, ass, déi Modulbauweis erlaabt, bei Besoin, nach e Container bäizesetzen. Dat heescht d'Leeschtung modular eropzesetzen, wéi de Besoin vun deem ganze Site et da wäert erginn. Dat ass e ganz grousse Virdeel. Dat heescht et investéiert een net an eppes, wou een herno net weess, ob een et wierklech brauch. Et ass net iwwerdimensionéiert, net ënnerdimensionéiert, mee et kann ugepasst ginn, selon les besoins.

Den Avenant, dee mer hei virleien hunn – effektiv, wéi ech e gelies hunn, duecht ech: Kréie mer elo schonn en Avenant? Well den éischte Kontrakt, dee mer mat hinne gemaach hunn, hate mer jo eréischt kierzlech hei am Gemengerot. Dat ass nach guer net esou laang hier. Mee wann ee liest, ëm wat et hei geet, dann ass et awer ganz berechtegt, dass mer dësen Avenant stëmmen.

Ech wëll just bemierken, wat den Här Altmeisch elo grad gesot huet, hätt en dann och kéinten déi leschte Kéier am Gemengerot soen. Well dat stoung genau esou an deem aneren Avenant, deen ee jo op eiser Diffcloud erëmfënnt, wou een dat kann noliesen. Dat war och deemools schonn dran, dass ee sech d'Garantie ginn huet, dass een eng Leeschtung installéiert, wou een natierlech och muss wëssen, dass déi Leeschtung herno gebraucht gëtt respektiv e finanziellen Ausgläich muss stattfannen, falls dat net esou sollt sinn.

Also wann ech mech erënneren, war deemools och schonn am Gemengerot déi Fro gestallt ginn, mat der Äntwert, dass déi Projeten ënnerwee wären, an dass deen Timing realistesch ass, deen och mat eise Servicer deemools ausgeschafft gouf. Dass een natierlech net dohinnerkënnt, dass mer herno do eppes bezuelen, wat mer guer net gebrauchen. Dat ass mäin Informatiounsstand vun deem Gemengerot, wou mer hei de Kontrakt gestëmmt hunn.

Insgesamt jiddefalls ganz innovativ dat heiten. Eng Pist, déi ee vläicht kéint nach weiderentwéckelen a weidergoen, fir esou e System op anere Plazen, wou et sech ubitt, och kéint maachen. Ech denken do un Uewerkuer, wa mer déi nei Schoul bauen, wär et vläicht eng Iddi, fir dorobber ze goen. Respektiv zu Nidderkuer am Mathendahl – woubäi, do mengen ech ass den Zuch warscheinlech scho fort, fir dat nach ze maachen. Jiddefalls wäerte mer dat heite matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da gi mer zum Vott iwwer.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 voix non d'approuver le premier avenant à la convention du réseau de chauffage urbain Woiwerwisen à Oberkorn avec la société LuxEnergie SA:*

Da komme mer zu Actes et conventions, Punkt 8b, Contrat de bail pour un local commercial, zone piétonne à Differdange. Dat ass dee klenge Schloff niewent der aler Apdikt Malané. An d'Maison Guisch, wat mer jo kaf hunn. Et geet ëm e Kontrakt, dee scho leeft zënter dem 1. Mee.

Ech wëll Iech op eng Erreur matérielle hiweisen. Säit 2 steet: « Le loyer mensuel est fixé à 750 euros TTC par mois ». Wat och stëmmt. « Soit un loyer annuel de 9.000 euros TTC ». Wat och stëmmt. Par contre steet a Klammeren: « dix mille huit cents euros ». Ech weess net, wou déi Zuel do hierkënnt. Dat heescht, do maache mer en « neuf mille euros » draus. Ech wëll Iech just dorobber opmierksam maachen. Dat ass mer leider net éischter opgefall.

Aus deem Espace sollt e Pop-Up-Store ginn. Et war geplangt, mam 1535° Eventer ze maachen. Déi, wéi Der wësst, wéi villes net stattfonnt hunn. D'Zil ass, am Oktober eppes ze maachen, e klengt Event, vläicht e klenge Concert, wann d'Situatioun et zouléisst. Ech géif Iech bieden, dëse Contrat de bail ze stëmmen.

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Hei lount d'Gemeng Déifferdeng e weidert Geschäftslokal en vue, fir dëst un en Exploitant, Commerçant oder Artisan zu engem räsonabele Loyer weiderzeverlounen an esou den Zentrum ze beliewen. Interessant ass, dass d'Geschäftslokal ëm den Eck, déi fréier Couture Guisch, virun enger Zäit vun der Gemeng opkaf ginn ass. Dëst ass wuel eng Drëps op e waarme Steen. Mir brauchen awer e Blëtz.

Pop-Up-Store, e Versuch. Keng ideal Léisung. Esou d'Erfarung vun anere Gemengen aus dem Süden. Alles Neies brauch seng Zäit, fir sech duerchzesetzen. Mee d'Zäit ass knapp, vu dass an der nächster Zukunft e puer weider gréisser Etablissementer aus dem Zentrum hire Site op de Funiculaire verleeën. D'Suite fir den Zentrum wär, dass mer eis vläicht net méi brauchen iwwer Parkplazproblemer ze bekloen, vu dass vill fräi Parkplazen do sinn, fir manner Clienten.

De 1535° Creative Hub mam Zentrum ze verbannen, wär wuel eng gutt Iddi. An d'Iddi war eis och nach komm, wa mer eis beschäftege géife mam Loisir a mat der Fräizäit vun de Leit. Fir vläicht dorobber anzegoen, well dëst nei wär. Am Laf vum Joer hat d'Gemeng e City-Manager engagéiert an e Comité d'accompagnement économique gegrënnt. Dëst en vue, fir den Zentrum nei ze gestalten, am Respekt natierlech vum bestoendem Artisanat a Commerce.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Dee läit mer um Häerz.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, gläich, ënnert dem Punkt 8e, stëmme mer, wéi u sech all Sëtzung, nees nei Contrats de bail am 1535°. Dës Kéier, wéi och schonns an der Vergaangenheet, si Pop-Up-Storen dobäi, deenen hire Geschäftsmodell jo gutt schéngt ze fonctionéieren. Ënner anerem gesäit een dëst, andeems se aus dem 1535° ëmzéien, fir sech ze vergréisseren.

Hei war d'Iddi an der Commission d'activité économique, fir verschidde vun hinnen ofwiesselend iwwer eng ge-

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail pour un local commercial dans la zone piétonne de Differdange entre l'ancienne pharmacie Malané et la maison Giersch.*
*La bourgmestre signale une erreur matérielle à la page 2. Il y est question d'un loyer mensuel de 750 € TTC par mois, soit 9000 € par an TTC. Mais entre parenthèses, il est écrit 10 800 €. Christiane Brassel-Rausch ne l'avait pas remarqué avant.*
*Le local deviendra un « popup store » où tenir des évènements pour le 1535°. Il devrait être lancé en octobre avec un petit concert.*
*Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver le contrat.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que la Ville de Differdange loue un local de commerce pour le sous-louer ensuite à un commerçant à un prix attractif. Elle rappelle que la commune a également acheté le local qui fait le coin.*
*Un « popup store » constitue une solution intéressante, mais pas idéale. Les nouveautés ont besoin de temps, mais celui-ci manque. Plusieurs grands établissements vont en effet emménager prochainement sur le plateau du Funiculaire. L'avantage, c'est qu'il ne sera plus nécessaire de discuter de problèmes de stationnement par manque de clients.*
*Parmi les idées figure celle de relier le 1535° au centre-ville.*
*La Ville de Differdange a également recruté un city manager et créé un comité d'accompagnement économique dans le but de moderniser le centre-ville dans le respect des commerces et des artisans existants.*
*Les démocrates approuveront ce point, qui tient à cœur de Christiane Saeul.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que le conseil communal approuve des contrats de bail pour le 1535° pratiquement chaque séance. Cette fois-ci, il est question d'un « popup store » et ce n'est pas la première fois.*
*Certaines entreprises du 1535 déménagent pour s'agrandir.*

*Dans ce cas-ci, elles peuvent proposer leurs services dans le centre-ville pour une période de trois mois environ. C'est un enrichissement pour le centre et cela permet aussi de voir si les entreprises en question fonctionnent bien. Peut-être pourront-elles s'installer ensuite à Differdange, non loin du 1535°.*
*Les chrétiens sociaux approuveront ce projet avec enthousiasme.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse d'avoir interrompu monsieur Hartung. Elle passe au vote.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au troisième avenant du contrat de bail avec la brasserie de l'Aalt Stadhaus. La société louant les locaux s'appelle KAFA SARL. Elle deviendra Amado SARL, mais le gérant reste le même.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8d et cède la parole à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit de deux conventions dans la rue Belair au numéro 5 et au numéro 7. Une SARL et un particulier cèdent deux parcelles de 31 m² et de 32 m² à la Ville de Differdange. Ces cessions gratuites permettront de réaménager la rue Belair.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno répond que les choses ont été gérées différemment dans ce cas-ci.*
*(Interruption)*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *demande si une date a déjà été fixée pour le réaménagement de Belair.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'une entreprise avait remporté l'appel d'offres en proposant un projet coutant un-million d'euros de moins que le second. Mais ils semblent avoir remarqué ensuite qu'ils avaient commis une erreur dans le devis.*

wëssen Zäit – ugeduecht ëm déi dräi Méint, jee no Situatioun – d'Méiglechkeet ze ginn, am Zentrum vun Déifferdeng hir Servicer unzebidden, fir sech ze testen. A begleet, wéi d'Madamm Buergermeeschter scho sot, vun Eventer.

Zum engen ass dat eng Beräicherung fir eisen Zentrum. Zum aneren ass et, fir ze kucken, ob déi eng oder aner kleng Entreprise, déi souzesoen hei zu Déifferdeng gebuer an opgewuess ass, gutt leeft. An der Hoffnung, datt se sech vläicht an engem anere Geschäftslokal hei zu Déifferdeng, net wäit vum 1535°, fest installéiere kéinten. Dat ass emol d'Iddi, fir dëst Lokal ze lounen. Soudatt all ee bis dräi Méint en anere Pop-Up-Store hei eng Vitrinn kritt.

Mir stëmmen dëse Projet mat voller Iwwerzeegung mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung do ass, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'l'unanimité d'approuver le contrat de bail pour un local commercial situé dans la zone piétonne à Differdange.*

Da soen ech Iech villmools Merci. Am nächste Punkt geet et ëm en troisième avenant au contrat de bail de la brasserie/restaurant Aalt Stadhaus à Differdange. Wéi Der gesinn oder gelies hutt, ännert d'Gesellschaft. Am Moment lount KAFA SARL de Café am Ale Stadhaus. Duerno, dat heescht, nodeem mer den Avenant ugeholl hunn, géif Amado SARL-S d'Lokalitéit lounen. Awer de Gerant géif deen nämmlechte bleiwen.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le trosième avenant au contrat de bail de la brasserie-restaurant située à l'Aalt Stadhaus à Differdange.*

Merci. Fir den 8d géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Et geet hei ëm zwou Konventiounen, allen zwou an der Rue Belair, eng Kéier op Nr. 5 an eng Kéier op Nr. 7, wou eng Kéier eng SARL an eng Kéier Privatleit zwou Parzelle vun eng Kéier 31 m² an eng Kéier 32 m² gratis der Gemeng cedéieren. Mir brauchen déi, fir de Reamenagement vun der Rue Belair. Mir si ganz frou, dass mer déi gratis recuperéieren, fir gläich mat den Aarbechte kënnen unzefänken. Ech bieden Iech, dat matzestëmmen.

**ENG STËMM:**

Do sinn d'Leit méi asiichteg wéi um Wangert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass och vläicht anescht ugepaakt ginn. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Eng kleng Fro dozou: Besteet schonn en Datum, vu d'Kris an net méi sou finanzielle Moyene spéiderhin, wéini de Belair géif reamenagéiert ginn?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat gouf jo ausgeschriwwen. Den Zouschlag goung un eng Firma, déi gewonnen hat. Déi haten e Präis ofginn, deen iwwer eng Millioun méi bëlleg war wéi deen zweeten. A wéi et drëms gaangen

ass, de Pabeier ofzeginn, fir den Zouschlag ze kréien, hate se dat net gemaach. Well se warscheinlech gesinn haten, dass se e Feeler gemaach hunn an hirer Rechnung. Du wollte se en dann net hunn. Dunn ass et erëm zréck an d'Kommissioun gaangen an hat erëm mussen nei ausgeschriwwe ginn. Den Zouschlag ass elo, mengen ech, déi lescht Woch ongeféier gemaach ginn, soudass et geschwë wäert kënne lassgoen.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt d'Aarbechten am Belair uginn, gëtt jo elo Zäit. Dat ass eppes, wou mer scho laang dru wurschtelen. Meng Fro betrëfft d'Beem, déi sollen do erauskommen. Ob do geduecht ass – mer haten eng Kéier d'Diskussioun, wat do soll amplaz gesat gi vun deene Kiischtebeem. Dat ass eng vun deene schéinste Stroossen, déi mer an eiser Stad hunn, wa se d'Fréijoer an der Bléi sinn. Do sollt jo gekuckt gi vun eisem Bamspezialist, wat do sollt dohinnerkommen.

A mir hunn ee Projet ëmmer op d'laang Bänk gedréckt, deen et awer elo bal net méi packt, dat ass d'Strooss bis bei den Déifferdenger Kierfecht. Well mer dat wollten zesumme maachen. Mee wann ee muss do fueren, wa Begriefnisser sinn, do geet een all Kéiers mam Kapp un de Plaffong.

Also et gëtt awer elo wierklech Zäit, datt déi gemaach gëtt. Well dat ass kee schéint Bild fir eis Stad, wann ee muss op de Kierfecht fueren. Dat kritt een och iwwerall ëmmer gesot. Da seet een de Leit ëmmer: „Dat gëtt zesumme gemaach. Do ass e Projet amgaang“. An deen huet schonn ee Joer Retard. Dat misst awer elo relativ schnell goen. Well do sinn …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et war net eis Schold.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

… d'Lächer esou déif, datt een, wann ee keng Jeep huet, da wierklech Problemer huet, fir do ze fueren. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Keng aner Wuertmeldung? Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les conventions liés au réaménagement de la rue Belair à Differdange.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Bertinelli huet elo gesot, en hätt keng Äntwert kritt. Ech hat gemengt, ech hätt déi d'leschte Kéier schonns am Gemengerot beäntwert. Et ass net eise Feeler. Ech hunn dat jo virdrun expliziéiert, firwat et e bësse méi laang gedauert huet. D'Soumissioun hat mussen nei gemaach ginn.

Mat de Beem, do hu mer e ganze Katalog kritt vun eisem Bamexpert. Mir krute vun der Verwaltung verbueden, keng einheimesch Beem dohinnerzesetzen. An déi japanesch Kiischtebeem, dat ware keng einheimesch. Soudass mer Beem erausgesicht hunn, déi plus ou moins d'selwecht ausgesinn an hirer Bléi, mee awer net déi selwecht Beem si wéi déi, déi do waren.

A mir sinn och op de Wee gaangen, fir verschidden Zorte vu Beem ze setzen. Well wann ee Bam eng Kéier eng Krankheet kréie géif, dann hätt déi ganz Strooss eng Krankheet. Dofir hu mer eis iwwerzeege gelooss vun eisem Bamexpert fir Îlote mat verschiddene Beem. Awer an där selwechter Bléiefaarf. Fir wann eng Kéier eng Krankheet drukënnt, dass net déi ganz Strooss betraff ass. D'Faarf, déi mer er-

*Le projet est retourné auprès de la commission avant qu'une nouvelle soumission ne soit lancée. Les travaux devraient commencer bientôt.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale qu'il était temps que les travaux commencent, car la commune bricole depuis longtemps sur ce projet. Il voudrait savoir quels arbres remplaceront les cerisiers qui seront enlevés. Car il s'agit d'une des rues les plus belles de la ville — surtout au printemps. Le spécialiste des arbres devait proposer une solution.*
*Le collège échevinal a repoussé sans cesse ce projet parce qu'il voulait le réaliser en une fois jusqu'au cimetière de Differdange. Mais quand on roule jusqu'au cimetière, on se cogne systématiquement la tête contre le plafond. Il faut vraiment réparer la chaussée. Le projet a pris un an de retard.*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste. Ce n'est pas la faute de la Ville de Differdange.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète que les trous sont tellement profonds que sans jeep, on arrive à peine à circuler.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur les propos de monsieur Bertinelli. Le collège échevinal n'est pas responsable du retard. Tom Ulveling l'a déjà expliqué la dernière fois. Il a fallu répéter l'appel d'offres.*
*Pour ce qui est des arbres, le spécialiste des arbres a remis un catalogue au collège échevinal. L'Administration impose des arbres autochtones, ce qui exclut les cerisiers japonais. Le collège échevinal a choisi des arbres comparables. Deux essences seront plantées pour éviter que tous ne tombent malades en cas de maladie.*
*Pour qui est de la couleur…*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *interrompt monsieur Ulveling pour lui dire qu'ils seront roses.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se réjouit.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*précise que les essences fleurissent à des moments différents.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*rappelle que la commission de l'environnement a traité ce dossier deux fois. Il a été question des arbres, mais les représentants socialistes n'étaient pas là – peut-être à cause de la COVID-19.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe aux contrats de bail du 1535°. Elle demande s'ils peuvent être approuvés en bloc.*
*Madame Julie Wagner demande un espace plus grand à partir du 1er juin 2020.*
*Quant à Esch 2022 ASBL, ils demandent un espace supplémentaire, car ils ont besoin de plus de temps pour emménager à Belval.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'ils ont aussi plus de collaborateurs.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*confirme les propos de monsieur Ulveling. Elle ajoute qu'ils disposent d'un local supplémentaire de 95,5 m² depuis aujourd'hui.*
*Madame Kimberly Doerfel a obtenu un espace de 23 m² dans le bâtiment A pour sa société Zoé Muse. Son contrat a démarré le 1er juin 2020. Madame Kimberly Doerfel fait partie des finalistes de « Success Story ».*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch rappelle que le vainqueur de « Success Story » obtient un espace dans le 1535°.*
*Elle passe à Wady Films de monsieur Adolf El Assal. Le contrat entrera en vigueur le 1er septembre en raison du confinement.*
*Madame Carole Wilmet a signé son contrat de bail le 17 juin 2020 pour un espace dans le bâtiment A.*
*Actuellement, il reste trois espaces libres. Le comité de sélection s'est réuni le 25 juin pour traiter cinq dossiers.*
*(Votes)*

ausgesicht hunn, ass Rosa. Vun de Bléien.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Schéin.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A si bléien zu verschiddenen Zäiten.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Schwachtgen wëll nach do undocken.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Als kuerze Complement derzou. Mer haten deen Dossier elo zweemol an der Ëmweltkommissioun. A mer hunn och iwwert déi Beem geschwat. Mer hu se och gekuckt. Et war net jiddwereen ëmmer do an der Ëmweltkommissioun, och Äre Vertrieder oder Är Vertrieder waren net do, covid-bedéngt, oder ech weess net. Mee leider ass dat eeben an dësen Zäiten dann esou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da komme mer zum nächste Punkt, Actes et conventions, Contrats de bail, Avenant concernant Espace am 1535°. Do geet et ëm e puer Lokatiounen. Eng Fro: Stëmme mer en bloc of? Okay.

D'Madamm Julie Wagener, déi zanter dem 1. Februar 2015 Locataire am 1535° ass, huet ugefrot, fir méi ee groussen Espace ze kréien. Dofir en Avenant fir den Espace am C-Gebai op den 1. Juni 2020.

Esch 2022 ASBL, déi zanter dem 1. Mee 2019 Locataire am 1535° ass, déi hunn en zousätzlechen Espace ugefrot, vu dass hiert Plënneren op de Belval sech nach e bëssen hinzitt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Si hu méi Leit.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An si hunn och méi Leit, jo. A si géifen ab dem 1. Juli, dat heescht ab haut, en Espace vu 95,5 m² derbäikréien, genau vis-à-vis vun hirem aktuellen Espace am Gebai A.

Da komme mer bei d'Madamm Kimberly Doerfel, mat hirer Firma Zoé Muse, ënnert de Finalisten aus der Success Story, déi fir ee Joer en Espace vun 23 m² vun der Gemeng Déifferdeng zur Verfügung gestallt kritt am Gebai A. De Kontrakt ass op den 1. Juni 2020 ausgestallt. Do wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, wat Der an Ärem Dossier hutt. Vu dass d'Madamm Kimberly Doerfel Finalistin ass vum RTL, ass kee Rapport de sélection do. Et war ofgemaach, dass deen, deen do gewënnt, dee kritt en Espace. Just fir dat kloerzestellen.

Dann hu mer Wady Films vum Här Adolf El Assal. Déi hunn e Contrat de bail ënnerschriwwen, deen allerdéngs wéinst dem Confinement eréischt ab dem 1. September 2020 uleeft. An d'Madamm Carole Wilmet huet de 17. Juni 2020 e Contrat de bail ënnerschriwwe fir en Espace am A-Gebai. An dee Kontrakt géif och ab haut lafen.

Als weider Informatioun: Am Moment sinn nach just dräi Espacë fräi. Den nächste Comité de sélection, mat fënnef Dossieren, war de 25. Juni zesummekomm. Méi kann ech Iech elo dozou net soen. A wa keng Wuertmeldung do ass, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité les contrats de bail et les avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

Ech hunn Iech nach zwou Saachen ze soen. Dir hat jo gefrot, e Bilan ze kréien. Mir gi lo op de Summer duer. Wat dee Bilan elo dëst Joer ausseet, wéi aussokräfteg, dee lo dëst Joer ass – mee mir hunn dru geduecht, wollt ech Iech soen. Dat kënnt.

### ENG STËMM:

September.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ass et September? Jo, duerch de Covid. An da wëll ech Iech nach eng Informatioun matginn. Dir hutt scho vläicht héiere vum Kanal KUK, e Kulturkanal iwwer Video, vum Serge Tonnar, President vu MASKéNADA, an d'Liewe geruff. Wou Kënschtler sech kënne virtuell en scène setzen. Dee Projet ass an dräi Phasen agedeelt. Si si lo an der éischter Phas. Dat heescht si lafen un, si hu sech gegrënnt, si fänken un. Déi Phas geet bis Dezember. Mir als Gemeng stellen hinnen de Sonotron gratis zur Verfügung, also e Sall, fir Opnamen ze maachen. Als Ënnerstëtzung fir d'Kënschtler, déi och keng einfach Zäit hunn.

Da komme mer zum nächste Punkt. Wou si mer elo? Lo komme mer bei d'Règlements communaux. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Dir fannt hei eng ganz Rei Reglementer, déi dës Kéier scho vill éischter op der Diffcloud sinn. Merci eise Servicer. Ech hoffen, dann hat och jiddereen Zäit, déi ofzefueren oder ofzetrëppelen an ze kucken, ob alles an der Rei war. Et si gréisstendeels Steeën, Bennen, Fassade mat Parkverbueter – ech hunn näischt Extraes dra fonnt.

Wat vläicht ervirzehiewen ass, dat ass, dass mer de Parking an der Rue Pierre Gansen wäerte spären, well an der zweeter Hallschent vum Juli d'Kiermes zu Nidderkuer ass. Soudass mer dëst Joer awer eng Kiermes zu Nidderkuer respektiv an der Gemeng hunn. Dat freet eis.

Dir hutt bestëmmt Froen. Ech waarden dann op d'Froen. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

### GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir d'éischt wëll ech mech dem Merci vun der Madamm Pregno uschléissen. Et ass effektiv esou, dass verschidden Drénglechkeetsreglementer méi fréi um Diffcloud sinn, wat eng Consultatioun vun de Chantieren oder eng Visitt vun de Chantieren erlaabt an eng Verbesserung fir d'Sécherheet vun eise Bierger duerstellt.

Et waren zwou Saachen, déi mer net gefall hunn bei den Drénglechkeetsreglementer – eeben aus där Ursaach, well ech mech domat ofginn a well ech se liesen. Et si vill Leit, déi laachen driwwer, wa mer hei dervu schwätzen. Mee heiansdo si Saachen dran, déi si wierklech net fir ze laachen. Well et handelt sech ëmmer ëm d'Sécherheet, sief et vun den Autofuerer, sief et vun de Foussgänger oder vun de Cyclisten. Dat ass awer eng wichteg Saach.

Ech schwätzen hei vum Drénglechkeetsreglement 8989. Dëst Drénglechkeetsreglement behandelt eng Situatioun zu Déifferdeng an der Rue de Lasauvage, beim Haus Nr. 31. E Fassadebauer mécht Aarbechten un engem Haus, e brauch e Baugerüst a muss d'Foussgänger ëmleeden. Wat fir de Benotzer vum Trottoir eng Geforesituatioun kann duerstellen, well deelweis d'Strooss matbelagert gëtt oder eng Deviatioun vum Foussgänger gemaach gëtt op déi aner Säit vun der Strooss.

Seng Demande gëtt de 24. Juni ënnerschriwwen an de 26. public gemaach, dat heescht d'Demande fir de Règlement d'urgence ze kréien. An der Autorisatioun kann ee liesen, dass d'Aarbechte vum 10. Juni bis den 31. August daueren. Also hunn d'Aarbechten ouni Geneemegung 14 Deeg virun der Autorisatioun ugefaangen. Et ass net virgesinn, eng Autorisatioun réckwierkend auszestellen. Dëst stellt eng Irregularitéit duer. Pro-

*Christiane Brassel-Rausch rappelle que le conseil communal a demandé un bilan du 1535°. Elle ne sait pas à quel point il sera pertinent cette année, mais le collège échevinal n'a pas oublié ce point.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch demande s'il aura lieu en septembre.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la nouvelle chaine KUK de Serge Tonnar, le président de Maskenada. Les artistes peuvent s'y mettre en scène virtuellement. Le projet est subdivisé en trois phases. La première durera jusqu'en décembre. La Ville de Differdange leur met le Sonotron à disposition gratuitement pour les enregistrements.*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point concernant monsieur Altmeisch, les règlements.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que cette fois-ci, les règlements ont été transférés sur le Diffcloud plus tôt. Elle remercie les services responsables. Elle espère que chacun a eu le temps de se rendre sur place pour vérifier que tout était en ordre.*
*Il s'agit des règlements temporaires habituels. Laura Pregno signale simplement que le parking de la rue Pierre-Gansen sera fermé pendant la kermesse au cours de la deuxième moitié de juillet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'associe aux remerciements de madame Pregno. Les règlements d'urgence ont été placés sur le Diffcloud plus tôt, ce qui a permis une visite des chantiers.*
*Guy Altmeisch a deux remarques à faire. Il sait bien que certains se moquent de lui quand il entre dans les détails. Mais il y va de la sécurité des automobilistes, des cyclistes et des piétons.*
*Le règlement d'urgence 8989 traite de la maison numéro 31 dans la rue de Lasauvage à Differdange. Le propriétaire veut refaire sa façade et le chantier empiètera donc sur le trottoir. La demande date du 24 juin. Elle a été rendue publique le 26 juin. Mais les travaux ont eu lieu de 10 juin au 31 juin, c'est-à-dire 14 jours avant l'octroi d'une autorisation. La situation est donc*

*irrégulière et risque d'entrainer des problèmes. Si un accident survenait alors que le constructeur n'a pas d'autorisation, qui serait responsable?*
*La deuxième remarque concerne le croisement de la rue Woiwer et de la rue de Soleuvre, où des centaines d'automobilistes se retrouvent bloqués tous les jours à cause du chantier. Guy Altmeisch regrette que les feux tricolores ne soient pas adaptés à la situation. Ils fonctionnent comme si les voitures pouvaient circuler dans les deux sens, ce qui n'est pas le cas.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 10, les changements au sein des commissions consultatives. Le DP a proposé monsieur Jos Glauden comme membre de la commission des loyers en tant que propriétaire.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *signale que la dernière fois, le conseil communal a commis l'erreur de nominer un propriétaire au lieu d'un bailleur.*
*(Interruption)*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il a nommé un locataire et non un propriétaire.*
*(Interruption)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *proteste. Il aurait fallu nommer un bailleur.*

**TOM ULVELING (CSV)** *acquiesce.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute qu'il est question aujourd'hui d'un supplément. Il s'agit de nommer un bailleur louant un bien.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point supplémentaire, ajouté en début de séance.*

blemer si vun Ufank u virprogramméiert.

Des weidere wier ech gespaant, wann et do zu engem Incident géif kommen, wärend deene 14 Deeg, wou de Constructeur, de Fassadebauer keng Autorisatioun huet, wien do responsabel kéint gemaach ginn a wéi déi Situatioun do géif berengegt ginn.

Eng zweet Situatioun, déi mer net gefält – an net nëmme mir, déi gefält och deenen Honnerten an Honnerte vu Leit, déi all Dag do am Stau stinn, net. Dat ass déi berüümt-berüchtegt Kräizung Rue Woiwer / Rue de Soleuvre, wou dee Bäcker ass. Wou mer e Laangzäitchantier hunn, deen aus der Woiwerstrooss eropkënnt. A wou d'Zoufaart zum Contournement zou ass.

Déi Situatioun, déi provozéiert Stauen. Dat ass ganz kloer. Mee wat mech e bëssen enttäuscht, dat ass, dass op dësem Chantier d'Verkéiersluuchten net der aktueller Situatioun ugepasst gi sinn. Déi sinn nach eemol esou geschalt wéi virdrun, wéi wann de Verkéier an déi zwou Richtunge géif lafen. Doduerch vergréissere mer de Stau enorm. Do kéinte mer de Stau staark reduzéieren, andeems d'Luuchten op d'Clignotante géife geschalt ginn. Oder déi gréng Phas mat där rouder Phas géif ëmgeschalt ginn oder der aktueller Situatioun ugepasst ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d'approuver les règlements temporaires de curculation.*

Ech soen Iech villmools Merci. Da géife mer zum Punkt 10 kommen, Changements au sein des commissions consultatives. Wou et drëms geet, dass d'DP an der Mietskommissioun, en tant que propriétaire, den Här Jos Glauden nominéiert huet.

(Ënnerbriechung)

Jo, also proposéiert huet.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Feeler, deen eis ënnerlaf ass, dat ass, dass mer d'leschte Kéier e Proprietär nominéiert hunn an net e Bailleur nominéiert hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

E Locataire hate mer. Kee Proprietär.

Mer mussen e Proprietär …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Nee, nee. Déi lescht Sessioun hate mer als Assesseur-bailleur, een nominéiert, deen am Fong net Bailleur ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Genau.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An et geet hei drëm, e Supplement-bailleur ze nennen, deen och selwer verlount einfach.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Kënne mer driwwer ofstëmmen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt, dee mer am Ufank vun der Seance zousätzlech op den Ordre du jour geholl hunn. Ech géif d'Wuert un den Här Mangen ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech soen Iech Merci, datt Der akzeptéiert hutt, dee Punkt op den Ordre du jour ze huelen. Et sinn d'Statute vum Minett Park, déi leschten Donneschdeg, de 25. Juni, hei an dësem Sall unanime ugeholl gi sinn. Dat huet deemools nach Association Fond-de-gras parc industriel et ferroviaire geheescht. Mer hunn et elo op den Numm Minett Park Fond-de-gras ëmgeännert, fir et e bësse méi attraktiv ze maachen an och e bësse méi kuerz.

Wat och wichteg ass: Mir hunn e Siège postal kritt, wat mer virdrun net haten. Deen ass op der Adresse postale 2, Fond-de-gras L-4576 Nidderkuer. Et ass wichteg, datt d'Associatioun eng Postadress huet. Virdrun ass et ëmmer op Péiteng gaangen. Elo geet et op de Site selwer. D'Adress ass och op de verschiddenen digitale Medien ze fannen.

D'Objete vun der ASBL si méi prezis formuléiert ginn. Et bleift en gros d'selwecht, et huet sech net vill geännert. Et ass e bëssen aneschters beschriwwe ginn.

Bis dato waren ni Kotisatiounen opgehuewe gi vun der Associatioun. Gesetzlech gëtt et verlaangt, datt Kotisatiounen opgehuewe ginn. Déi hu mer elo op 10 Euro festgeluecht. D'viregt Joer waren et 5 Euro. Dat hu mer elo erhéicht wéinst Covid, well d'Entréeën elo vum Site knapp gi sinn. De Maximum ass op 50 Euro festgeluecht.

Den Haaptproblem war …

(Ënnerbriechung)

Jo, 10 Euro pro Persoun. Also et ass ëmmer nominal, déi Persoun am Conseil d'administration, ob déi elo vun der Gemeng oder vum Staat do sëtzt, muss aus perséinleche Grënn bezuelen.

De Problem ass, et si vill Acteuren, déi do zesummekommen. Jiddwereen versicht natierlech, seng Interêten ze representéieren. Et hëlt ee vläicht dann net ëmmer Récksiicht op deen aneren. Fir eng Representatioun ze fannen am Conseil d'administration, déi allgemeng gerecht ass, hate mer relativ laang diskutéiert. Ech wëll net soen, wéi laang et gedauert huet, well soss schummen ech mech. Et freet mech, datt mer awer ongeféier op en Accord komm sinn, mat der Kompositioun vum Conseil d'administration, dee maximal aus 15 Leit bestoe kann. Ee President, dat war virdrun de Fall, elo kommen zwee Vizepresidenten derbäi. Déi ginn all dräi Joren nei gewielt.

D'Kompositioun vum Conseil d'administration ass geännert ginn. Et ass och versicht ginn, eng Paritéit ze hu vun deene verschiddenen Acteuren. Dat sinn zwee Membere vun der Gemeng Déifferdeng, zwee Membere vun der Gemeng Péiteng, de Buergermeeschter vun Zounen. Da véier Membere vum Kulturministère. Do waren d'Memberen oppen, an dat hu mer awer kënne reduzéieren. Dorënner ee Member vu Sites et monuments, ee vum Centre national de recherche archéologique, een Agent vum Musée national d'histoire an ee vum Kulturministère. Dann ee Representant vum Tourismusministère, ee Representant vum Train 1900, ee Representant vun der Minièresbunn an ee Representant vum ORT Sud.

Vun de Memberen hier hu mer och gewiesselt. Et bleiwe just nach d'Membres actifs, an d'Membres honoraires. D'Membres donateurs – well do och ni eng Demande do war an och ni eppes gewiescht war –, déi Notioun hu mer bifféiert.

Déi verschidde Procès-verballe kënne vun anere Leit consultéiert ginn. Dat war bis elo net de Fall. An de Conseil d'administration representéiert d'Associatioun, an net nëmmen eleng de President. Et ass och fixéiert ginn, wéi de Conseil d'administration funktionéiere soll an datt do och ee Member mat Procuratioun drun deelhuele kann.

Et gouf och eng laang Diskussioun: D'Associatioun besteet aus engem Conseil d'administration, deen entscheet, wéi dat alles ofleeft. Virdru war et e klenge Bureau de coordination vun e puer Leit, déi sech ëm dee gängege Verlaf vum Minett Park gekëmmert haten. Dee sollt u sech vun de Statute gestrach ginn. Dat waren och laang Diskussiounen, datt dat net sollt gemaach ginn. Do si mer ons eens ginn, op Propositioun vum President, datt mer de Bureau de coordination weider um Liewen halen, mee datt en awer keng Decisioun huele kann. D'Decisioun kann

**ROBERT MANGEN (CSV)** *remercie le conseil communal d'avoir accepté d'ajouter ce point concernant les statuts du Minett Park à l'ordre du jour. Les statuts ont été approuvés à l'unanimité le 25 juin.*

*L'Association Fond-de-Gras parc industriel et ferroviaire s'appelle désormais Minett Park Fond-de-Gras. L'adresse postale est le 2, Fond-de-Gras, L-4576 Niederkorn. Avant, le courrier était envoyé à Pétange.*

*Les objets de l'ASBL ont été précisés.*

*Jusqu'à présent, l'association ne prélevait pas de cotisations. Pourtant, elle y est obligée par la loi. La cotisation est désormais fixée à dix euros au lieu de cinq euros l'année dernière. L'augmentation a été décidée pour faire face à la perte de revenus due à la COVID-19.*

*(Interruption)*

*Robert Mangen précise qu'il s'agit de dix euros par personne.*

*(Interruption)*

*Robert Mangen ajoute que toute personne siégeant au conseil d'administration doit verser une cotisation.*

*Le problème est que de nombreux acteurs participent au projet et chacun défend ses propres intérêts. De longues discussions sont nécessaires pour prendre une décision. Robert Mangen aurait honte d'avouer combien de temps il a fallu, mais la composition du conseil d'administration a finalement été fixée à 15 membres. Deux vice-présidents s'ajoutent au président. Ils sont élus tous les trois ans.*

*Le conseil d'administration se compose de deux membres de la commune de Differdange, deux membres de la commune de Pétange, le bourgmestre de Saulnes, un membre de l'Administration des sites et monuments, un membre du Centre national de recherche archéologique, un agent du Musée national d'histoire, un membre du ministère de la Culture, un représentant du ministère du Tourisme, un représentant du Train 1900, un représentant de la Minièresbunn et un représentant de l'ORT Sud.*

*Les procès-verbaux peuvent être consultés. Le conseil d'administration représente l'association. Le*

*fonctionnement du conseil a été fixé.*
*Après de longues discussions, il a été décidé de préserver le Bureau de coordination, mais celui-ci ne prend plus de décisions. Il est composé d'un représentant des communes de Pétange et Differdange, d'un représentant du ministère de la Culture, d'un représentant du ministère du Tourisme, d'un représentant du Train 1900 et d'un représentant de la Minièresbunn.*
*À cause des restrictions sanitaires, les activités du Train 1900 ne reprendront que dans deux semaines. Le train ne pourra transporter que 80 personnes. Les voyageurs devront réserver leurs places.*
*La situation de la Minièresbunn est plus complexe. Les wagons sont petits. Le nombre restreint de voyageurs ne permet pas de compenser les pertes.*
*L'autre problème concerne le fonctionnement des associations. Les bénévoles réalisent du bon travail. Mais il est temps que les associations réfléchissent à leur façon de travailler, car la situation stagne depuis des années. Pour Robert Mangen, il faut professionnaliser le fonctionnement. Il faut recruter des personnes pour développer les activités sur le site. Le nouveau conseil d'administration devra réfléchir à la question.*
*Par ailleurs, les moyens financiers mis à disposition par les communes et le ministère ne suffiront plus à l'avenir. Mais avant de prendre une décision à ce sujet, il faut que les associations communiquent aux communes et aux ministères comment elles comptent travailler à l'avenir.*
*La commune de Pétange soumettra les statuts au vote du conseil communal la semaine prochaine. Robert Mangen a voulu mettre ce point à l'ordre du jour aujourd'hui pour que les travaux puissent commencer avant les grandes vacances.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se réjouit du fait que les statuts soient enfin disponibles. Il espère que désormais, les choses avanceront sur le terrain.*
*Qu'en est-il du centre pour visiteurs ? Il en est question depuis une éternité.*

nëmmen am Conseil d'administration geholl ginn.

De Büro gëtt relativ enk gesinn: Dat sinn ee Representant vun der Gemeng Péiteng an Déifferdeng, ee vum Ministère de la Culture, ee vum Ministère du Tourisme, ee Representant vum Train 1900 an ee vun der Minièresbunn. Dat huet en Accord fonnt. Et freet mech, datt et esou wäit komm ass.

D'Situatioun vum Minett Park ass net roseg, duerch de Covid. Et gëtt keng Aktivitéite wéi normalerweis um Site, wéinst Restriktiounen. Den Train 1900 fänkt a 14 Deeg un ze fueren. D'Leit kënne sech aschreiwen. Mee si kënnen nëmmen 80 Leit pro Zuch mathuelen. D'Leit musse sech umellen an déi Restriktioune wéi am normalen Transport public respektéieren. Bis elo gouf et net vill Umeldungen. Ech maachen en Appell un d'Leit, déi bereet sinn, se ze ënnerstëtzen, datt se sech umellen.

D'Minièresbunn, dat ass e bësse méi schwiereg, dat si méi kleng Waggonen. Si maachen Aktivitéiten, mee réduit. Wou se e bësse mam Zuch fueren, mee och nëmmen eng begrenzten Unzuel vu Leit kënnen unhuelen. Egal, och déi puer Leit, déi matfueren, wäert net duergoen, fir déi verschidde finanziell Perten, déi se hunn, auszegläichen. Dat ass ee Problem.

Een anere grousse Problem, deen ech och ugesprach hunn an der leschter Assemblée générale, wou ech relativ sec war als Nach-President vun dëser Associatioun: Et ass ëmmer gutt gaangen, et si vill benevole Leit, déi sech do engagéieren. Mee de Site, deen ass iergendwann op engem Punkt ukomm, wou et net méi weidergeet.

Ech hunn deene verschiddenen Associatiounen un d'Häerz geluecht, datt se sech an Zukunft sollen iwwerleeën, wéi se wëlle schaffen. Benevole kënne se all maachen, déi hunn dat ganz gutt gemaach. Et kann een hinne kee Virworf maachen. Mee et stagnéiert säit e puer Joren.

Ech mengen, et misst een op e professionelle Wee goen, datt ee Leit astellt. Dat kënnen och Leit vun hinne sinn, déi um Site sinn, datt een d'Aktivitéite kann auswäiten, datt de Site méi beliefft gëtt. Dat si Fuerderungen un deen neie Conseil d'administration, datt déi Iwwerleeunge gemaach ginn. Dat hunn ech do ugereegt, datt dat gemaach gëtt. An ech mengen, déi verschidden Acteuren hunn dat och verstanen.

An Zukunft muss een och kucken – d'Gemengen an och de Ministère, dat sinn u sech déi Haaptacteuren, déi déi ASBL finanziell ënnerstëtzen. Mat deene Moyenen, déi mir hunn, wäert et sécherlech an Zukunft net méi duergoen. Do musse mer eis iwwerleeën, wéi mer do virginn. Ech hunn och gesot gehat, éier mer se, als Gemengen jiddefalls, do finanziell nach méi ënnerstëtzen, datt se hir Hausaufgabe maachen an ons soen – ons an deene verschiddene Ministèren –, wéi se an Zukunft wëlle schaffen. Dat wollt ech zousätzlech soen.

D'Statutenännerung, dat kënnt déi nächst Woch, mengen ech, an de Gemengerot zu Péiteng. Dofir hunn ech e bësse gedrängt, datt mer dat maachen, datt mer deen neie Conseil d'administration, datt mer deen nach kënne wielen, éier d'Vakanz ufänkt. Datt dee kann ufänke mat schaffen. An och déi ganz Aarbecht, den Oflaf mat Covid, wéi dat soll oflafen an och d'Zukunftsperspektiv, datt mer sou fréi wéi méiglech kënnen ufänke mat schaffen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Meisch, wannechgelift. Duerno den Här Schwachtgen an dann den Här Muller.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Ech mengen, mir all si frou, dass dës Statuten elo endlech, no laange Joren, virleien. An engems hoffe mer, dass elo d'Brems geléist ass an um Terrain e bësse méi geschitt. Stéchwuert: Accueil oder Besucherzentrum Fond-de-gras. Ech weess net, wéi laang mer schonn doriwwer schwätzen. Mir sti voll derhannert a gesi souguer nach méi wäit. Mir stëmmen dës Statute gäre mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt fir d'alleréischt emol dem Här Mangen, als Vertrieder vun der Gemeng Déifferdeng, villmools Merci soen. En huet jo schonn dacks geklot hei. Vu dass elo en Aboutissement an de Statuten ass, kréie mer vläicht d'Saach deblockéiert, wéi den Här Meisch gesot huet, mat verschiddene Projeten, déi scho laang unhängeg sinn. Ech denken do un d'Renovatioun vum Site, un de Kanaluschloss vum Site, un de Besucherzentrum an esou weider an esou weider. Ech mengen, do gëtt et vill ze dinn.

Et muss een e bëssen d'Geschicht verstoen. De Site Fond-de-gras war am Fong Minièresbunn an Train 1900. Soss net vill. Plus d'Wiertschaft nach, wa mer déi mat eranhuelen. Lues a lues sinn all déi aner Sitten derbäi komm. De Site archéologique war am Ufank net esou richteg derbäi. Tëtelbierg, Giele Botter, d'Millen zu Rolleng, Lasauvage an esou virun. Dee Site ass vill méi grouss ginn. Zounen ass interesséiert.

An deem Sënn ass et schonn eng riseg Organisatioun, wann een dat ganzt touristescht Naturgebitt do wëll englobéieren, fir dat alles an eng Associatioun ze faassen, wou ganz vill Acteure sinn. An och all Acteur mengt, hie wier dee wichtegsten heiansdo. Dat wëll ech och betounen. Nom Mischos Pit war ech laang Vertrieder vun der Naturschoul. Déi, leider, elo net méi am Conseil d'administration erëmzefannen ass. Wat och e bësse fir Mëssstëmmung gesuergt huet, wéi ech gëschter iwwer Telefon erfuer hunn.

Ech géif do just den Appell maachen, d'Naturschoul trotzdeem anzebannen. Well et gëtt jo hei dee Passus dran: « Le conseil d'administration peut encore proposer à l'assemblée générale la nomination de deux autres personnes ayant des compétences dans la réalisation de l'objet social de l'association ». Also do wier nach eng Dier op, ouni nach eng Kéier groussen Zauber ze maache mat neie Statuten.

An ech mengen, et ass och esou, wann ech retracéieren, d'Naturschoul huet säit jee hier – kuerz no der Grënnung schonn – e grousse Rôle gespillt an der Zesummenaarbecht mat Schoulklassen, mat Aktivitéiten, surtout Lasauvage, Minièresbunn, Tëtelbierg, Giele Botter. Wou vill Visitten a vill Journée-scolairen an esou virun zesummen organiséiert gi sinn. Mam Fréderic Humbel, deen ech ganz grouss schätzen als Administrateur op deem Site.

Déi Zesummenaarbecht soll een net op d'Spill setzen. Mir als Gemeng Déifferdeng an als Gemeng Péiteng hunn Interêt drun. Well d'Naturschoul fonctionéiert och mat der Gemeng Péiteng zesummen, wou mer jo och en Enseignant hunn, deen notamment an der Rollenger Mille Klassen empfänkt an hinnen de Prozess vum Muele vum Weess, a vum Getreide allgemeng, méi no bréngt. Dat heescht, mer profitéieren all vun enger gudder Zesummenaarbecht. An deem Sënn gesinn ech dat och fir d'Zukunft.

Zemools elo, an Zäite vun enger eventueller Extensioun, wa mer nach iwwert den MAB schwätzen, also Man and the Biosphere, Europaprojet an esou virun, op 2022 lass ginn, gëtt et héich Zäit, dass mer aktiv ginn an eis Jalonen hei am Eck setzen. Ech huelen et och a Verbindung mam Territoire naturel transfrontalier, mat der Gemeng Zounen, Héiseng, Herserange, Longlaville an esou virun. Wou dat wierklech e formidabele Site kéint ginn.

Mäin Dram war ëmmer, en Naturreservat Minett-West ze kreéieren. Ech mengen, de Minett Park geet an déi Richtung. Mee Dir hutt komplett Recht, Här Mangen, wann Der sot, et muss professionaliséiert sinn. Et kann net sinn, dass den Zuch herno net méi fiert, well op eemol ee krank ass oder keng Loscht méi huet. Dass dann dee ganze Betrib stoebleift.

Et muss natierlech mat de Leit geschafft ginn. An dat ass en Challenge, wou mir als Gemengen et musse fäerdegbréngen, dass mer déi Leit zesummenhalen, dass mer eng Entente do kréien, déi an de leschte Joren ëmmer besser ginn ass. Mee déi awer ganz, ganz problematesch war an den Ufanksjoren. Ech soen Iech Merci.

*Les démocrates approuveront les statuts.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Mangen. Il espère qu'avec l'approbation des nouveaux statuts, certains projets se débloqueront comme l'a dit monsieur Meisch. Il mentionne la rénovation du site, le raccordement au canal, le centre pour visiteurs… Il reste beaucoup à faire.*

*Frenz Schwachtgen rappelle qu'à l'origine, le site du Fond-de-Gras se constituait de la Minièresbunn et du Train 1900. Désormais, il faut y inclure le site archéologique, le Titelberg, le Giele Botter, le moulin de Lamadelaine, Lasauvage, Saulnes…*

*Si l'on veut intégrer tous ces sites touristiques, on obtient une organisation énorme composée de nombreux acteurs. Or chaque acteur pense être le plus important.*

*Après Pit Mischo, Frenz Schwachtgen a longtemps été le représentant de l'École nature au sein du conseil d'administration. Désormais, l'École nature n'en fait plus partie, ce que l'orateur regrette ! Cependant, le conseil d'administration a encore la possibilité de nommer deux personnes supplémentaires sans que les statuts aient besoin d'être revus. L'École nature a joué un rôle important dès le départ en participant à des activités avec des classes à Lasauvage, au Titelberg, à la Minièresbunn et au Giele Botter en collaboration avec l'administrateur du site, Frédéric Humbel.*

*La commune de Differdange et la commune de Pétange ont intérêt à ce que le Fond-de-Gras collabore avec l'École nature. Frenz Schwachtgen rappelle qu'un enseignant tient des cours dans le moulin de Lamadelaine. Tout le monde profiterait d'une bonne coopération.*

*Il est temps de placer des jalons dans le cadre du projet « Man and the Biosphere » et de 2022. Frenz Schwachtgen mentionne aussi le Territoire naturel transfrontalier. Il rêve d'une réserve naturelle Minett Ouest.*

*Monsieur Mangen a raison de dire qu'il faut professionnaliser le fonctionnement du site. Il est intolérable qu'un train ne circule pas parce que quelqu'un est malade ou*

*n'a pas envie de se déplacer. Les communes doivent conserver les collaborateurs qui ont bien travaillé ces dernières années, mais sans oublier tous les problèmes des débuts.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que personne d'autre ne demande la parole.*
*(Interruption de M. Muller)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que monsieur Muller souhaite intervenir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse. Elle plaisante sur le fait que monsieur Muller doit se faire remarquer.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Christiane Brassel-Rausch explique qu'elle n'avait pas regardé de son côté.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *remercie monsieur Mangen pour son engagement. Il est parvenu à trouver un consensus concernant les statuts.*
*Erny Muller trouve aussi qu'il faut professionnaliser le fonctionnement du site. Le gestionnaire, Frédéric Humbel, doit se sentir soutenu par toutes les associations. Comme l'a dit monsieur Schwachtgen, personne ne ferait mieux que lui à ce poste.*
*Pour ce qui est des statuts, les communes de Differdange et Pétange occupaient la présidence de l'association à tour de rôle. Désormais, le président est élu par le conseil d'administration, ce qui est logique.*
*Pour le reste, Erny Muller espère que la situation liée à la COVID-19 s'améliorera. L'année prochaine, de nouveaux projets devraient voir le jour.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *constate que l'entente entre les différents acteurs est bonne désormais.*
*Pour ce qui est du centre pour visiteurs, monsieur Lopes a présenté un chouette projet. Tout le monde n'est pas d'accord avec l'emplacement. Comme il s'agit d'une réserve naturelle, l'Administration des sites et monuments et le ministère de l'Environnement doivent trouver une solution satisfaisant tout le monde.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Wa keng Wuertmeldung méi do ass …

(Ënnerbriechung)

A pardon. Pardon, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech muss haut ganz roueg sinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

O jee. Nee, Dir musst Iech bemierkbar maachen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, ech hat d'Hand gehuewen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, et ass, well ech de Bléck net no uewen hunn.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir wëllen dem Här Mangen Merci soe fir säin Engagement. Ech weess perséinlech, dass et sécher net einfach war, mee hien huet et fäerdegbruecht als President, fir e Konsens ze fannen. Nei Statute sinn elo ugeholl ginn. Dofir felicitéiere mer him nach eng Kéier.

Seng Schlussfollgerungen, déi e gesot huet, wat d'Professionaliséierung an esou weider vun deem Site ubelaangt, kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Chapeau un d'Acteuren alleguer, och wéi se elo schaffen. Mir mussen eis virun hinne verneigen. A virun allem ass et wichteg, dass de Frédéric Humbel, deen de Gestionnaire vum Site ass, spiert, dass en ënnerstëtzt gëtt. An dass déi ganz Associatioun hannerun him steet. Wéi schonn den Här Schwachtgen sot, mir kéinte kee Besseren hu fir d'Aufgab an deem Minett Park.

Zu de Statuten: D'office war et esou, dass ofwiesselend d'Gemeng Déifferdeng dräi Joren an duerno d'Gemeng Péiteng de Virsëtz hat vun dëser Associatioun. Dat ass elo an deenen neie Statuten net méi esou. An deenen neie Statute gëtt de President duerch de Conseil d'administration gewielt. Bon, dat ass eeben esou. Et schéngt mer och logesch, dass de Conseil d'administration e Matsproocherecht huet, wat d'Wiel oder d'Selektioun vum President ubelaangt.

Fir de Rescht hoffen ech, dass de Site aus där Covid-Situatioun erëm erauskënnt. Dëst Joer wäert et wuel schwiereg ginn, mee ech wënsche fir d'nächst Joer een neien Elan mat neie Projeten. Wou ech och héieren hunn, Här Mangen, dass verschiddener elo um gudde Wee sinn. Ech mengen, dat si Perspektiven, déi gesinn net schlecht aus. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Mangen freet d'Wuert nach eng Kéier.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci fir d'Ënnerstëtzung. De Knuet huet sech geléist déi lescht Méint. D'Entente ass wierklech gutt zwëschent deene verschiddenen Acteuren. Doriwwer kann ee sech elo net méi bekloen.

De Besucherzentrum – se haten e flotte Projet virgestallt kritt vum Här Lopez, wat se och zefriddegestallt huet, de Projet vun enger Architektin. Mat der Plaz ass net jiddwereen honnertprozenteg averstanen. Fir eng flott Plaz ze fannen, fir dat ze maachen, do sinn nach Diskussiounen, well et an enger Gréngzon ass. Sites et monuments schaffen drun, de Ministère de l'Environnement ass drun. Do muss eng Léisung fonnt ginn, wou jiddwereen averstanen ass mam Site. Mee deen, deen elo geplangt ass, wär sécherlech sënnvoll.

D'Naturschoul, dat war eng Diskussioun. Mir hunn do geduecht, et sinn der deelweis vun der Gemeng, déi do mat dra sinn, datt se automatesch dann och vun der Gemeng géife vertruede ginn. Dat war eng Iwwerleeung. An déi aner Iwwerleeung war, datt déi Acteuren, déi finanziell zu der ASBL bäidro-

en, méi Pouvoir hunn. Et huet een awer, wéi Der gesot hutt, Här Schwachtgen, d'Méiglechkeet, fir Leit bäizehuelen. Dat wäerte mer an Zukunft op jidde Fall maachen. Ob dat d'Naturschoul ass oder aner Experten oder Associatiounen, déi kënnen dozou bäidroen, fir de Site nach méi ze beliewen, datt mer déi op jidde Fall bäihuelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa mer dann zum Vott kënne kommen. Ech géif virschloen, dass de Schäfferot déi Leit bestëmmt, déi an de Conseil ginn, an Iech dat matdeelt. Als Zousaz. Wa mer an deem Sënn kënnen ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les nouveaux statuts du Minett Park Fond-de-Gras ASBL.*

Villmools merci. Da géife mer zu de Froe kommen, déi ugemellt gi sinn. Dat sinn: den Här Meisch, den Här Muller, den Här Bertinelli an den Här Ruckert.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

A leschter Zäit gi mer reegelméisseg op d'Lotissement Ouschterbur ugeschwat. Huet de Schäfferot Informatiounen, firwat do säit Méint näischt geschitt? Oder firwat et net virugeet? Gëtt et do Problemer? Dat ass déi kleng Fro, déi mer hätten. Merci.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn amgaang ze iwwerleeën. Da froe mer dat no?

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Jo, jo, gären.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wéi maache mer dat elo mam Nofroen? Gëtt dat op d'Diffcloud gesat? Oder gëtt dat am nächste Gemengerot …?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Eng schrëftlech Äntwert un deen, deen d'Fro gestallt huet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Eng schrëftlech Äntwert un deen, deen d'Fro gestallt huet. Okay.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Kréie mir dann eng Kopie?

(Gelaachs an Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir kritt se gemailt. Geet dat? Okay. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn eng Fro betreffend d'Ënnerstëtzung vun der lokaler Geschäftswelt. Dir waart schonn drop agaangen an de Kommunikatiounen. Meng Fro: Ass séchergestallt, dass jiddweree gehollef kritt? Dass keen am Ree stoegelooss gëtt, no där Prozedur, wéi Der se elo wëlles hutt duerchzezéien? An huet de Schäfferot eng Enveloppe budgétaire virgesi fir dës Mesuren? A wat fir enger Gréisstenuerdnung ass dës Enveloppe?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dass keen am Ree stoe gelooss gëtt – do musst Der méi prezis sinn. Well eis Geschäftswelt ass ganz heterogeen. Mir hu grouss Commercen, mir hu kleng Commercen, mir hu Restaurateuren, mir hu Firmaen. Do wéilt ech vun Ärer Säit méi Prezisiounen.

*La question de l'École nature a été traitée. L'école est représentée automatiquement par la commune. On a aussi réfléchi à accorder plus de pouvoir aux acteurs soutenant l'ASBL financièrement. Le comité d'administration compte aussi intégrer d'autres membres, mais Robert Mangen ne sait pas s'il s'agira de l'École nature ou d'autres experts ou associations.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux questions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *explique qu'on lui a parlé plusieurs fois du lotissement Ouschterbur récemment.*
*Le collège échevinal sait-il pourquoi les travaux n'avancent pas depuis des mois ? Y a-t-il des problèmes ?*
*(Interruption)*
*François Meisch plaisante sur le fait qu'il reste les moutons pour nettoyer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'est pas au courant.*
*(Interruption)*

**TOM ULVELING (CSV)** *croit savoir que la route est terminée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de se renseigner.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *l'en remercie.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande si la réponse sera ajoutée au Diffcloud.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de répondre par écrit à celui qui a posé la question.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait en recevoir une copie.*
*(Rires et discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de répondre par e-mail.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur la question du soutien au commerce local. Le collège échevinal est-il sûr que tout le monde reçoit de l'aide ?*

*A-t-il prévu une enveloppe budgétaire ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que monsieur Muller doit se montrer plus précis. Le commerce differdangeois est très hétérogène. Il y a de grands magasins, de petits magasins, des restaurateurs, des entreprises…*

**ERNY MULLER (LSAP)** *parle des magasins qui ont dû fermer, mais aussi de ceux ayant connu des pertes importantes ou qui ont eu des problèmes au redémarrage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *en a discuté hier avec le « city manager ». Elle n'est pas au courant de problèmes de redémarrage.*
*Le collège échevinal prévoit de mettre en place un article budgétaire, mais le montant n'a pas encore été fixé. La Ville de Differdange ne veut pas jouer toutes ses cartes en une fois, car la situation évolue de semaine en semaine. Parmi les mesures prises figure celle d'un jeu-concours où l'on peut gagner des bons de cinquante euros.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Christiane Brassel-Rausch ne peut pas lui garantir que personne ne sera oublié.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Christiane Brassel-Rausch ne peut pas répondre à cette question.*
*(Interruption de M. Ulveling)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *parle des commerces ayant souffert le plus, pas des grands magasins. Certains ont dû fermer. D'autres ont continué à payer leur loyer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que les seules initiatives concernent les bons cadeaux et les sacs. D'autres idées circulent, mais elle ne veut pas encore en parler.*
*En tout cas, le collège échevinal n'oublie pas les commerçants.*
*Christiane Brassel-Rausch ne peut pas en dire plus pour le moment.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient sur la question de l'insécurité. Les gens en parlent de plus en plus. Même la police n'ose plus se rendre dans certaines zones. Il faut trouver une solution.*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll haaptsächlech agoen op déi Geschäfter, déi hu mussen zoumaachen. Dat ass emol dat Éischt. Ech mengen, dat ass eng Konditioun. An och déi, déi substanziell Perten hu respektiv Problemer beim Redemarrage, fir elo erëm hiert Geschäft richteg un d'Dréien ze kréien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hu gëschter nach mat eisem City-Manager geschwat. Deen hat déi nämmlecht Fro gestallt kritt. Dass mir elo direkt substanziell Problemer mat engem Redemarrage hätten, hunn ech bis dato keen Echo kritt. Dir hutt mer dräi Froe gestallt. Elo weess ech net méi –Dir hutt mech aus dem Konzept bruecht …

Also e Budget gëtt erstallt, et gëtt en extraen Artikel gemaach. An dee Budget ass nach net fest. Well, wéi ech ganz am Ufank gesot hunn, mir verschéissen d'Polver net all. Mir sinn dës Woch schonn erëm an enger anerer Situatioun wéi d'lescht Woch. Déi dräi Mesuren, oder déi véier, déi bis elo geholl gi sinn, hunn ech opgezielt. Zéng Leit kréien e Bong vu 50 Euro bis an de Mäerz eran. Dat hat ech ganz am Ufank gesot. Wat war déi aner Fro?

(Ënnerbriechung)

Also ech kann Iech elo net garantéieren, et gëtt keen am Ree stoe gelooss – dat ass esou eng absolutt Ausso. Dorop kann ech Iech net äntwerten.

(Ënnerbriechung)

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat hat ech jo gesot, wéi ech dat gesinn. Dat heescht, dass mer effektiv déi, déi och am meeschte gelidden hunn – net déi grouss Geschäfter, déi souwisou op haten, déi e groussen Avantage hate vis-à-vis vun deenen aneren. Hei geet et wierklech ëm déi, déi hu mussen zoumaache wärend där ganzer Zäit. An déi och kee Loyer geschenkt kritt hunn, sief et vun der Gemeng oder vun hirem Proprietär, deen hinnen d'Geschäftslokal verlount.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Déi eenzeg Direktinitiativ ass déi, déi mer mat de Bonge gemaach hunn. Déi gëtt elo ëmgesat, mam Akafskuerf. Mer hunn der nach am Hannerkapp. Mee mir waarden nach. Et gëtt verschidden Iddien, op déi ech elo net wëll agoen, well se net sprochräif sinn. Awer mir hunn d'Geschäftsleit net vergiess. Dat ass dat eenzegt, wat ech Iech soe kann. Méi kann ech Iech elo zu dësem Moment net soen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gär geschitt. Elo ass et um Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ier ech gesot hunn, datt ech eng Fro géif stellen, hat Der duerno an der Kommunikatioun drop geäntwert. Dat ass dee grousse Problem, dee mer hu mat Onsécherheeten an eiser Stad. Dat kënnt ëmmer méi. An dat gëtt een ëmmer méi dobausse vun de Leit gefrot. Mer hunn e puer Zonen an eiser Gemeng, déi praktesch gesetzfräi sinn. Wou souguer eis Police sech bal net méi hintraut. Wou mer awer musse kucken, fir dat iergendwéi geléist ze kréien.

Well dee Problem, deen hu mer viru Jore schonn ugeschwat. Deemools ass et e bësse banaliséiert ginn. Dee Problem gëtt vu Joer zu Joer ëmmer méi schlëmm. An och fir déi Awunner, déi an deene Quartiere wunnen, gëtt et mat Momenter invivable. Sou wäit, datt scho Leit mer gesot hunn, datt se hiert Haus verkafen an do ewechplënneren. An dat kann et jo awer net sinn.

Ech mengen, mir si jo awer déi drëttgréisst Stad a mir sinn e Rechtsstaat nach ëmmer. An et kann net sinn, datt mer esou Saachen akzeptéieren. Och wann d'Police seet, si hätte keng Moyene méi, fir dogéint virzegoen, géif ech de Maximum u Moyenen, déi mir als Gemeng hunn, asetzen, fir dann do an-

zegräifen. Ech mengen d'Buergermeeschtesch huet nach ëmmer Moyenen, fir do anzegräifen.

Mir mussen awer iergendwéi deem akute Sécherheetsproblem, dee mer net nëmmen op enger Plaz, mee op ville Plazen an der Lescht hunn, entgéinttrieden. Dat ass eppes, wou een dobaussen – héchstwarscheinlech net nëmmen ech, mee vill vun Iech – vun eise Bierger gesot kritt. Mir haten eng Kéier eng Diskussioun, viru Joren, wou mer mat de Leit geschwat hunn. Do ass kee richtege Suivi komm, wat d'Sécherheetsnorm ugeet. Et sollt ee kucken, wat fir eng Moyenen een als Gemeng huet, fir dat awer elo an de Grapp ze huelen.

Eng aner Fro ass, Madamm Buergermeeschtesch, wat den Här Muller elo gefrot huet. Déi Fro hat ech eisem City-Manager gestallt. Nom Covid, elo wou d'Geschäfter erëm konnten opgoen, war meng logesch Fro, wéi vill Geschäfter dann net méi opmaachen.

Well et ass mir zu Ouere komm, datt e groussen Hotel matten an der Stad säi Restaurant net méi opmécht. An dat huet mech zur Iwwerleeung bruecht. Deen eréischt viru Kuerzem opgemaach ginn ass, fuschnei. Datt dee seet, ech maachen net méi op. Do hunn ech mer awer Froe gestallt. An eenzel Caféen, matten an eisem Stadkär, déi och net méi opmaachen. Eenzel Geschäfter.

Do hunn ech geduecht, de City-Manager, dat ass jo déi Persoun, déi a Relatioun mat de Geschäftsleit ass. Ob hie wéisst, ob hien den Tour bei d'Geschäftsleit gemaach hätt, wien dann do net méi géif opmaachen. An hien huet gesot, dat géif hien nëmmen dem Schäfferot soen. Dat géif hien deem Groupe économique net soen. Dat huet mech e bëssen erstaunt, well mir sëtze jo an deem Groupe économique.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech froen dat no. Wann hien eis et seet, kënne mir Iech et jo soen. Ech denken, do ass kee Problem. Et ass näischt Geheimes.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wousst dat vun anere Leit, déi mer gesot hunn, et geet net méi op. An hie wousst och vun eenzeler net, datt se zou wieren. Do war einfach meng Fro – wéinst der Saach vun deem Groupe économique, dee menger Meenung jo awer do ass, fir dat Ganzt um Liewen ze halen a wann enzwousch Problemer sinn, sech de Kapp an deene Sitzungen ze zerbriechen, wéi een dat kéint dann erëm an d'Rei kréien. Duerfir einfach déi heite Fro, ob dee lo muss all Kéiers dem Schäfferot e Rapport maachen, ier en do däerf an deem Groupe économique iergendeppes soen? Dat ass mer esou virkomm. Ech hunn net esou richteg verstanen, firwat e gesot huet, e kéint eis dat net soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dann ass et um Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, bis virun engem Joer hat ArcelorMittal d'Geneemegung, op experimenteller Basis, Pneuen ze verbrennen hei zu Déifferdeng an hiren Anlagen. Am Juli ass e Kommodo/Inkommodo gemaach ginn, wou eng ganz Rei vun Déifferdenger Leit – ech erënnere mech, et waren der op d'mannst iwwer 100, déi Asproch dergéint erhuewen hunn. Zënterhier huet een näischt méi héieren.

Virun e puer Deeg sinn ech gewuer ginn, dass d'ArcelorMittal d'Geneemegung kritt huet, fir a groussem Mooss esou Pneuen hei zu Déifferdeng ze verbrennen. Ass de Schäfferot doriwwer informéiert ginn? Gëtt et eng Prozedur, dass déi, déi Asproch erhuewen hunn, dat musse matgedeelt kréien? Oder wéi

*La commune discute de ce problème depuis des années. On a beau le banaliser, il empire chaque année. Pour les habitants, la situation est invivable. Certains veulent déménager.*
*Differdange est la troisième ville d'un État de droit. Il est inadmissible que la police n'ait pas les moyens d'intervenir. La commune doit faire tout ce qu'elle peut…*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli répète qu'il faut intervenir, car le problème ne concerne pas seulement un endroit, mais plusieurs. Des discussions ont eu lieu avec les citoyens, mais il n'y a pas eu de véritable suivi. De quels moyens la commune dispose-t-elle ? Pour ce qui est du commerce, Fred Bertinelli a demandé récemment au « city manager » combien de magasins n'ouvriront plus. En effet, il a entendu dire que le restaurant d'un grand hôtel du centre-ville ne rouvrira pas. La même chose est vraie pour quelques cafés et magasins.*
*Fred Bertinelli supposait que le « city manager » était au courant puisqu'il est censé faire le tour des magasins. Mais il a répondu qu'il ne donnait ces informations qu'au collège échevinal et pas au comité d'accompagnement économique. C'est étonnant.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui posera la question.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *fait partie du groupe économique.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *veut bien communiquer ces informations au conseil communal si le « city manager » les lui fournit.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch constate que ce n'est rien de secret.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *en avait entendu parler.*
*(Interruption de Mme Brassel-Rausch)*
*Fred Bertinelli répète que le « city manager » n'était pas au courant de certaines fermetures. Est-il censé faire un rapport au collège échevinal avant de parler au comité ? Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi il ne pourrait pas en parler.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle qu'il y a un an, ArcelorMittal a obtenu l'autorisation de bruler des pneus à Differdange de manière expérimentale. À l'époque, plus de cent habitants ont réclamé. Mais Ali Ruckert n'en a plus entendu parler.*
*Or il y a quelques jours, il a appris qu'ArcelorMittal pouvait bruler des pneus en grandes quantités. Le collège échevinal est-il au courant ? Les réclamants seront-ils informés ? Il est étonnant qu'ArcelorMittal dispose d'une autorisation depuis un moment sans qu'on en parle.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal n'est pas au courant.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch se renseignera.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se souvient que récemment, les jobs d'étudiants au sein de la commune ont été tirés au sort. On vient de lui demander si c'est toujours le cas.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich se demande si ce système est vraiment le meilleur. Car on explique aux jeunes qu'ils doivent rédiger une bonne demande. Certains veulent se former dans un secteur particulier. Mais un tirage au sort ne leur permet pas de choisir un domaine particulier.*
*Gary Diderich comprend la raison pour laquelle la Ville de Differdange procède par tirage au sort. Mais il n'est pas sûr que ce soit la meilleure solution. L'objectif est-il d'éviter que les mêmes étudiants soient choisis tous les ans ?*
*Si l'on prend l'exemple des bibliothèques, on se rend compte qu'il n'y en a pas beaucoup où on peut rassembler de l'expérience.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il faut distinguer deux points.*
*D'un côté, il y a les jobs d'étudiants pendant les vacances. De l'autre, il y a les stages. Dans le cas des stages, les demandeurs peuvent préciser dans quel domaine ils souhaitent se former.*
*La Ville de Differdange accepte les stagiaires dans la mesure de ses capacités.*

leeft dat? Op alle Fall war ech ganz erstaunt doriwwer, dass elo op eemol déi Geneemegung schonn eng länger Zäit soll do sinn, ouni dass dat iwwerhaapt iergende Mënsch wousst.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Zu dësem Abléck kann ech Iech just soen, dass de Schäfferot näischt dovunner weess. An dass mer dat wäerten nofroen – mat Interêt. Merci fir d'Fro.

An dann nach eng Fro vum Här Diderich, ier mer an d'Séance non-publique ginn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt d'Fro stellen: Rezent ware jo d'Studentenjobs gezu ginn, au tirage au sort. An do hu Bierger mech drop ugeschwat, Leit mech ugeschwat, déi zum Deel och Jonker begleeden, fir ënner anerem an d'Beruffswelt. Fir eeben Jobs ze fannen. Respektiv och aus engem spezifesche Secteur, wou d'Plaze rar sinn, wou ee kann Erfarunge maachen. A si hu mech gefrot, ob dat ëmmer esou bei eis ass, datt dat au tirage au sort ass.

Ech wollt déi Fro stellen, ob dat ëmmer esou ass an ob dat dee beschte System ass. Well u sech si jo awer d'Leit, déi probéieren, de Jonke wäiss ze maachen, dass een eng gutt Demande soll schreiwen. An déi zum Deel och geziilt a verschiddene Richtungen Erfarunge wëlle sammelen, och fir hire CV spéider. A se iwwert deen dote Wee am Fong guer keng Chance hunn, opgrond vun hirer spezifescher Formatioun oder esou, dat an enger gewësse Richtung ze maachen.

Also, ech verstinn de Grond, aus eiser Siicht, fir dat esou ze maachen. Mee duerch déi Nofroen, wollt ech déi Fro awer weiderginn. Well ech mer och net sécher sinn, ob et déi beschte Léisung ass, och am Hibléck op déi dote Krittären.

Ob et vläicht besser ass, dass een d'Leit e bëssen aussetze muss, souzesoen, een, zwee Joren, ier se erëm e Studentenjob kréien, fir dass net ëmmer déi nämmlecht geholl ginn. Oder dass een do vläicht eppes anescht fënnt. Ech soe lo ganz konkreet: am Bibliothéikeberäich. Et gëtt net vill Bibliothéiken, wou ee kéint esou eng Erfarung maachen. Da kann een net geziilt, souzesoen d'Chance hunn, zum Beispill hei an de Bibliothéikeberäich ze kommen, wann dat éischter esou gezu gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Et gëtt zwou Saachen. Dat eent sinn d'Studentenjobs. Dat ass einfach fir ze schaffen, fir an der Vakanz Suen ze verdéngen, fir sech iergendeppes kënnen ze kafen als Student. Dat anert si Stagen. Dat heescht, do kann een d'Demande maachen, wann ee gären e Stage mécht op der Gemeng. Well mir si jo awer nach ëmmer do fir Ausbildung.

Sou laang d'Capacitéit do ass, huele mir gäre Leit an d'Ausbildung. Dat sinn zwou verschidde Saachen, souwäit ech d'Saach verstinn.

(Ënnerbriechung)

Mat CAE-Kontrakter, jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mee hei si jo Leit, déi vläicht nach an der Formatioun sinn, déi nach net kënnen e Stage maachen an déi nach net e CAE-Kontrakt kënne maachen, déi awer vläicht schonn Erfarunge wëlle sammelen an engem Beräich. Och e Beruff wëllen …

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

E Stage geet awer ëmmer. Et kann ee sech gäre mellen, fir e Stage non rémunéré ze maachen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay, et kann ee sech mellen, fir e Stage och am Summer ze maachen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass eebe just …

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Et kann een ëmmer eng Demande maachen un d'Administration communale, an da geet dat weider, normalerweis.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass natierlech och esou, dass eis Servicer mussen d'Capacitéit hunn, een ze begleeden. Et huet kee Wäert, een an de Stage ze huelen, an herno huet de Service selwer net d'Capacitéit, een anstänneg ze begleeden. Well wann et herno ass, fir e Stage an der Bibliothéik ze maachen, an et stëbst een d'Bicher, well grad dee Moment d'Persoun keng Zäit huet, well se vläicht eleng ass, dann ass de Stage net sënnvoll agesat. Mir kucken och ëmmer mam Service: Hutt der d'Capacitéit, een ze encadréieren? Well soss mécht et jo kee Sënn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mee dann ass et halt non rémunéré, awer déi Méiglechkeet gëtt et definitiv. Do si mir och op, fir esou Leit eranzehuelen, esou Jonker.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat ass dann non rémunéré?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

De Stage ass non rémunéré, jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da schléisse mer déi ëffentlech Sëtzung of. An ech soen Iech villmools Merci. Da gi mer an d'Séance non-publique. Ech soen dem Här Even villmools merci a komplimentéieren en dann elo ganz gentil eraus.

*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch répond qu'il s'agit de CAE.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *parle de personnes en formation et qui ne peuvent donc pas être recrutées en CAE.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'ils peuvent postuler à un stage.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *réplique que l'on peut postuler à un stage pendant les vacances d'été.*
*(Interruption de Mme Pregno)*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *suppose que l'on peut adresser une demande à l'administration à tout moment.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'un stage ne sert à rien si le service n'a pas le temps d'encadrer le stagiaire, qui risque de se retrouver en train de dépoussiérer des livres en bibliothèque.*
*En tout cas, la commune propose ce type de stages non rémunérés.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'étonne qu'ils soient non rémunérés.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *confirme cette information.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance publique et remercie monsieur Anen.*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale qu'il s'agit de monsieur Ewen.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance.*

# DÉMARCHES ADMINISTRATIVES: DÉCLARATION DE NAISSANCE

Dès la naissance de votre enfant, des démarches administratives doivent être effectuées pour inscrire votre enfant au registre d'état civil, l'affilier à l'assurance-maladie et pour avoir droit à diverses allocations et/ou indemnités.

L'enfant doit être déclaré auprès du service de l'état civil de la commune du lieu de naissance de l'enfant dans un délai de cinq jours après la naissance. En principe, c'est le père qui déclare la naissance de l'enfant. À défaut du père, le médecin, la sagefemme, la maman ou toute autre personne ayant assisté à l'accouchement peut faire les démarches.

Plusieurs pièces sont à produire :
- Un avis de naissance délivré par la sagefemme ;
- Le livret de famille ou un acte de mariage pour les personnes mariées ;
- Les pièces d'identité et les actes de naissance des personnes non mariées.

Vous devez également faire part du nom de l'enfant à l'officier d'état civil. L'enfant peut porter le nom du père ou de la mère.

Les parents non luxembourgeois doivent déclarer l'enfant à la commune et ensuite à leur consulat ou ambassade respectifs.

Les parents portugais et capverdiens doivent déclarer leur enfant au consulat AVANT la déclaration au registre d'état civil.

L'officier d'état civil vous donne ensuite plusieurs extraits de l'acte de naissance à remettre aux organismes et personnes suivantes :
- L'administration de votre commune de résidence ;
- Votre employeur ;
- La Caisse nationale des prestations familiales avec la demande d'allocations familiales et de naissance qui vos est remise par l'officier d'état civil ;
- Votre caisse de maladie.

# L'Essentiel du Rire

8 spectacles

2e édition




## 7 AU 15 NOVEMBRE 2020

plus de 20 artistes

## AALT STADHAUS & HALL 0

DIFFERDANGE

WWW.LESSENTIELDURIRE.COM

ORGANISATION

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL AALT STADHAUS Differdange

Ville de Differdange

PARTENAIRE PRINCIPAL

L' essentiel


GRAVITY
Vivre, travailler, se rencontrer
dans le cœur de la ville
• 80 appartements dont 32 en vente
• Logements pour tous
• Prix très attractifs
Posez votre candidature dès maintenant !
La date limite de remise des demandes est fixée au 15 novembre 2020.
→ differdange.lu/gravity
Ville de
Differdange